



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 25. 10. 2021



DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	4
1. PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL ET PROJETS D'AMÉNAGEMENT PARTICULIERS	5
Procédure d'adoption du nouveau projet d'aménagement général de la Ville de Dudelange – vote du conseil communal suivant article 14 de la loi modifiée du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain et approbation du nouveau règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites	
2. APPROBATION DU PROJET DE CONSTRUCTION DE NOUVELLES INSTALLATIONS POUR LE SERVICE DE LA GESTION ET DU MAINTIEN DU PATRIMOINE	47

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Sylvie Andrich-Duval ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Messieurs Claude Martini, Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 14.00 heures.
Après la prise d'une photographie du nouveau conseil communal, Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les présents.

1 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Le conseil communal est appelé à se prononcer sur l'adoption du nouveau projet d'aménagement général de la Ville de Dudelange suivant article 14 de la loi modifiée du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain et approbation du nouveau règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites. Après que les projets furent présentés au conseil communal par le bureau Zeyen & Baumann, et après délibération détaillée sur tous les voltes du dossier, le conseil communal

1. décide, avec 14 voix et 5 abstentions, d'apporter à l'avis de la Commission d'Aménagement du 27 janvier 2021 relatif au nouveau Projet d'Aménagement Général (PAG), les réponses reprises au tableau annexé à la décision, qui selon les conclusions tirées ont conduit aux modifications afférentes dans les parties graphique et /ou écrite du Projet d'Aménagement Général (PAG) ;

2. décide, avec 14 voix et 5 abstentions, d'apporter à l'avis de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable du 8 octobre 2020, sur le Projet d'Aménagement Général (PAG), les réponses reprises au tableau annexé à la décision, qui selon les conclusions tirées ont conduit aux modifications afférentes dans les parties graphique et /ou écrite du Projet d'Aménagement Général (PAG) ;

3. décide, avec 13 voix et 6 abstentions, d'apporter à l'avis de la Cellule d'Evaluation du 1er février 2021, sur le Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP-QE), les réponses reprises au tableau annexé à la décision, qui selon les conclusions tirées ont conduit aux modifications afférentes dans les parties graphique et /ou écrite du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP-QE) ;

4. décide, avec 14 voix et 5 abstentions, d'apporter aux réclamations soumises, les réponses reprises au tableau énumérant les différentes réclamations, objections et observations (001 à 078), tel que ce tableau est annexé à la décision et réclamations, qui, selon les conclusions tirées, ont conduit aux modifications afférentes (1) dans les parties graphiques et /ou écrite du Projet d'Aménagement Général (PAG) et/ou (2) dans les parties graphiques et /ou écrite du

Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP-QE) ;

5. approuve, avec 11 voix et 8 abstentions, le Projet d'Aménagement Général (PAG), parties écrite et graphique, accompagné des documents et annexes prescrits par la législation y relative, tel qu'il a été modifié ou adapté suite aux réclamations et avis officiels reçus ;

6. approuve, avec 11 voix et 8 abstentions, le Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP-QE), parties graphique et écrite, de notre collègue des bourgmestre et échevins, mis en procédure parallèlement à la procédure de refonte complète du PAG, couvrant les mêmes fonds, sous sa forme revue et complétée suite aux réclamations et avis officiels reçus.

Finalement, le nouveau règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites est approuvé avec 11 voix et 8 abstentions.

2 – NOUVEAUX ATELIERS COMMUNAUX

Les infrastructures du service de la gestion et du maintien du patrimoine, dans la rue de l'Abattoir, s'avèrent être trop exigües pour recueillir tout le personnel et pour ainsi répondre aux nécessités toujours croissantes des services industriels communaux et de ses dépendances administratives. Le deuxième site administratif, installé dans l'ancienne usine de gaz, recueille, outre le service gaz et eau, aussi divers services administratifs liés au service de la gestion et du maintien du patrimoine.

Les nouvelles infrastructures, à construire sur le site dans la rue de l'Abattoir, permettront de recueillir l'ensemble du personnel des services industriels : administratif, technique et exploitation.

Ainsi, le conseil communal marque son accord avec 18 voix et 1 abstention au projet des plans et devis pour la construction de nouvelles installations pour le service de la gestion et du maintien du patrimoine dans la rue de l'Abattoir, établi par l'association momentanée des architectes « kplan® AG » et « AE Architecture et Environnement » pour le montant global du projet de 24'955'252,04€, toutes taxes et honoraires compris.

Fin de la séance vers 19.15 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 25.10.2021

I. PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL AN PROJETS D'AMÉ- NAGEMENT PARTICULIERS

Adoptionsprozedur vum neie Projet d'Aménagement général vum der Stad Diddeleng – Vott am Gemengerot, no Artikel 14 vun dem modifizéierte Gesetz vum 19. Juli 2014 iwwer den Aménagement communal en den Développement urbain an Approbation vum neie Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, schéine gudder Mëtten. Ech géif lech ganz häerzlech begréissen hei beim Vott ronderëm d'PAG vum der Stad Diddeleng. Den zweete Vott, nodeems mer jo d'lescht Joer de PAG offiziell an d'Prozedur geschéckt hunn. Mir begréissen och eis Gäscht, déi eis de ganze Mëtte wäerte begleeden, presentéieren, och duerch de Mëtte féieren an Erklärungen ginn. Vun eisem Planerbüro d'Chantal Zeyen an de Jean Brodeur. A vun eisem Service technique, d'Cathy Mambourg, d'Eva Gottschalk an den Tom Bernard. Éier ech lo d'Wuert weiderginn un d'Chantal Zeyen an de Jean Brodeur géif ech nach e puer introduktiv Remarke maachen, respektiv de generelle Kader skizzéieren, an deem mer eis befannen an och e bëssen op d'Chronologie vum Kader agoen, an deem mer eis befannen. Respektiv dann awer och iwwert den Deroulement an och déi Dokumenter, déi dem Gemengerot zur Verfügung gestellt goufen. Ech mengen et war eng ganz Rëtsch Dokumenter, et waren der zimmlech vill, mee déi sinn awer ganz wichteg, fir haut hei kënnen den zweete Vott virzehuelen.

Iwwert de PAG setze mer natierlech och d'Weiche vun der zukünftiger Entwécklung vun der Stad Diddeleng als véiertgréisst Gemeng hei am Land, als CDA-Gemeng mat regionalem Charakter. Aktuell hu mer jo 21.600 Awunner. An dat theoreetescht Potenzial, dat mer ausweisen – ech betounen: dat theoreetescht Potenzial – dat si jo 31.500 Awunner wou Diddeleng kéint erreechen. Dat heescht jo net, dass mer dat

erreechen, mee dat ass dat theoreetescht Potenzial. Och an der Presentatioun, déi mer lech haut de Mëtten hei maachen, bleiwe mir där Ausrichtung trei, déi mer och hei am éischte Vott, wéi mer de PAG an d'Prozedur geschéckt hunn, presentéiert hunn. Engersäits gi mer Richtung Noverdichtung, Inneverdichtung, am Kader am Kader vum Bauperimeter, an deem mir eis befannen. Mir maache maache keng generell Extensioon vum Bauperimeter, ausser bei engem Projet à Utilité publique, respektiv - à quelques exception près – wou mer scho Situatiounen am Ament virfannen, mee déi si ganz spezifesch a mir wäerten an der Presentatioun herno dorop agoen. Mir wäerten awer och eng Mixitéit vun eise Quartiere behalen an iwwert deen dote Wee och d'Identitéit schütze vun eise besteeënde Quartieren. An dat dréit natierlech och zu der Identitéit vun der Stad Diddeleng bäi, an och zu hirem Patrimoine, dee se huet. An och zu der Charakteristik, déi mir hei als Stad Diddeleng hu vun der Blockrandbebauung.

An der Presentatioun vun de Mëtte gesitt Der och erëm, dass mer generell eng Mixitéit vun de Funktiounen wëlle behalen. Sief dat, wann een hei wunnt, hei schafft, hei konsuméiert, hei Fräizäitgestaltung mécht an der Stad Diddeleng an och an hire Quartieren. An ech mengen dat ass net onwichtig, well an deenen Dokumenter, déi jo och schon d'leschte Kéier zur Verfügung stoungen, weess ee jo dass eng ganz grouss Verbondenheet besteet vun den Diddelenger zu der Stad Diddeleng. Well d'Moyenne vun der Dauer, wou een hei zu Diddeleng wunnt, dat si 26,2 Joer. Also dat ass eng laang Zäit vu Verbondenheet, déi een och zu dieser Stad huet. Wat jo och ganz positiv ass, a wat och zur Identitéit vun dieser Stad bäidréit. An natierlech fënnt een och hei am PAG eng Entwécklung a Phase vun der Stad erëm. An hei gi mer eis iwwert de PAG eng Rei Instrumenter, fir déi Entwécklung kënnen ze begleeden. Dat e bëssen als generell Remark. Ech ginn net sou an den Detail, wéi ech dat virun engem Joer gemaach hunn am Kader vun der Mise en Procédure vum PAG. Mee dat sinn am Fong déi generell iwwergeuerdent Prinzippien, déi eis hei leeden, an déi mer och probéieren de Mëtten an der Presentatioun ze bewahren am Kader och vun de Reklamatiounen, déi mer vun de Bierger kritt hunn, respektiv och am Kader vun den Avisen, déi eis haut hei virleien.

Par Rapport zu der Chronologie ass et jo sou, dass mer den éischte Vott hei am Gemengerot den 28. Februar 2020 haten, wou mer et fir d'éischt an d'Prozedur geschéckt hunn. Do virdrun hate mer jo och ausganks Januar / ufanks Februar zwee informell Gemengeréit, wou mer och dat Ganzt presentéiert hunn. Duerch déi ganz Covid-Kris hu mer de Vott hei am Gemengerot nach eng Kéier renouvelléiert. Dat war den 30. Juni 2020, wou natierlech och déi ganz Prozedur nach eng Kéier ugelaft ass an och déi Delaien, wou dann d'Bierger och kënnen reklaméieren an an deem Kontext sinn dann och Avise rakomm. Also, wéi gesot, den 30. Juni 2020 hu mer dunn nach eng Kéier offiziell de PAG an de PAP Quartier existant an d'Prozedur geschéckt. Kuerz duerno, den 13. Juli 2020 hate mer eng éffentlech Informatiounsversammlung, déi mer op eng ganz

hybrid Aart a Weis gehalen hunn, hei am Haus, an dem Auditorio. Engersäits mat physischer Presenz mee awer och iwwert Visiokonferenz, Live-Stream, wou eng Rei Bierger ons suivéiert hunn, en présentiel, mee awer och iwwert Visiokonferenz an eis och do eng ganz Rei Froe gestallt hunn. An deem Kontext, an deem d'Prozedur gelaf ass vum Juli bis ufanks August, do konnten d'Bierger eis natierlech och hir Reklamatiounen eraschécken. An am Ganzen hu mer 74 Reklamatiounen kritt. Am Kader vum PAG, mee awer och am Kader vum PAP Quartier existant.

Et muss een awer soen, vun deene 74 Reklamatiounen, do si 5 Reklamatiounen, déi d'Leit da selwer zréckgezunn hunn. Mir haten natierlech eng ganz Rei Auditioenen mat deene Bierger. Et ware 6 Auditioenen, wou mer d'Reklamanten héieren hunn. Dat war de 25. an de 26. November 2020, den 30. an den 31. März 2021, den 21. Abrëll an den 11. Mee 2021. Also 6 Auditioenen, all Kéiers während engem ganzen Nimmten. Hei ass awer och ze bemerken dass 3 Reklamanten, obwuel mer se relancéiert hunn, guer net an d'Auditioenen komm sinn. Dir hutt an Ären Dossieren niicht deene Reklamatiounen awer och d'Avise virleien. Engersäits den Avis vun der Commission d'Aménagement. Deen ass eis de 27. Januar 2021 zougestallt ginn. Dann den Avis vun der Cellule d'Évaluation vum Intérieur. Dat war den 1. Februar 2021. An den Avis vum Ëmweltministère, deen ass eis den 8. Oktober 2020 zougestallt ginn. Wat een hei generell ka soe par Rapport zu de Reklamatiounen, déi mer kritt hunn an zu den Auditioenen, déi mer haten. Wat jo och e ganz flotte Moment ass, téschent der schréftlecher Reklamatioun, déi ee kritt an dann der Auditioen, déi ee jo dann en présentiel huet mat deene Biergerinnen a Bierger zesummen. Da versteet ee jo och firwat eng schréftlech Reklamatioun erakomm ass, dat ass eng ganz aner Dynamik wéi nëmmen am Écrit. Do ware mer an den Diskussiounen zimmlech open, sou dass an deene Proposen, déi haut hei virleien, dass een do ka soen, dass een 2/3 vun de Reklamatiounen wëll Rechnung droen. Dat ass eng Ouverture déi mer gemaach hunn. Mee och dat weist, dass déi Auditioenen net onwichtig sinn. An d'Gesetz gesäit jo vir, dass een déi Auditioenen mat de Bierger a Biergerinnen huet.

Wat natierlech hei spezifesch ass fir de PAG an och de PAP Quartier existant, dass mer parteiwwergräifend hei e Groupe de Travail agesat hunn als Gemengerot. An am Fong huet dee Groupe de Travail souwuel virun deem éischte Moment, wou mer dee PAG d'lescht Joer d'éischte Kéier an d'Prozedur geschéckt hunn an och duerno sech am Ganzen 18 Mol gesinn. Ech wéilt hei och deene verschiddene Memberen, déi an deem Aarbechtsgrupp waren e ganz grouse Merci soe fir hiert Abréngen an dach eng immens eng ganz technesch Matière, déi oft de PAG ass an och de PAP Quartier existant. Dat ware Sitzungen, déi awer an der Moyenne ëmmer 2 Stonne gedauert hunn. Wou mer eis am Ganzen 18 Mol zesumme gesat hunn. An do hu mer och alles duerchgeholl. An am Fong och déi Reklamatiounen, déi komm sinn, déi Avisen, déi mer vun de Ministère kritt hunn, déi Proposition, déi mer

lech haut als Schäfferot hei dem Gemengerot maachen, wat de PAG ugeet, dat sinn alleguerten Elementer, déi an deem Groupe de Travail presentéiert goufen, beschwat goufen, diskutéiert goufen a wou mer awer och an der Stellungnam vum Groupe de Travail bestärkt goufen, dass mer och um richtege Wee sinn. An de Groupe de Travail, dee mer haten huet natierlech och zur Virbereedung gedéngt, fir de Gemengerot vun haut. Nach eng Kéier e grouse Merci fir d'Abréngen vun deenen eenzele Memberen op deem doten Niveau. Dat zur Prozedur. Haut gétt elo hei den 2. Vott virgeholl.

Da par Rapport zu den Dokumenter, déi de Gemengerot zur Verfügung gestallt krut. Dat sinn der eng ganz Rei. De Mëtte gétt eng Zort Opbereedung gemaach, fir lech den Exercice awer ze vereinfachen. Iwwert den Aarbechtsgrupp gouf et jo och d'Méiglechkeet, lech d'Dokumenter och am Virfeld schonn zur Verfügung ze stellen niicht der offizieller Prozedur. Mee fir lech den Exercice vun haut ze erliichteren hu mer engersäits e bëssen en Tableau synthétique vun deene verschiddene Reklamatiounen, déi mer rakritt hunn am Kader vum PAG a vum PAP Quartier existant mat de Propositionen vum Schäfferot. Dann awer och en Tableau synthétique vun den Avisen vun der Commission d'Aménagement, vun der Cellule d'Évaluation an och vum Environnement. Dat gouf lech och am Virfeld zur Verfügung gestallt. Dat sinn am Fong och déi wichteg Dokumenter mat deene mer eis hei de Mëtte wäerte befaassen.

Et ass och sou, dass mer da fir d'Prozedur ofzeschléissen 7 Votte wäerten zesummen huelen. Engersäits de Vott iwwert d'Propositionen vum Schäfferot par Rapport zu de Reklamatiounen, par Rapport zu dem Avis vun der Cellule d'Aménagement, Cellule d'Évaluation, Cellule Environnement. Da wäerte mer en bloc iwwert de PAP ofstëmmen, dann en bloc iwwert de PAP Quartier existant an dann och iwwert d'Baute-reglement. Dat sinn déi verschidde Votten, déi mer herno chronologesch wäerte virhuelen. A wat och haut wichtig schéngt ze sinn, dass mer eis am Laf vun der Presentatioun an och vun der Diskussioun eens ginn, an dat musse mer herno och sou an der Deliberatioun aktéieren, wéi eng Punkte mer en bloc kënnen ofstëmmen an en Fonction vun der Diskussioun, wéi eng Punkte mer separat ofstëmmen. Well och dat muss herno an der Deliberatioun sou aktéiert ginn. Dofir ass dës Gemengerot e bëssen anescht wéi déi viregt, dass Der kee Projet de Délibération virleien hutt, ass eeben dass dës Prozedur en Cours de Route am Kader vun haut de Mëtte virgeholl gétt. An natierlech, wann déi Votte geholl ginn, da wäerten déi Deliberatiounen och zoukomme gelooss ginn.

Dës gesot, wollt ech awer nach par Rapport zum Cadre général, par Rapport zur Chronologie an och par Rapport zu den Dokumenter nach déi puer Erklärungen ginn. An natierlech hu mer och, well dat och ganz wichtig ass, well mer eis hei am Kader vum Gemengegesetz beweegen, hutt Dir jo och eng Nott zougestallt kritt iwwert den Devoir de Délicatesse vun de

Gemengerotsmemberen, falls en Intérêt direct oder indirect géif bestoen am Kader vun dësem Vott, dee mer haut de Mëtten hei géife virhuelen. Da géif ech et heibäi beloossen a géif vläicht dem Chantal Zeyen an dem Jean Brodeur d'Wuert gi fir duerch d'Presentatioun ze féieren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just froen, sinn där Punkten dann elo rakomm, wou Conseillere betraff si vun deem Devoir de Délicatesse?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also et sinn eng Rei Conseillere, déi sech un eis gewant hunn, déi Froen haten, sou dass mer am Fong haut kënne soen dass à priori bei dësem Vott jidderen heibanne ka bleiwen. Mee d'waren eng Rei, déi op déi Offer zrëckgegraff hunn, wat jo och ganz gutt ass, an do konnte mer eng ganz Rei Doutten aus dem Wee raumen. Voilà. Merci nach eng Kéier fir déi doten Nofro. Ech soen lech Merci, da géif ech dem Chantal Zeyen an dem Jean Brodeur d'Wuert gi fir hei duerch d'Presentatioun vun de Mëtten ze féieren.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Merci Här Buergermeeschter, Merci fir d'Wuert. Ech hunn da lo d'Éier fir d'Conclusioun ze kucken, déi mer haten am Kader vun deene Reklamatiounen. Déi Reklamatiounen ass jo am Fong geholl am Kader vun deem Projet, de vun lech op de Wee geschéckt gouf. Do konnt jo all Particulier och nach eng Kéier soen, wat seng Bedenke waren, oder wou se Suggestiounen haten, wéi dat kéint aneschtens sinn.

Mir sinn hei ganz uewen zu Biereng, an der Rue du Nord. An do ass d'Entreprise – ech mengen et ass méi einfach, wann ech den Numm soen – Farenzena - déi waren och schonn en Vigueur als Wunnzon. Déi hu mer an der Saisine och an der Wunnzon gelooss, well mer eis gesot hunn, dass dat lo am Fong net sollt eppes sinn, wou dann herno kann eng Aktivitéit kommen, well et jo e rouege Wunnquartier ass. D'Reklamatioun, déi ass dohinner gaangen, datt d'Leit gären eng Sécherheet gehat hätten, fir do kënne bestoen ze bleiwen. Si hunn sech och dru gestouss, dass hanne laanscht do e Couloir war. Dir erënnert lech, dass dat ass fir d'Eisebunn méi breet ze maachen. Do war och e Couloir fir Reewaasserachsen. An Dir erënnert lech och dass dee ganze PAG sou en technesche Volet hat, fir déi Kohärenz vun där gesamter Geschicht hei fonctionéieren ze dinn. A si hate sech och un dem Parking hei gestéiert, dem Parking écologique.

Mir hu jo do och vill mat de Leit geschwat. Déi eng an déi aner Leit hunn och nach Saachen erageschéckt. Hei hu mer am Detail, gekuckt, wat déi Problemer waren. Doropshin ass nach eng Kéier gepréift ginn, ob wierklech déi Retentioun hei misst sinn. Deen Eck hei ass nach eng Kéier nei gekuckt ginn. Do ass gesot ginn, déi muss lo net hei sinn, punktuell. Mee well dat Ganz Neie Quartier ass, et ass als ZAD och définiert ginn. Dat ass eng Suggestioun. Heiansdo gräift dat och mat eriwwer, wat aus der Commission d'Aménagement koum, déi gesot huet: Mir komme schwéier

an deen dote Quartier. Huel dat do mat eran. Sou dass et also hei sou ass, dass mer et an der Wunnzon gelooss hunn, am ZAD. Dir wësst, dass dat eppes ass, wat méi laangfristeg ass. A mir hunn awer och do an deenen Artikelen, wou et drëm geet: Wat ass Zone d'Habitation? Do hu mer gesot, dass déi Entreprise, déi do op där dote Plaz ass, mat deene Parzellen, dass do déi Aktivitéit, déi lo do ass, de Stockage – dat war hinnen e grousst Uleies – an déi Transformation mineure, dass do déi Saache kënne bleiwen, well déi hunn en Droit acquis. A si kënne mineur Saachen dorunner änneren. Dat ass eng Kéier op där doter Plaz an dat ass och eng Kéier bei deene "Zones soumises à Plan d'aménagement Nouveau quartier". Dat heescht, wann eng Kéier hei eppes Anescht géif kommen, da muss dat dote kënne gemaach ginn. Mir hunn de Leit jo och erklärt, dass et jo och hiren Avantage ass, wa se eng Kéier wëllen ophalen. Si wëlle vläicht och eng Kéier ophalen. Mee de Moment ass hinnen dee Betrieb do wichtig an och dee Stockage. Mir konnten also do déi Saach sou an d'Rei bréngen, dass dat sou ka weider fonctionéieren. An deem Zesammenhang ass jo dann och de Schéma Directeur, dat ass jo ëmmer dee Plang, an deem Dossier do mat dran, dee weist, dass wann dann eng Kéier dësen Eck géing kommen, dass dat ganz staark vun dësem Eck ofhänkt an dass een dann do kéint erafueren.

Dat nächst ass eng Demande, wou eng Extensioun vum Perimeter gefrot gi wär, an dat op enger relativ onglécklecher Plaz, dat ass hei Tattebiérg, Rue de la Tour, wou et hei de Biérg op geet. Hei sinn e puer Fotoen, fir déi, déi dat lo net virun Aen hunn. Dat geet e bësse wéi en Huelwee, sou kéint een dat nennen. Do kann een also net dovunner schwätzen, dass dat eng besteeënd Strooss ass, dass een also nëmmen do brauch eng Demande ze maachen an ee Plang ze zeechen. Dir gesitt och dass dat hei ganz staark bewuess ass. Déi Strooss ass och eng Kéier nei gemaach ginn. Dat ass dësen Deel, hei erop. Dorobber ass keng nei Strooss gemaach ginn. Dat konnte mer dunn och nach eng Kéier novollzéien, du hu mer déi Saachen all nach eng Kéier gekuckt. Sou dass et eis hei wichtig ass, dass net sou tentaculaire Entwécklung solle kommen. An et ass op dëser Plaz, wou am Fong geholl hätt misse mol eng Kéier eng nei Strooss gemaach ginn, deem dote Wunsch net Rechnung gedroe gouf an och aus deene Grënn, déi mer scho gesot hunn, net hei zrëckbehale gouf.

An da war hei, och zu Biereng, en Plaz wou e Projet, schonn e bësselche méi laang ënnerwee ass. Wou hei gesot ginn ass, déi wieren elo hei laanscht d'Strooss an déi wieren an enger HAB1. Dat ass e bëssen haart gewiescht, wat déi Projeten, déi do ugeduecht waren ugeet. Dat do ass lo den Extrait vum Quartier existant, wou d'Saisine ass. Wou och e klengen "a" war, a wou dat dann ëmgeännert gouf an en C2. Dat heescht, do kënne lo dräimol méi Unitéiten dohinner gesat ginn. Woubäi een do natierlech muss kucken, ob dat och reell dohinner passt. Dat heescht, et kann een an enger Zon sinn, mee et muss herno awer nach ëmmer gekuckt ginn, dass d'Parkplazen, d'Breet, d'Déift

a sou weider, fonctionéiert. Sou dass hei eng Overture gemaach gouf, fir dass, wann dann hei en neie Projet kënnt, och hei war gesot ginn, et kéint nach en neie Projet gewise ginn. Deen ass awer lo net méi rakkomm. Sou dass mer hei e bëssen där Saach entgéint kommen.

Hei ass et esou, dass am PAG, an der Saisine, do hate mer ënne laanscht Richtung Frankräich, d'Tankstell ënnen, wou mer ronderëm e Gréngierdel agezeechent haten. Mir haten dat hei einfach vum Vigueur sou iwwerholl. An du ass awer du gesot gi vun de Leit, déi d'Tankstell bedreiwen, dass dat ee Problem wär. Engersäits, hei gesäit een et och do, wou d'Accès sinn. Natierlech, fir do duerch eng Gréngzon ze fueren, dat ass jo net méiglech, déi Saach ass wierklech berechtigt. An do ass och gesot ginn, dat huele mer och do ewech, dass een do ka rafueren. Eng Tankstell muss jo kënne fonctionéieren. Dat kann net sou enk sinn an et ka scho guer net duerch eng Zone de Verdure goen. Dat also eng Erreur, déi do ewechgeholl gi gouf. Par Konter ass awer dee Gréngierdel ronderëm, dee jo souwisou gréng bewuess ass, dee grénge Bestand ass a wou och Leit gesot hunn, dass se guer keng Iddi hätten, fir dat ewechzemaachen, dat ass si gelooss ginn. An der Partie écrite ass dee Moment och dat ugepasst ginn.

Also engersäits hate mer do e bëssen de Prinzip, dass déi Gebaier sollten tëschent enger Forschett vu 6 an 20 Meter stoen. Et ass och aliichtend gesot ginn: Dat mécht kee Sënn. Mir bleiwe gär déi 6 Meter zrëck, mee et kann awer mol sinn dass ee Gebai do méi handendru kënnt. A well jo dee Gréngierdel hei ronderëm ass, hu mir hei dat ewechgeholl, wat an aneren Zonen och war, dass ee seet ech muss een nach eng Kéier 10% gréng Strukturen ueleeën. Doduerch dass déi Zone de Verdure ronderëm ass, ass dat hei geséichert dass dat do bleift. A bei der Tankstell selwer ass et jo onpraktesch, do nach Gréngstrukturen dranzesetzen, respektiv fir der lo nach eng Kéier ronderëm ze setzen. Där Saach konnte mer also och Rechnung droen. Hei uewe si mer ganz am Norden, beim neie Rond-point, wou deen Eck hei bliwwen ass par Rapport zur Nopeschgemeng. An do ass jo déi Iddi, fir do d'Tankstellen aus der Uertschaft erauszehuelen a se hei uewen hinner ze maachen. Eh bien, dee Proprietär huet gemengt, dat wär lo keng gutt Iddi, dat wär eng Konkurrenzsituatioun vun där an der Uertschaft. Där Iddi ass awer net Rechnung gedroe ginn. Dat ass bäibehale ginn, well dat awer déi ursprénglech Iddi do ass, fir awer trotzdeem deen Trafic do raus ze huelen.

Dir gesitt och hei nach eng Kéier gutt, wou et beim Rond-point do läit. A well et eebe sou speziell do läit, ass och nach eng Kéier dee Saz do dra komm, dass wann déi Infrastruktur do géif kommen, wann dee Projet géing developpéiert ginn, et ass an der Partie écrite dobäi komm an där Zone spéciale, dass eeben do eng Etude de faisabilité kënnt, wéi do d'Accès wäerte sinn, wéi do d'Circulation interne ass. Well eeben déi speziell Situatioun do ass am Giratoire. Well do eebe sécherlech och d'Ponts & Chaussées matschwätzt.

Dass dat och am Virfeld misst gekuckt ginn, wéi deen Detail do wär, wann dat géif dohinner kommen. Dee Moment ass also dat hei d'selwecht. Dir gesitt och hei ëmmer, dat ass de Projet PAG Saisine. An op deser Sait ass dann de Vott. Deen ass den Ament do d'selwecht bliwwen.

Dann ass hei déi Reklamatioun an dësem Eck, wou mer déi ganz Zone d'Activité laanscht d'Lëtzebuenger Strooss, uewen am Norden, déi kommunal Zone d'Activité hunn. Wou d'Iddi ass, fir do e ganz neit Konzept drop ze maachen. A wou am Plang hei eng Mobilité douce war, also e Pad fir doranner ze goen. Fir dass een do méi kuerz Weeër huet, fir dass dat net wou wäit ass. Dat ass awer, huet de Proprietär hei gemengt, dat wär eng Gêne, dat kéint hie sech net esou virstellen. Dorobber si mer agaangen. An hei war eng kleng Erreur matérielle, wou eng Strépp Parzell ze vill doranner wär. Déi hu mer rausgeholl. Mir hunn dat ugepasst. Mee dir gesitt awer, dass mer hei am hënneschten Deel, do wou et drëm geet, en neit Konzept ze maachen, do hu mer déi Usätz vun deene Weeër gemaach, fir ze kucken wéi dann hei d'Affektatioun ass, wéi dann herno den Detail hei ass, fir do awer déi Liaison kënnen ze maachen.

Bei der Reklamatioun 8, do geet et drëm am Ribeschpont, an der Rue Ribeschpont, an der Entrée, éier dann déi grouss ZAD ugeet, fir dass hei awer à court Terme nach Habitatiounen, also Wunnenge kënnen entstoen. Dat war och am Vigueur sou. Dat ass sou gemaach ginn, dass ee gekuckt huet, dass dat e bësse méi déif ass. Well dat muss jo och iwwer de PAP gemaach ginn, well jo hei den Ufank vun där ganz neier Strooss, déi jo och e Vëloswee an e Fousswée an eventuell Bamalleeën hunn. Dass dat, wann dann hei gebaut gëtt, e PAP muss gemaach ginn. Dass an deem Kader dann, an deem kleng PAP dat och do kéint kommen. Dee Moment ass hei e bësselche méi déif gemaach ginn, mee soss ass déi Iddi awer komplett sou bliwwen. Mee et ass effektiv aus dem ZAD rausgeholl ginn, well et eeben hei vis-à-vis ass scho vun deene Gebaier. Mee de Fait dass hei en Nouveau Quartier gemaach muss ginn. Dat heescht et muss gekuckt ginn, wéi d'Breet hei vun der Strooss ugepasst soll ginn. Dat gesäit dann herno eventuell sou aus, dass do eebe dee méi groussen Tronçon do méiglech ass an dass hannendrun dann awer nëmmen Haiser kommen och grad wéi dat vis-à-vis ass.

Dann ass hei op der 9, 13 an 21. Do war engersäits gesot gi fir hei vis-à-vis och nach eng Kéier sou eng Extensioun ze maachen. Dat ass awer net zrëckbehale ginn. Och well mer hei an d'oppe Landschaft erauskommen. Dat ass net zrëckbehale ginn. A fir déi aner Saachen hei... den 13, do war gefrot gi fir déi Protektioun erfogeholl ze kréien. Do ass awer gesot ginn, dat ass deen alen Deel vu Butschebuerg, dat wëlle mer sou weider behalen. Dat ass jo dann och hei am Quartier existant. De Quartier existant huet dann och déi Informatiounen dra vum Ensembl-Schutz. Dat ass am Avis vun der Commission d'Aménagement gewiescht, respektiv vun der Cellule d'Évaluation. A fir

dat och do mat eranzehuelen. Do ass dann och nach gesot ginn, dass an deenen Haiser, déi do geschützt sinn, dass een do eng kleng Ouverture mécht, fir eebe bis zu véier Logementer kënnen ze maachen. Dass een och an deenen Halen an an deenen Niewegebauer, wou jo och méi grouss Strukture gehale ginn, dass do kann eng Aktivitéit kommen sief dat Service oder Commerce. Déi Logementer, déi kënnen kommen, awer och ëmmer ënnert där Konditioun, datt se an der Moyenne déi 80 m² hunn, sou wéi mer et och bei deenen anere Prescriptiounen festgehalten hunn.

Dann ass hei op der Place Gymnich, do géing ech proposéieren, dass de Jean dat kuerz erkläert. Well do hu mer ganz am Detail gekuckt, wat do alles méiglech wär. Do ass et drëm gaangen, fir eppes méi dohinner ze setzen, a finalement, Jean...

JEAN BRODEUR (ZEYEN & BAUMANN): Donc eux, ils avaient la demande de pouvoir construire, non pas comme c'est aujourd'hui le cas, du bi-familial, mais pouvoir aller jusqu'à des résidences de quatre logements. Ils avaient aussi une demande qu'ils pourraient augmenter... parce que lorsqu'on est dans un bâtiment protégé, on pouvait augmenter seulement de 50% la surface par rapport à ce qui était existant. Donc c'était leur deuxième demande d'augmenter plus, parce qu'ils ont quand-même une toute petite maison. Et la troisième demande, c'était de pouvoir construire ce jumelé avec le voisin. Puisqu'aujourd'hui il y a une distance de trois mètres entre les deux. Donc en principe leur réclamation est celle-ci : ils n'auraient pas de problème à construire jusque chez le voisin. On a augmenté la possibilité d'agrandir la maison. C'était 50 %. Maintenant on a augmenté à 75 %. Et l'autre demande qu'ils avaient, c'était de pouvoir développer une situation de coin. Et donc là on a fait des estimations. Il y a les deux images avant, en jaune. Donc là on leur a fait une idée, comment ils pourraient agrandir la maison. Aujourd'hui ils ont seulement la partie qui est à gauche. Et ils pourraient augmenter la maison avec le triangle à côté pour éventuellement agrandir la maison, puisque c'est une petite maison. Là je crois qu'aujourd'hui ils ont 108 m² et ils pourraient presque doubler la surface de la maison. Donc ça c'était le premier site.

Ils avaient une deuxième question, mais là c'était plutôt une question. C'est qu'ils ont un immeuble pluri-familial dans la route de Kayl, vis-à-vis du cimetière. Et actuellement ils ont deux cellules de commerce au rez-de-chaussée. Et le PAG disait que maintenant on peut faire une cellule au rez-de-chaussée. Donc là on a modifié la partie écrite et maintenant on ne permet non plus une, mais deux cellules commerciales par immeuble pour pouvoir occuper tout le rez-de-chaussée et il n'y a pas de problème. Donc ça c'était par rapport à cette demande-là.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Dann ass hei uewen och an der Nierzenger Strooss, do war eng Demande, fir hanne kënnen méi déif ze maachen. Dir gesitt, mir hunn dat hei genau iwwerholl an et ass

jo och scho virdu gesot ginn an et ass jo och an der viregter Phas diskutéiert ginn, datt mer eigentlech hei wëllen deen Ensemblen halen. An hei hannendru sinn déi Punkten, wat och am PAG Vigueur eng Zort Landschaftsschutz ass. Also et war lo net hei d'Iddi, fir do rauszegoen. Mir hunn och hei nach eng Kéier gekuckt, dass awer hannert dem Haus ëmmer nach eng gutt 10 Meter sinn, wat jo deen normale Recul ass. Sou dass och do lo d'Méiglechkeet ass, fir déi Niewegebauer oder déi Infrastrukturen, déi ee do ka maachen, wéi ee Gaardenhaischen, dat ass do ze maachen. An an deem Zesammenhang ass dat zréckbehale ginn, dass mer hei net ufänken, ee Krack ze maachen, well et hei drëm geet fir och déi Situatioun an hirem ganzen do ze halen.

Da ware verschidden Demanden hei an deem Beräich Rue de la Libération, uewen op der Kopp, Rue Bannent, wou hei gesot ginn ass, hei géif een nach gären en Niewegebai bäisetzen. Mir hunn dat e bësse gekuckt. Do sti schon eng ganz Rei Niewegebauer. Do ass am Fong dat, wat ee sech sou virstellt dach schonn do erfüllt. An et ass een elo net drop zréckgaangen, fir hei iergendeppes ze änneren, fir do ze soen, do maache mir dat méi déif, well dat jo eng zimmlech onkohärent Entwécklung géif ginn. En plus dovunner dass awer hei deen Terrain scho ganz staark genotzt ass. Dat war dat, wat lo hei gesot ginn ass.

Dann, den 13 hei. Dat ass och nach eng Kéier déi Fro, fir an engem geschützte Gebai kënnen eng Saach méi ze maachen. Dass, wann een et da scho geschützt huet, dass et dann och stoe bleibt. Dass een dann, wann een e grëssert Gebai huet... an och ëmmer wann natierlech déi aner Konditiounen stëmmen, dass een do kann déi Affektatiounen, déi da spezifesch an deene Saache sinn, déi "Constructions à conserver" sinn, an och "Gabarit d'une construction existante à préserver", déi dann och tatsächlech gehale gëtt. Dat ass dann dee Moment um Plang selwer keng Ännerung, well et an der Partie écrite do komm ass.

Dann ass hei an der Rue du Commerce gefrot ginn um Eck, Zoufftgenger Strooss, Commerce, hei hu mer d'Gemeng. Mir sinn also ganz no beim Zentrum. Do ass gefrot gi fir déi Obligatioun ewechzekerien, am Rez-de-Chaussée Geschäftsraum ze hunn oder Servicen ze hunn. An et ass gesot ginn, dass dat e bësse méi wäit dohinner jo och net de Fall wär. Mir hunn awer gesot, dass et eis ganz wichteg ass, dass den Zentrum déi Mixitéit behält, dee Charakter. Dass eeben do eng Suite ass, um Rez-de-Chaussée op d'mannst, vun Aktivitéiten. An an deem Sënn ass och elo net op déi Iddi hei zréckkomm ginn. Déi ass also sou bliwwen, fir um Rez-de-Chaussée dat ze hunn, sou wéi et festgehalten ass.

Dann ass hei een anere Punkt. En eenzelt Haus. D'Leit hunn dat kaf. Si hate sech net renseignéiert, wéi et placéiert wär, a waren elo natierlech verwonnert, datt se net kënnen hei an do bäibauen. Do muss een awer soen, dass dat do jo an der Zone verte ass. D'Zone verte, wou jo dann och de Ministère de l'Environne-

ment zoustänneg ass a wou een dann och net einfach ka Saachen do bäibauen. Et kann een natierlech dat Gebai an d'Rei setzen. Et huet ee jo deen Droit acquis vun der Construction existante. An et muss ee kucken, wéi een iwwert déi Weeër, sou wéi et och elo war, dohinner kënnt. Mee et war lo net hei d'Iddi, an et wär lo och net hei kohärent gewiescht, wann een elo hei Îloten hätt. Ofgesinn dovunner dass déi Tentacullen an déi Îloten an der Zone verte net géife geneemegt ginn. Hei gesäit een och nach eng Kéier, wéi dat eng e bèsse verwuesse Situatioun ass. Sou dass mer hei, deen Eck hei behalen, wéi en an der Saisine do ass.

Dann ass hei eng Parzell aus deem Ensembl, wou mer jo gär hätten, dass nördlech hei vu Ribeschpont riwwer duerch dëse Quartier, déi Coulée verte do hätten. Dir kennt se jo op deene Pläng. Mir haten et jo och schonn ëmmer am PDU dodran, am Entwécklungskonzept. Dat ass eis ganz wichtig. Mee no der Nomenclature, wéi dat lo definiert ass am PAG, mécht een dat net méi gréng, mee dat mécht ee mat enger Servitude CV, also Coulée verte. An do ass d'Iddi, dass all déi Leit, déi hei Terrainen hunn, zesammen an engem Konzept gekuckt ginn, e sougenannte Remembrement urbain gemaach gëtt, intern zum PAP. An dass da jo net nëmmen dee betraff ass, deen hei den Terrain huet, mee dass dann am Ganzen ass. Hei ass och suggeriert ginn, fir dat erfroze huelen. Mee dat ass sou wichtig, dass dat och am PAG muss bleiwen, well déi Donnée einfach onbedéngt muss berücksichtegt ginn.

Bon, dann ass och hei gefrot ginn „Wéini kann dat hei lassgoen?“. Hei leeft jo och parallel eng Bedeelegung vun de Leit. Hei huet ee vläicht raushéieren, dass do vläicht e gewëssen Intérêt wär, och vun den Noperen. Eh bien, et ass do gesot ginn, wéi op ville Plazen, wann do nei Iddie sinn a wann dat do ka kommen... Dat hei ass fir de Moment an de ZAD gesat ginn, fir eeben ze kucken, dass e Gesamtkonzept hei ass. Dat ass dat, wat hei wichtig ass. A wann hei déi Leit kënne e puer Leit mat ronderëm matrappen an sech dann eng Gesamtiddi do, déi jo och scho vun der Gemeng diskutiert gouf, also iwwer Projeten, Avant-Projeten, da kann een dat maachen. Mee de Moment ass et elo net, fir do lo e Stéck erauszehuelen. Dat wär net méi kohärent an dat wär net méi an deem System, wéi et hei geduecht ass, dass een eng Kéier dat Ganzt kuckt, wéi dat sech do kéint entwéckelen. Et ass gesot ginn, an da kann dat jo och sécherlech herno geännert ginn, wéi dat bei deene Saache sou ass. Wann da mol eng konkret Iddi virläit, déi an dat Ganzt erapasst.

Bon, hei si mer beim Stade Meyer. Do ass am PAG haut en Aménagement différencié. Déi waren deemools gro, déi haten net déi Schraffuren. Haut si se dee Wee schraffiert, awer se hunn eng Affektatioun do drënner: Hei war an ass jo d'Iddi, fir hei Plaz ze hu fir déi Sportsinfrastrukturen hei kënne ze gewäerleeschten. An an deem Sënn ass et hei wichtig, fir dat och mat do dran ze huelen. Hei waren eng Rei Leit, déi hu sech d'Fro gestallt: Wat geschitt da mat mengem Gaart? Wat geschitt mat mengen Uebstbeem? Lo hunn ech all déi Joren duerno gekuckt. Do konnte mir rassurieren,

dass dat lo de Moment wier, dass do lo beispillsweis eng Parkplaz geplangt wär, mee dass een dat muss laangfristeg kucken, wéi dat do kéint sinn. Et kéint jo och sinn, dass herno déi Gäert vläicht kënne bleiwen, dass do vläicht och eng Gréngstruktur kënnt. Et ass also net, dass hei eng éischt Iddi do ass. Mee et ass awer och wichtig, dass een déi Terrainen hei zesumme behält, fir hei kënne e Gesamtkonzept ze entwéckelen. An dee Moment ass och dat net zréckbehale gi fir dat lo mat an eng Wunnzon oder als Gaart do mat eranzehuelen. Well et hei eeben och am Intérêt général drëm geet, fir sech do dee Raum ze halen, fir dat Konzept do ze maachen.

Hei si mer dann uewen, nördlech vu Biereng, wou de Staat selwer gesot huet, hei war eng Kompensatiounsmoossnam eng Kéier agedroe gi wéi déi Modiff hei war vun deene ganzen Aménagementen. Déi wär lo exekutiert, an déi géng eigentlech elo, fir do eng landwirtschaftlech Aktivitéit ze maachen, där Saach do an de Féiss stoen. Där Saach kann een do nogoen, well déi meescht Saache si jo schonn do amenagéiert souwäit, wéi dat do sollt sinn. An dësen Deel sollt dann éischer vläicht eng landwirtschaftlech Notzung. Sou dass also déi Mesure de Compensation do ewechgeholl gouf.

Da komme mer hei erëm ënne bei der Rue des Fleurs. Do ass gefrot ginn, firwat hutt der do deen Eck do sou raus gebass? Do kann een sech och d'Fro stellen. Dee Terrain deen do ass, déi géifen einfach gären do e Gaart maachen, awer si hätten och gär de Virdeel vun der Zone Jardin, dat heescht, e Gaardenhaischen do setzen. A bei dëse Saachen, och bei dëse Froe muss mer soen, dass mer am Kader wou mer déi Avise diskutiert hu mat der Commission d'Aménagement an och mam Ministère de l'Environnement, dass mer do Réunion-jointen haten, fir sou Situatiounen, déi um Rand vum Perimeter waren... An hei ass gemengt ginn, dass dat do jo eigentlech dat Lach do zoumécht. Dass mer kéinten op dee Wee do goen an dat Jardin do maachen. Dat stéisst jo och un aner Gäert mat un. Dat ass an deem Sënn jo keen Îlot, deen ausserhalb ass an och keng Tentacule, déi sech géng entwéckelen. Dat konnt also hei, an där Form, wéi et gefrot war, mat agedroe ginn. Hei war lo eng eenzel Fro: Kann ech dann elo a mäi Gaart? Ech hunn en déiwe Gaart, kann ech do eng Piscine maachen? An do huet et awer e bèsse gequëtscht mat den Distanzen. An do hu mer gekuckt, wat do méiglech ass. Mir hunn och eng Kéier „Etang de baignade“ dobäigesat, well dat jo och méi Naturweiere kënne sinn. A fir dass et net sou coinciert mat deene Recullen hu mer gemengt, dass mer hei dat géinge maachen. Ech weess zwar, dass et an de Ministère net ëmmer gär gesi gëtt. Mee dass et hei awer ass, fir wann zwee Nopere sech d'Accord sinn, fir dass een dat op ee Meter maache kann an dee Moment wär hei dee Probleem geléist. Da wär Raum genuch do, fir do eeben och eng Schwämm ze maachen. Dofir proposéiere mer dann heimadder dass am Quartier existant deen dote Saz géif ugepasst ginn. Dann ass hei d'Nummer 21. Dat ass nach eng Kéier dat selwecht. C'est la même. Et ass just den Text

geännert ginn. Och erëm Rue des Fleurs. Dat hei Gebai ass iertemlech nach als Protektioun zréckbehale ginn. Bon, déi Lëschten, déi haten och schonn e gewëssen Datum. An effektiv ass dat dote Gebai do am-plaz komm. Wat sécherlech net sënnvoll ass, fir dat an d'Protektioun ze huelen. Där Saach ass dann do och Rechnung gedroe ginn.

Hei ass dee PAP, deen da südlech vun der rue Pierre Dupont / Rue Pasteur ass. Wou bannen een Îlot ass, deen do bleift, wou do e PAP drop gemaach gouf, och approuvéiert gouf. An am Fong geholl hu mir gesot, mir halen dee bäi. An dann huet awer de Reklamant gesot: Ronderëm sinn awer duerchhaus Densitéiten, déi méi héich sinn. Bon, mir dat dann nach eng Kéier gekuckt. Mir hunn dann och mat de Leit beschwat, dass et jo am Fong geholl just een Eck do rausgegraff ass an dass een hei eigentlech vermësst dass do och mat deene Leit nach geschwat gouf. Et ass jo nach gesot ginn, hei wär jo nach ëmmer déi Méiglechkeet, wann déi Leit dann do d'Accord wäeren, fir dat eng Kéier mat eranzehuelen. An hei ass dann och drop agaangen iwwer Bi-Familial. Dat ass do eng kleng Densitéit, eebe well déi ronderëm dacks mol eng Densitéit ass, déi e bësse méi héich war, ass déi dann och hei ugepasst gi vu 24 op 30. Dat heescht, aus Eenzelhaiser kënnen do eventuell Bi-Familiale gemaach ginn.

Dann ass hei de 24. Do haten d'Leit sech gefrot, wat se kéinten hei an deem Haus maachen, wat Protektioun huet. Et ass drëm gaangen e Restaurant oder eppes an deem Sënn ze maachen. Ech mengen hei ass et och méi drëm gaangen, fir de Leit ze erklären. An dee Moment goug et jo och drëm fir „aplanir les différends.“ Ech menge mir konnte jo dat och duerch déi Erklärung erreechen, dass dat de Leit dunn och méi kloer ginn ass do, dass si dat, wat si do wollten, och nach kéinte maachen.

Dann d'25. Dat ass hei am Zentrum, also südlech vun der Gare, Rue Wolter. Wou gefrot gouf, fir déi Densitéit eropzesetzen. Mir haten dat op där Basis gemaach vun deem Projet, deen do virlooch. Mir sinn dat nach eng Kéier duerchgaangen. A mir hu gesot, dass mer de CES e bësselchen eropgesat hunn. Dat heescht d'Unzuel vun de Wunnengen net, awer den CES e bësselchen eropgesat hunn, well och am Avis vun der Kommissioun war, dass een do e bësse méi eng Mixitéit hätt vu Wunnflächen, vu Wunntypologien. Sou dass dat hei dann elo erlaabt, méi eng Mixitéit ze maachen an dass dann hei och eng Moyenne ass vu 55 m² an der Moyenne vun de Wunnengen. Dat heescht, do ass eng kleng Upassung gemaach ginn.

Hei hat de Fond de Logement gesot, si wäere gär bei der Nuddelfabrik an dee PAP, deen uewendriwwer wär, mat erageholl ginn. Dat ass awer duerch déi rezent Evenementer, dass mer lo hei dee Couloir hu vum BHNS am Plan sectoriel, do komme mer méi spéit drop zréck. Neen, déi kënnt hei direkt hannendrun. Dat ass do geschwat ginn. Dat ass also eng gewëss Ëmsetzung, wou hei dann de Couloir ugedeit gëtt, wéi en an der Etüd ass, wéi dat do kéint sinn. An dee Moment ass

dat dann hei hifälleg, fir dat mat an deem heite PAP eran ze verschmëlzen. Déi Demande ass dann hifälleg. An dann hate se och nach eng Kéier gefrot, ënnen op der Héicht vum Laminoir hei. Déi Diskussioun hate mer scho wéi d'Zone à Etude hei ëmklasséiert gouf fir d'NeiSchmelz kënnen ze maachen. Si wollten onbedéngt, well dat hinne gehéiert, dat ass de bonne Guerre, dass een och deen Terrain wëllt dann nach eng Kéier viabiliséieren. Mir hunn dann nach eng Kéier erkläert, dass dat awer e ganz wäertvolle Biotop ass an dass dat quasi eng Situatioun ass, déi net ze kompenséieren ass, an dass een dat och nëmme kéint kucken, wa si da wierklech e ganz konkrete Besoin géinge weisen, da kéint een dat maachen. Mee fir dat einfach sou erauszehuelen, an dann an eng blo Fläch maachen, dat géif sécherlech net zur Akzeptanz kommen. Bon, si wollten et nach eng Kéier gefrot hunn. Wéi gesot, dat hate mer och schonn eng Kéier ganz am Detail mat hinnen diskutéiert an dat war och schonn am Kader vun NeiSchmelz gekläert ginn. Do war och am Detail mat der strategescher Ëmweltpräiwung dat gepréift ginn.

Dann hu mer hei 28. Dat sinn eng Rei Parzellen déi wollten - zum Deel dann hei am Eck, zum Deel do - ufänken. Mir sinn hei am Ribeschpont. De Ribeschpont, dee jo an deem Sënn ganz kloer e Quartier ass, deen als Ganzt soll kommen, mee deen awer ganz kloer lo net déi Prioritéit huet. Mir hunn dat jo dacks gesot, dass et d'NeiSchmelz ass, déi eng Prioritéit huet. An et ass och am Avis vun der Commission d'Aménagement nach eng Kéier ervirgehewe ginn, dass dat wierklech gutt ass, dass dat sou ass an dass ee sech dat wierklech soll sou portionéieren. An an deem Sënn géif een och an deem Deel net dorobber agoen, fir déi Saachen ze maachen. Sou dass hei d'Saisine an de Vott d'selwecht ausgesäit. Dat selwecht och mat deem Eck, 29. Do haten d'Leit d'Iddi fir dee Quartier, dee schonn hei uewen um Wupp läit, fir do déi Stroosse weiderzeféieren. Mee dat ass jo net an deem Sënn, dass hei soll e ganz neie Quartier kommen, och mat Zukunftsiddien. An ech denken dass dat ganz wichteg ass, fir dat am ZAD ze loossen, wou et jo iwwregens och haut am PAG dran ass. Do ass also an deem Sënn keng Ännerung.

Voilà, dann den 31. Den 31 war eng Reklamatioun an der Rue Edison. Fir dat geschützte Gebai do ass gesot ginn: Mir sinn awer do wierklech ganz eleng, do kann een net vun Ensembl-Schutz do schwätzen. Mir hunn eis dat och nach eng Kéier ugekuckt a mir hu gesot, dass mir dat dann op där Reklamatioun do géifen ewechhuelen. Dann ass hei d'Madamm Mayrisch-Strooss, laanscht déi Bamallee hei. Do ass deen neie Quartier hei hannendrun. Do ass jo e bësselchen alles net fir gutt gehale ginn, wat hei gesot gi war: Mir si sou wäit dorop agaangen, dass ee sécherlech och nach eng Kéier kéint eng aner Etüd maachen, wou een net onbedéngt géing eng Konterallee hei maachen. Hei war och suggeréiert ginn, vläicht nach en neie Plang eranzeginn, wat awer an där Zäit net geschitt ass. Mir hunn dann hei selwer gewisen, dass ee sech kéint virstellen, dass herno eng gemeinsam Entrée wär.

Dass d'Leit dann hannert hiren Haiser, vläicht ënnert der Terrass, vläicht iwwer Servituten, vun engem bei deen aneren do kënnen an dee respektive Keller fueren. Dat ass jo eppes, wat ëmmer nach kann am Nouveau Quartier herno gemaach ginn. Hei war ëmmer nach ee Punkt, wou d'Commission d'Aménagement natierlech gesot huet: Firwat dann elo do nach eng Strooss hanne laanscht maachen? Eh bien, mir hunn dat hei an deem Sënn am Schéma Directeur sou ugepasst, dass dat do méiglech ass. An Dir wësst jo, dass dat hei just Iddie sinn, déi mir hei skizzéiert hunn, fir lech e bëssen ze weisen, wéi et kéint sinn. Mee et ass jo herno am PAP Nouveau Quartier, wat jo eng Procédure à part ass, wou dat da géif realiséiert ginn.

Hei ass dann den 33. Dat sinn d'Leit, déi hei deen Terrain hunn. Wou mer och an dee Beräich hei eragräife vun där Sportsinfrastruktur. Déi awer gesot hunn, mir hätten awer schonn elo gäre geschwënn esou eppes hei wéi et an der Keeler Strooss do ass. OK, mir verstinn dass dat do hannendru soll fir d'Utilité publique reservéiert ginn. Mir géingen awer scho ganz gären hei vir laanscht, an der Kontinuitéit vun dësen Haiser, wat jo och duerchaus an dësem Projet ass. Do sollte jo och op dëser Säit Logementer sinn. Dann ass nach eng Kéier am Detail gekuckt ginn och am Kader vun deem Plang, deen hei an der Maach ass, deen an der Vir-Etüd ass. Do ass gesot ginn, wa mer dann dee Couloir hei hunn, dee vun de Fliedermais hei riicht duerch geet an deen och als Gréngsträif soll derduerch goen, a wann dann dee Couloir hei bleift, fir dass hei deen Accès ka kommen, da kann dann op dësen Deel eppes gebaut ginn. Well eeben hei vill Contrainten a vill ofzetrieden ass, hu mer hei eng Densitéit geholl, déi et awer erméiglecht, dass e bëssen hei vir laanscht eppes ka gebaut ginn. Fir déi Leit war och ganz kloer, dass dat normal wier, fir dass dat Hënnescht kéint developéiert ginn. Mee wéi gesot, hei wier dann déi Méiglechkeet, dass een hei vir laanscht kéint eng Wunnbebauung wéi ab der Keeler Strooss an der Kontinuitéit do no haitege Krittäre kéint do gemaach ginn.

Dann ass hei de 34. Do war sech renseignéiert ginn, wéi et mat de Parkplazen hei géing weidergoen. An do war och suggeréiert ginn, dass jo awer do och eng ganz Rei Beem wäeren. An et ass gesot ginn, dass déi awer vermësst wäeren, dass déi net um Plang selwer hei do drobber wäeren. An ech mengen dat ass och net méi wéi richteg, dass déi Beem, déi hei sinn, déi och zum Projet gehéieren an och hei hanne laanscht do mat eraginn. Bon, wat elo mat de Parkplazen hei ass, dat muss een da kucken, wann dee Projet hei méi wäit ass, wéi een dat do ka maachen. De Fond de Logement huet gemengt fir déi eventuell hei um Site selwer kënnen ze kompenséieren. Mee uewe laanscht kënnen déi jo net ganz oder guer net bleiwen. Da war hei op der Säit, och bei der Madamm Mayrisch do, do war hei... Bon, mir kruten do verzielt, dass viru ganz ville Jore mol do ee gewunnt huet. Dat ass elo mengen ech en Héngerstall oder war een. An do war d'Iddi, fir hei an zweeter Positioun dach kënnen do eng Wunneng ze maachen. Mir hu vill hin an hir iwwerluecht. Do konnte mer awer net drop agoen, well dat jo dee ganze Prin-

zip a Fro gestallt hätt. Wa mer dat hei duerchginn, da kréie mer dat och op aner Plazen. An et ass jo och sou, d'Gesetz gesäit dat net vir, dass een an zweeter Positioun kann do bauen. Dat ass, wéi gesot, schonn iwwert d'Amenagementsgesetz net virgesinn. An no villen Diskussiounen konnte mer lo net eng Saach fanen, wéi dat hei glécklech do kéint ginn. Et ka jo ëmmer hei vir eppes gemaach ginn. Do kann och vläicht eppes ugebaut ginn. Mee do, an deem doten Eck, do gesäit een och, dass dat da géif relativ no beienee kommen, dat kann eigentlech sou net gemaach ginn. Voilà, sou dass dee Punkt och hei géing sou bleiwen.

Da war et och hei méi Butschebuerg, wou Leit hei de Gabarit geschützt hunn. Do geet et ëm Haiser, déi definitiv vir op der Strooss stinn, déi eng gewësse Volumetrie hunn. Hei ass et och drëm gaangen, dass mer de Leit konnten erklären, dass se am Fong e Virdeel hunn, wa sou e Gabarit geschützt ass. Dass jo dann an deem Gebai selwer kann eppes gemaach ginn. Dat muss jo net Wunne sinn. Dat ka jo och vun enger Nopeschwunneng vläicht eng Garage sinn uewendriwwer, e Keller, wat weess ech. Mir konnten den Leit dat erklären, dass se eigentlech domadder näischt géinge verléieren. Dass een natierlech u sou e Gebai, op sou enger Säit nach kann ubauen. Sou dass dëse Projet och méi eng Erklärung war. Si wollten einfach wëssen, wat si kéinten do maachen. Dat konnte mir hinnen erklären.

D'selwecht wéi hei an deem Areal, wou mer niewent dem Stade Mayrisch hei de ganzen Areal als Logement social reservéiert hunn. Dir gesitt, dass do ganz vill Parzelle sinn. Dat soll eng Kéier Wunnengsbau sinn. Dat soll bezuelbare Wunnengsbau sinn, deen eventuell d'Gemeng géing ugoen. D'Leit waren och interesséiert, dat ze héieren, si hunn dat och gutt fonnt. Dat huet si och laangfristeg interesséiert, dass do eppes sou géif gemaach ginn. Si ware lo net onbedéngt dofir, lo kuerzfristeg eppes do ze maachen, sou dass mer dat dann och an deem Zesammenhank do gelooss hunn. Dann hei nördlech vun der Rue du Parc, hei beim Parc Le'h. Do war et eigentlech sou, dass mer gesot hunn, hei ka jo op kee Fall eng Kéier een op d'Iddi kommen, dass do ka gebaut ginn, et sinn eigentlech de Leit hir Gäert. Dat hu mer och sou agezeechent. Mee d'Leit hunn awer fonnt, dass dat lo net méi dat selwecht wär. Si haten awer virdrun déi Faarf, quitt datt hinne kloer war, datt si och frou waren, do en déiwe Gaart ze hunn.

Bon, do hu mer och diskutéiert, dass dat jo am Sënn wär vun alle Leit, dass mer dat dann och do sou géife maachen. A mir hunn dann do och eng Servitude drop gemaach, dass een do kann déi Gäert do drop maachen an dass een och Piscine nach kann zousätzlech maachen, och wa se dat an hirem Terrain schonn hunn. Sou dass mer eigentlech dat selwecht nach hunn, wéi dat wat lo ass, wéi dat, wat lo an der Saisine war. Dass mer et just anescht nennen. Mir hunn et eng HAB1 gemaach. Mee mir leeën eng Servitude dorobber, déi deen Text ass, deen ech elo grad gewisen hunn. Dee seet, do kënnen awer lo just Gäert kommen. Net dass

lo een ufänkt ze mengen, ech maache lo eng Strooss doranner. Ech mengen, et war de Leit wichtig, dass se hei eng flott Situatioun hunn an dass déi Gäert an deem Sënn och geschützt sinn.

An deem nächsten, do ass et drëm gaangen, wat nach do kéint hannert dem LIDL geschéie mat deenen Terrainen. Hei muss ee soen, dass am Avis vun der Kommissioun gesot gouf, dass een hei net soll den HAB2 maachen, mee dass een do an der Kontinuitéit vun dese Stroosse soll op en HAB1 goen. Mee wat lo d'Reklamatioun ubelaangt, ass där Saach Rechnung gedroe ginn, dass hei kann eppes entwéckelt ginn, just an deem Deel. Well eeben dat Hennescht, dat ass jo een nördlechen Deel vum Ribeschpont, wou mer gesinn dass dat och, op der Suggestioun hi vun der Commission d'Aménagement géing an en ZAD gesat ginn. Well dat jo e gewëssen Zesummespill huet mat der Aktivitéitszon driwwer. Do si mer hei drop agaangen, fir dass dat da ka separat an engem PAP gemaach ginn. Woubäi awer ëmmer e Lien muss si mat deenen Terrainen niewendrun. Dat gétt dann och gewisen am Schéma Directeur. Dass herno dann och e Pad ka kommen, hei kann och déi Erschließung kommen, mee dass herno eng Verbindung no hanne ka gemaach ginn. Et deet mer leed, et gétt eng kleng Interruptioun wéinst der Technik.

An dann hei war d'Fro, ob een do och kleng Aktivitéite kéint maachen. Dat ass och mengen ech erëm Rue des Fleurs, an deenen zwee Haiser. An ob do och kéint eng aner Wunneng nach drakommen. Do kann eng Professioun sinn, déi komplementar ass zur Résidence principale. Dat war also och méi eng Erklärung déi mer do konnte ginn zur Zefriddenheet vun der Reklamantin. Dann ass deen nächste Volet. Dat ass an der Rue du Nord nach eng Kéier, uewen zu Biereng. Do war d'Demande komm, fir do do deen Terrain mat eranzehuelen, fir en op d'mannst als Zone Jardin ze kréien. Do hunn d'Leit eis gesot, dass do Gespréicher gewiescht wiere mam Fierschter an dass och do Iddie wäeren, wéi dat kéint do kommen. Et ass awer herno weider keng Präzisioun méi komm als wat et da kéint kommen. Mir hunn eisersäits nogefrot, am Kader vun eisen Iwwerleeungen, wéi ech virdru gesot hunn, dass mer all déi Saachen nach eng Kéier duerchgaange si mat der Commission d'Aménagement an och mam Ministère de l'Environnement. An déi hu gesot, dat do ass net geneemegbar, fir do eng Zone de jardin hannendrun ze maachen. Eeben aus deene Grënn: tentaculaire Entwécklung. Dat kann op där Plaz net do sinn. Do ass also och déi Saach hei bliwwen, wéi se hei war.

Dann ass hei dee Quartier hei, deen Nouveau Quartier, wou och just eng Fro hei war vun Noperen, déi wollte wëssen, wat géing hei dorobber geschéien. Hei si jo geschützten Haiser. Do ass och e Projet ënnerwee, a mir hunn dat dann och méi oder wéiniger, souwäit wéi dat scho virlouch, konnten erklären. An do ass et jo lo dann och esou, wann do lo eppes geschitt an do ass ee PAP an der Prozedur, da komme jo nach eng Kéier déi Leit ronderëm an och soss, kënnen sech jo dat nach eng Kéier ukucke goen. Ech menge mir konnten och erklären dass dat och an deem Sënn an deem Gabarit

och do wär, mat Wunnengen do hannendrun, wat am Fong lo schonn do ass.

Da war déi nächst Fro, firwat déi Haiser hei net als solches geschützt wäeren. Bon, et ass an engem Secteur Ensembelschutz vun C, mee déi eenzel Haiser sollten eigentlech lo net do weider geschützt ginn, well si eeben an hirem Ensembl sinn. Déi aner Fro war, vir - an dat gesäit ee vläicht besser op där nächster Foto - ob et méiglech wier - do steet schonn een Auto. Fir op deene bestëmmte Plazen, just op deser Plaz, amplaz dass een do erafiert a méi Fläch versigelt fir hei kënnen en Auto ze stellen an a Carport kënnen dorobber ze maachen. Et ass dann eng Kéier analyséiert ginn, wéi vill där Fäll et da géifen uechter Diddeleng ginn an et sinn eng 18 Fäll, déi dann och herno am Detail am Quartier existant, pro Situatioun markéiert goufen. Iwwer ganz Diddeleng wäeren et der 18. Et sinn der also net schrecklech vill. Mee wou déi Situatioun sou war, dass se am Fong duerchaus eng interessant Méiglechkeet erginn. An do ass dann och eng Partie écrite gemaach ginn, déi ganz kloer seet, wéi breet dass dat ass. Wéi déif dass et och hei ëm dat Gebai do geet, wéi de Recul ass an dass et wierklech e Carport ass, deen zu alle Säiten op ass. Also dat do ass dann och an deem Zesammenhang en Text, dee mat an d'Partie écrite da mat erageholl gouf.

Hei ass da 45. Dat war d'Eisebunn. D'Eisebunn, déi sinn ëmmer e bëssen ënnerwee bei de PAGE fir all hir Terrainen eranzekréien an datt se do méiglechst grouss Fräiheeten hunn, fir kënnen eppes do ze maachen. Mir sinn dat dann nach eng Kéier duerchgaangen. Engersäits hei, Italien, wou mer nach eng Kéier gekuckt hunn. Et ass op alle Fall awer ganz kloer hei, also d'Gare hei am Zentrum, déi jo ganz kloer sou definiert ass. Do war jo alles wat Quai war, war do dran. Dann derniewent hei Italien, wou dat och de Fall war. Dat Eenzegt wou mer da gesot hunn, war uewen, niewent der Aktivitéitszon dann, hei an der Verlängerung vum Triage, deen den ieweschten Deel ass, dass dat do eng Verlängerung ass mat dem Rangéieren. Dass dat dann och an déi Zone spéciale do mat erakomm ass, well eeben an där Situatioun lo nach méi klenger Infrastrukture kéinte gemaach ginn wéi dat anert. Fir de Rescht muss ee soen, dass dat ganz Schinnenetz jo an der Zone verte läit an dass déi jo en Utilité publique genéissen. Dat heescht, wann do en Dicks muss bäigesat ginn, kënne si dat maachen. Mee hei ass et hinnen drëm gaangen, dass noch nach vläicht aner kleng Gebailechkeete kéinten an deem Zesammenhang do kommen.

Bon, hei hunn d'Leit sech gefrot, déi sech hei haupsächlech ëm déi Garagen hei këmmere, wat lo heimat geduecht wier. Si wollten am Fong geholl just hei vir eppes bauen an hinnen ass et eigentlech net drëm gaange fir dat Ganz ze developpéieren. Mir hunn nach eng Kéier erkläert, dass et an engem PAG jo och drëm geet, fir kohärent Konzepter ze maachen, déi lo net een Terrain hanne leie loossen, mee déi ëmmer eng gewësse Kohärenz do maachen. Mir konnten dat dann erklären, dass dat sécherlech net fir haut a muer wier.

A si hunn dat dann och verstanen a mat gedeelt, dass dat do vläicht eng Kéier kënnt, quitt dass dëst net an hirem kuerzen Interêt do war. Hei ass dann och d'Erklärung, wat kann an deem geschützte Gebai vis-à-vis vun der Gemeng gemaach ginn? Dat Haus selwer huet méi sou e Suedeldaach. Niewendrun ass éischer ee mansardéierten Daach. A well jo do an deem Secteur sech och kann un den Noper ugepasst ginn, konnte mer do och erklären, dass, wann dann do déi aner Daachform géng gewielt ginn, da sécherlech och nach e puer Meterkaree Wunnraum no uewen an och no hannen, dass dat machbar wär an deem Secteur, an dee Moment war dat dunn och an der Rei.

Bon, hei ass gefrot ginn, firwat dass mer dat hei hatten. Dat war ëmmer sou hei an der Extensiouen vun der Schoul. D'Leit hu gefaart, dass do nach eng Infrastruktur géif kommen. An et ass awer gesot ginn, dat wär net de Fall. Sou dass dann och herno zréckbehale gouf, dass een dat Ganzt géif an de Gaart huelen. Et ass de Leit hire Gaart, an et ass jo och net, dass dat net géif goen, fir do eranzefueren. Dass dat de Gaart wär, mat deenen eenzele Beem, dass all déi Beem geschützt wäeren. Awer do war schonn een, dee war net méi sou fit an du ass dat dann och reduzéiert ginn. Mee dat Wichtigst war, dass dat lo Gaart ass, dat wat et eigentlech och elo an der Notzung ass.

Dann, am PAG haut war dësen Deel vum Ribeschpont, hei vis-à-vis vum Projet SNHBM Rue des Saules, war dat schonn eng Kéier ugeduecht ginn. Do war dat och schonn eng Kéier dat sou gemaach ginn an am PAG lo, Saisine, war gesot ginn, mir huelen de ganze Ribeschpont an de ZAD. Mir loossen dat ee Ganzt zesummen. Bon, mat der Diskussioun huet sech awer erginn, dass sech do scho konkret Projete sech schonn op dat baséiert hu wat dann eeben am PAG war. An hei wär et dann esou, dass natierlech hei déi Haaptachs do géif oppe bleiwen, dass och déi Gréngstrukturen do géinge geschützt ginn. An dass een dee klengen Deel hei, deen hei och schonn en Usaz vun der Strooss huet, dass deen dann da kéint developpéiert gi mat deene Gréngstrukturen, déi och hei markéiert ginn. Dat wär och eppes, wat relativ geschwënn sollt an Ugrëff geholl ginn. Dann ass hei déi relativ kleng Strooss, déi scho relativ vill Trafic huet, wou lauter Unifamilial sinn. Do war d'Fro hei, fir Bi-Familial ze maachen. Do hu mer awer gesot, dass dat net an deem Kontext do wär. Dass et d'Iddi vum Charakter wär, fir dat unifamilial ze loossen, a mir sinn net op déi Saache agaangen.

Bon, hei ass dann déi nächst Reklamatioun, do waren och eng Rei Leit. Dat ass hannert der Rue des Chemins de Fer, wou d'Leit deelweis hanne laanscht Garagen hunn an de Rescht, dat sinn hir Gäert. Mir hunn dat och nach eng Kéier gekuckt. An du ass dann an der Diskussioun erauskomm, dass een dat jo och kéint, grad wéi mir dat uewe beim Parc Le'h diskutéiert hunn, dass mir deenen och géingen déi Servitude do drop maachen, ënnert enger HAB1. Dass do och kéinten déi Saache si wéi hei. Mee hei en plus, kéinten och am Fond de Parcelle, iwwert sou eng Servitude, kéinten och do nach Garagë bleiwen an och do nach

sech weider kënnen developpéieren. Dat heescht, dat gëtt dann net méi blo. Do war ee Moment geduecht ginn, fir eng ëffentlech Ariichtung dohinner... Bon, dat ass iwwerpréift ginn. Dat gëtt dann HAB1, och mat sou enger Servitude do driwwer, fir eeben déi Situatioun, sou wéi se lo ass, ze sauvegardéieren.

Da war hei um Eck, vis-à-vis vum Kierfecht, d'Keeler Strooss dohinner, e PAP hei an der Maach, wou gemengt gi war, et wier gutt fir och déi zwee Nopeschaiser do mat eranzehuelen. Et huet sech erausgestallt, datt et do net méiglech ass, fir mat deene Leit eppes ze maachen, sou dass mer dee Projet hei, sou wéi en ugeduecht ass, mat där Mixitéit an där Densitéit, unni déi zwee Terraine maachen. Där Saach ass dann hei Rechnung gedroe ginn. Bon hei ass déi Iddi, dass een hei am Ufank vun deem, wou mer uewe scho geschwat hunn, vun där kommunaler Zon, dass mer dësen Deel éischer an enger Mixitéit hunn. Dass mer do en Interessent hunn, dee wëllt kee Commerce um Rez-de-chaussée maachen. An do soe mer dann, dass e sech mat deem soll do hannendrun dinn, dass een dann eventuell iwwer dee Wee awer eng Mixitéit kritt. Dass dat souwisou muss am Ganze gekuckt ginn, fir dass eng Kohärenz do bleift. Dee Moment kann dee Saz do bleiwen. An de Rescht, dee bleift dann och esou.

JEAN BRODEUR (ZEYEN & BAUMANN): Bon, ici c'est la réclamation 71, donc, c'étaient plusieurs points dans la partie écrite du PAP-QE. Un premier point concernait la profondeur des bâtiments. Dans la partie écrite c'était écrit que c'était limité à 15 mètres au rez-de-chaussée et à 13 mètres aux étages pour les bâtiments en bande. Là il s'est produit quelquefois xdes situations, où des bâtiments existants de part et d'autre... Donc en fin de compte ce qui a été décidé de faire, où il y avait des situations, où il pouvait y avoir une maison de 15 mètres de profondeur ici. Entre les deux, au lieu de limiter à 12 mètres, on a dit OK, dans ce cas-ci on peut faire 15 mètres. Le même cas lorsqu'il y avait deux maisons existantes dans une bande. Donc on pouvait compléter. Mais, le cas ici, ce ne serait pas possible. Il y avait une maison plus profonde, une maison qui respecte les prescriptions d'aujourd'hui. Dans ce cas-ci elle devrait se limiter à 13 mètres et non pas aller à 15. L'autre point, c'était uniquement pour préciser, dans les combles, lorsqu'on aménage les combles ou un étage en retrait, ce serait possible d'aménager l'étage dans les combles à 80 % uniquement de la surface habitable de l'étage en-dessous. Ça ce n'était pas précisé. C'est précisé maintenant.

Il y avait un troisième point où on avait écrit que les rez-de-chaussée ne doivent pas dépasser 1,50 mètres au dessus du niveau de l'axe de la rue. Et ça ça cause des problèmes des fois avec les nouvelles conditions pour mettre les isolations dans les sous-sols et tout. Donc là on a tout simplement précisé la prescription qui disait maximum 1,50 mètres au-dessus du niveau de la rue. Donc maintenant il faut jouer à l'intérieur du gabarit existant qui est proposé. Donc,

là dans le point 2.1. Partout en fin de compte, on a précisé, que c'étaient les logements dans les nouvelles constructions qui devaient avoir aux moins 80 m² de surface habitable nette. Donc on a ajouté le « habitable net », qui n'était pas précisé anciennement. On a également précisé, on l'a vu avant, mais dans les maisons unifamiliales dans le HAB1A où sont uniquement autorisées des professions libérales. On a précisé que ce n'était pas non plus limité à 45m² de surface maximum, mais l'équivalent de 1 niveau.

Maintenant on a proposé dans les secteurs protégés de type C que les façades devaient reprendre des couleurs qui proviennent d'une charte de couleurs qu'on a définie à la fin de la partie écrite. Et on avait dit que dans le Quartier Italie il pouvait y avoir des dérogations à cette charte des couleurs, étant donné que les bâtiments existants sont avec des couleurs plus variées. Donc là, on a introduit le même principe pour le quartier Schmelz. Donc maintenant, dans ces quartier-là on peut avoir également certaines dérogations en ce qui concerne les couleurs des façades.

L'article 20.1, ça concerne les accès au stationnement dans les maisons unifamiliales. On disait que, dans une maison isolée ou jumelée, on pouvait avoir un accès de 6 mètres. Et là on a ajouté dans les constructions en bande aussi. Mais uniquement la dernière maison qui est considéré comme une maison jumelée. Là on peut également avoir un accès de 6 mètres de largeur, mais toujours sous les conditions qui sont énumérées ci-dessous. Donc de ne pas dépasser la moitié de la largeur de la parcelle, de maintenir 30 % de recul antérieur espace libre de toute construction. Donc ces prescriptions restent, mais maintenant on peut, pour ces maisons-là, également faire ça.

Dans le point pour les garages pour les maisons unifamiliales. Donc dans certains coins dans ces rues-là : route de Zoufftgen, rue Emile Mayrisch, rue Henri Bessemer, rue Norbert Metz. Ce sont des situations où il y a déjà des stationnements existants dans les reculs arrière, donc là on maintient cette prescription. Mais on impose un recul postérieur de minimum 5 mètres qui doit être garanti sur le recul arrière. On a également précisé ici dans l'article 23, piscines et ouvertures, étangs de baignade, on a ajouté le principe de l'étang de baignade dans les piscines. Et c'est la même chose avec les reculs latéraux, qu'on a discuté tout à l'heure. Dans les dépendances on a rajouté, lorsqu'on énumère quelles sont les dépendances, également les pergolas. Ce ne sont pas les pergolas qui sont collées aux maisons. Ce sont les pergolas qui sont dans les jardins qui sont isolées dans le recul arrière. Pour ce qui est des stationnements en sous-sol dans les terrains en forte pente. Dans un terrain lorsqu'il y a une pente égale ou supérieure à 15 %, le prolongement du sous-sol au-delà de la façade postérieure de la construction principale peut dépasser le terrain naturel. Et on avait écrit « ou à manier ». Mais ça, ça risque de causer beaucoup de problèmes. Des gens qui vont remanier leur terrain. Maintenant on a tout simplement biffé « ou à remanier ». C'est donc

lorsqu'on est dans un terrain naturel qui fait plus de 15 %.

Donc là on a précisé également dans les espaces libres et plantations, dans les PAP des zones d'habitation, on a ajouté dans les zones d'habitation 1 et les zones mixtes une surface de 30 % de la surface totale de la parcelle doit être non-scellée. Donc on a précisé que c'était dans les habitations 1 et 2 et mixtes pour éviter qu'il ait des problèmes éventuels avec les zones d'activité. On a également précisé le point C dans les PAP QE, zones d'habitation 1 et 2 et mixtes. Dans les marges de reculement antérieures d'une construction isolée ou mitoyenne d'un seul côté, une surface représentant 30 % de la surface totale de la marge de reculement en rang doit être non scellée. Ces lignes de toutes constructions doivent être aménagées sous forme d'espaces verts. Donc ça c'est pour éviter que les reculs avant des constructions seront complètement scellés.

Donc ça c'est une autre réclamation. C'est la réclamation 76, c'est la rue Marcel Schmit. C'est une réclamation qui a été faite dans le cadre de la modification ponctuelle de la rue Marcel Schmit où on avait dit qu'on passait de la zone moyenne densité à la zone faible densité. Et comme le processus de refonte était embarqué en même temps que la modification ponctuelle, on avait dit de reprendre cette réclamation dans le cadre de la réforme. Donc eux ce qu'ils voudraient, ce n'est pas être limités à uni- ou bi-familiales dans la rue Marcel Schmit, mais de faire des résidences à 4 logements. Cela n'a pas été retenu non plus. C'est bien pour de l'uni- ou bi-familial, du HAB1B. Et la dernière réclamation, la réclamation 78, c'est sur la route de Kayl. C'est une personne qui était plutôt venue pour avoir des informations, ce n'était pas une réclamation, mais pour des informations par rapport aux nouvelles constructions qui se déroulaient près de chez elle où elle voulait savoir exactement qu'est-ce qui est possible de construire et pas possible.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Dat waren dann d'Reklamatiounen. Lo kéimen dann nach d'Avisen. Dir wësst dass parallel dozou, wou d'Saach publik gemaach ginn ass, wou d'Leit also konnten alles kucken, ass et och an d'Commission d'Aménagement gaangen, déi am Intérieur ass, mee wou awer och Verrieder si vun der Landesplanung, vum Ministère de Transport, vun der Kultur, vum Environnement, déi dann zesammen iwwer d'Entwécklung vun der Gemeng kucken an dann och op déi Saachen do aginn. An dann den Avis vum Ministère de l'Environnement. Dir wësst, dass iwwert den Artikel 5 vum Naturschutzgesetz all Ännerungen zu der Zone verte, also zu der bebauter Fläch aviséiert ginn, awer och déi Saachen, déi bannendra geschéien, wat d'Exekutioun ass zou der strategescher Ëmweltpräiwung déi jo parallel heizou war. Hei steet och nach eng Kéier kuerz, wéi eng Leit do dra waren, dat hat Der vläicht jo och scho gekuckt, wéi eng Ziler si verfolgegen, dass si dat natierlech och an deem Kader do kucke vum Aménagement du Territoire. Dass si och soen, dass déi Aschätzung, wéi mir Didede-

leng gesinn, dass dat Espace urbain dense ass, dass dat richtig gesinn ass an dass si dat och richtig gesinn, dass mir déi Saachen do hu mam ZAD, dass dat wichtig ass fir eng Gemeng, fir sech dat a Phasen ze maachen an net alles op ee Coup. Dann hu se nach eng Kéier gesot, dass een nach eng Kéier soll oppasse mat der Mobilitéit. Also och mat de Foussweeër a mat de Vélosweeër, dass déi musse gutt matenee vernetzt sinn. An dass een awer och ëmmer soll ee Suivi maachen. Dat wat Dir jo och schonns maacht. Och ëmmer a Relatioun z.B. mat de Schoulen och ëmmer kucken, wéi d'Evolutioun vun der Populatioun. Well dat jo Afloss op all Infrastrukturen huet, mee och haaptsächlech op déi Schoul.

Dann ass och den Environnement, deen a sengem Artikel 5 eeben och all PAG kuckt. An all PAGe mussen herno och vun deenen zwee Ministèren, vum Ministère de l'Intérieur a vum Ministère de l'Environnement ënnerschriwwen ginn. Dat éischt, wat si natierlech gesot hunn, dat sinn d'Plan-sectoriellen. Dir wësst, dass an uganks dëses Joers d'Plan-sectoriellen definitiv do waren. Virdrun hate mer se gekuckt, mir hunn och gesot, et ass jo näischt, wat där Saach contraire ass. Eh bien, si soen elo dass mer déi bei där Geleeënheet solle mat ranhuelen, wat mer jo och maachen. All aner Gemengen, déi lo scho mam PAG méi wäit sinn, oder net sou wäit sinn, déi hunn elo eng kleng Prozedur gemaach fir dat dann och mat anzedoen.

Dat ass jo engersäits déi „grands Ensembles paysagers“ an dann déi Coupures-verten, déi kommen dann och iwwert eng Struktur, déi virginn ass, déi gesäit ee lo vläicht hei net, mee et ass eng dënn Linn, déi hei mat doranner ass. An do kann dann och net gebaut ginn dee Moment. Et ass Zone verte souwisou, mee do dierfen och keng landwirtschaftlech Gebaier do operiicht ginn. Déi sinn also elo do mat do rann. Do war dann natierlech och d'NeiSchmelz. Do ass jo och prioritär e Logementsproblem. Si haten hei mengen ech net gutt gekuckt, dass de Site Laminoir guer net do dran ass, wéi se op déi Mixitéit agaange sinn. Dat ass am Fong sans Objet, dat hu mer och festgestallt, wéi mer eng Kéier zesummen doriwwer geschwat hunn, well et jo hei ëm Wunne geet an och e Quartier mixte, deen jo och e liewege Quartier soll sinn. Sou dass also an deem Punkt och näischt brauch mat opgeholl ze ginn. Spéider hu se och nach eng Kéier am Schéma directeur gesot, dass een sech nach eng Kéier iwwert d'Densitéit Gedanke maache soll. Mee do ass och festgehale ginn, dass déi Densitéit, sou wéi se am Moment am PAG festgehale ginn ass, net soll geännert ginn.

Hei sinn dann och am Norden déi Aktivitéitszonen. Mir haten nach déi ural schwaarz Schraffuren dran, déi aus deene PAPe koumen aus dem éischte Landesplanungsgesetz, wat jo vu 1974 war. Déi 78, déi si lo domadder opgehuewe ginn a si ginn ersat duerch déi nei Delimitatioun. Hinne war opgefall, dass mir deen Eck hei net präzies haten. Dee muss dann och tatsächlech hei an déi Zone spéciale kommen, hei vum Triage. Dat ass eng Upassung, déi hu mer dann och do gemaach.

Voilà, hei soe se nach eng Kéier, dass mer déi al Saachen, déi mer do dran haten – ech mengen do kann ech elo mat Freed driwwer ewech goen – endlech sinn déi net méi do. Déi waren net ganz präzies. Si hunn awer och hei fonnt, dass et gutt wär, dass mer déi Gréngsträifen nördlech vun der Collectrice och als dat definéiert hunn. Hei gesäit ee jo och gutt, dass déi Zonen als dat do sinn.

Dann nach hei just eng Bemierkung. Dee Park & Ride, dee mer jo vill diskutéiert haten, wéi den Avis gemaach gouf zum Plan sectoriel, awer als solches elo am Plan sectoriel selwer net do dran ass. Dann am Zentrum vun Diddeleng, do war dann am Plan sectoriel Transport déi Linn hei dra fir de BHNS. Dat ass och ee Punkt, dee mer mat der Kommissioun do diskutéiert hunn a si hunn dat dann och fir richtig fonnt, dass mir dunn dee Stréch, deen hei awer och nëmme sou e Stréch ass awer net präzies ass, dass dee jo dann dee Moment am Fong schonn iwwert de PAG präziséiert gouf. Iwwert dee Couloir, deen och net ganz präzies ass, deen awer op d'mannst déi Breet do mécht. Well all déi aner Plan-sectoriellen, déi si jo parzelleschaarf. An deen heiten Deel, dat war jo lo just do dee Stréch, dee gétt iwwert de PAG, also dee Couloir do präziséiert. Dann hate si och gesot – Dir kënnt lech erënneren, nach aus der Modif, déi mer gemaach hate fir hei all déi eenzel Fliedermaislächer déi waren an och aner interessant Biotopen – do ware souvill spezifesch Saachen, déi hu mer dann nach eng Kéier im nachhinein zesumme gekuckt an dat dann do vereinfacht. Dann hu si an hirer Région-type, wou si soen, déi geschützte Gebaier, déi sollen onbedéngt déi dote Faarf hunn, dat geet awer net an enger Gemeng wéi bei lech, wou ee Zone-mixten huet, dat gesäit een do net. Mir hunn also eis si gelooss, fir dass een et gesäit, dass dat do am Bloen dee Moment ass. Hei hu se eis och drop higewisen, grad och wéi de Ministère de l'Environnement, dass mer do sollen déi Wäerter huele vu 60 a vu 50, wat dann dee Moment méi eng streng Basis ass fir e bessere Kaméidisschutz ze garantéieren, dee jo herno iwwert de Règlement sur les Bâtisses ëmgesezt gétt. Hei ware lo e puer Saachen. Hei war eng Kéier déi Saach verrétscht, méi war dat net. Dann hätte se gäre hei gehat, dass mer laanscht de südliche Deel vun der Collectrice géifen eng Bande non aedificandi maachen. Mir hunn dat hei mat deem Projet, deen am Kader vum Labo definéiert gouf nach eng Kéier gekuckt. An do hu se nach eng Kéier eng Linn ginn. Dat passt, dat kënne mer sou si loossen. An hei war eng kleng Ännerung. Hei hate mir eng Servitude Bois, Bësch gemaach an sou wéi och déi aner Saachen, da gëllt dat als Erreur matérielle.

Da waren hei eng ganz Rei Saachen, déi waren an Ärem haitege PAG als Zone de verdure. Déi Spillplazen, déi hate mer dunn, well déi och zum Deel gréng waren, hate mer déi als Spillplaze gemaach. Well dat awer haut ëmmer en Hin an Hier ass, wat ass lo am Perimeter a wat ass net dran? Dofir hate mer dat als eng Zone de Récréation gemaach. Si hunn du suggeréiert, fir dat nach ze präziséieren eng Récréation AJ, also Aire de jeux. Dat ass och ganz an deem Sënn,

dat hu mer och fir gutt fonnt an dat hu mer dann och gemaach. A mir hunn dann och där Aire de Jeux eng Präzisioun ginn, wou mer dann nach eng Kéier ganz kloer gesot hunn, dass dat eebe just fir Spillplazen ass a fir mol eng kleng Bänk oder sou eppes opzerichten. Dat sinn dann all déi Ecker, déi als Solches dann do definéiert sinn, déi dann deen AJ nach hannendru kréien, mat deem aneren Text. Dann ass hinnen och opgefall, déi schéi Bamallee hei, déi sollt och als EN geschützt ginn. Dat proposéiere mer dann och hei beim Hôpital, dat och do mat eranzehuelen. Et gesäit ee se hei op der Foto ganz gutt. Déi sinn dann och als dat markéiert ginn. Et war och ni geduecht, fir se ewechzehuelen, mee sou ass et dann an der Kohärenz och do mat dran.

Da war an deem Deel ronderëm de Lycée hei, südlech vun der Haard, do ass eng kleng InKohärenz gewiescht téschent den Naturschutzgebidd an deem wat hei definéiert war. Do ass gekuckt ginn dass een Deel awer do an déi Naturschutzzon erafält. An dass also sou de PAG net geneemegbar ass. Den Environnement hat och dorop opmierksam gemaach. Et ass du dann nach eng Kéier gekuckt ginn dass déi Dealer, déi hei uewen zum Deel gréng sinn, zum Deel de Parking duerstellen an och hei ënnen erëm, dass een déi dann éischter elo ewech léisst. A wann dann eng konkret Demande ass, dass een da kuckt, en Fonction vun deene Strukturen, déi do sinn, ass dat dann ze maachen? Mee, wann do Extensioune sinn, muss een awer drun denken dass do an enger éischter Phas och eng Kéier – et gesäit ee schon um Dokument, dass dat schon eng relativ al Zon ass – dass déi vläicht och eng Kéier op déi Situatioun aktualiséiert gëtt. Well do, jee nodeem, wéi déi Zeechnungen an déi Kaarte sinn, dat net ëmmer sou gutt openee passt. Mee lo musse mer et eraushuelen, well et soss net passt. Et huet awer am Moment keen direkten Afloss. Et misst ee kucken, wann eng Kéier mëttelfristeg do e Besoin wär, dee misst mat erageholl ginn.

Dann ass eebe beim Hôpital, well dat sou e ganz wichtege Eck ass, hu se nach eng Kéier gesot, mir sollen net nëmmen eng Servitude maache ronderëm déi Zären, mee mir sollen do carrement en Text maachen a si haten och aner Iddien, dass do wou d'Waldschoul ass, dass déi och méi spezifesch solle ginn an dann och do wou de Restaurant ass an de Kiosk, beim Park Le'h. Beim Park Le'h, do hu mer nach gesinn dass mer dat och am Text spezifizieren, dass dat och fir Restauratioun a sou weider ass. Mee hei ronderëm d'Waldschoul, do wollt ee sech dat awer oploossen, dass dat eng BEP bleift, dass eebe do all Form vu Schoul méiglech ass, wann do dee Besoin ass. Do si mer also net op hir Saachen do agaangen. Hei gesäit een dann och déi BEP LE Parc Le'h, wou déi da präziséiert ass, wat dann do méiglech ass, alles wat ronderëm d'Horeca dann do ass. Dat selwecht jo dann och am Quartier existant, dat ass jo dann ëmmer de Corollaire.

Dann hate mer och laang Diskussiounen, hei wou deen neie Site ass an der Aktivitéitszon, vum CGDIS. An do war awer, obschonn do nach X Reunionen waren, mat Projeten nei gekuckt ginn, war et net méiglech, eis ze

soen, ob d'Baach dann elo sou bleift, oder ob se vläicht verluecht gëtt. Sou dass dann elo gesot gouf: OK, dat gëtt dann am Kader vun deem Projet gemaach. Et si jo Artikel 17 an Artikel 21, déi dorobber hiweisen, dass do ganz interessant Vegetatioun ass. Dat muss dann herno, am Kader vun deem konkrete Projet, gekuckt ginn. An dann hei ass och dat, wou déi Modification ponctuelle parallel gelaf ass. Mir hate se awer och scho mat an de PAG geholl, well mer geduecht hunn, do wär e gewesse Parallelismus, an et ass gutt ausgegangen. Et kann am PAG bleiwen. Et ass déi Prozedur vun där Modiff, déi nach parallel gaangen ass. Et ass déi Statioun vun de Wëlldéieren, dass déi da lo kann hei mat am PAG virgoen.

Da war hinnen opgefall, hanne laanscht den Angeldall, dass mer do e bësse vill Jardin gemaach haten a si hätten gär, dass dat awer soll zum Deel gréng bleiwen. Bon, do muss ee gesinn, dass d'Leit selwer schon e Stéck giel hunn. Dass mer do soen, mir ginn dann awer nach en Deel Jardin, well do kënne se dann nach hiert Gaardenhaische maachen, ausserhalb geet da jo net. Do gesäit een och, dass do hanne laanscht alles ganz staark bewuess ass. Do si mer dann och zum Deel op déi Proposition, déi Punkten am Avis gaangen. Dann ass och ëmmer e Volet vun der Gestion de l'Eau mat dran. Dat ass hinnen och ëmmer ganz wichtig. Do ass gesot ginn, dass do hei zu Diddeleng alle tipptopp wär, dass dat alles an der Rei wär. Dass natierlech laangfristeg muss gekuckt ginn, wann all déi Terrainen, all déi Quartieren developéiert ginn, da muss allgemeng fir deen Eck gekuckt ginn, wéi dann d'Statioun erweidert gëtt. Dann ass och ëmmer ee Punkt, dee si uschwätzen „Zone inondable“, bon där hu mer jo lo hei keng. An och mat de Baachen, si hätte gären, dass déi Baachen, do wou se iwwerbaut sinn an an engem Rouer sinn... an hei hu mer gesot, dass dat wierklech sou déif ass, dass wierklech, do, wou se lo net fräi ass, dass do wierklech keng Chance besteet. A mir hunn gemengt, et géif guer kee Sënn maachen, fir do eng Servitude dorobber ze leeën, well dat net reell ass, fir déi eng Kéier do fräizeleeën. Bon, da war och nach eng Kéier gesot gi mam Dréinkwaasser, dass dat och an der Rei wär. Dat ass ee Punkt wou bei NeiSchmelz eppes eng Kéier ka bäikommen.

Dann hate si och nach eng Kéier hir al Lëscht geholl, wou all Haiser, déi eng Kéier do drop waren, fir déi awer nach eng Kéier ze préiwen, ob do net dat eent oder anert wär, wat een do kéint maachen. An deem Eck ass kloer gesot ginn, dat géif een net änneren. Hei op deem Punkt ass gesot ginn, mir huelen dee Gabarit do mat eran, hei am Zentrum. An och hei zu Butschebuerg ass gesot ginn, mir fannen dat besser, wann dat Gabarit ass, am plaz deem Alignement, dat mécht op där Plaz méi Sënn. An hei ass e kleng Mëssel geschitt. Um nationale Plang ass hei eng technesch Infrastruktur am Gebai geschützt. Mir haten dat sou gemaach, wéi wann et dat ganz Gebai wär. Mee dat ass jo net de Fall. Dofir ass dat dann elo als kommunale Schutz als Gebai dodran, deen Deel vun der Schoul.

Dann zu de Schéma-directeuren. Si hu regrettéiert, dass mer déi eenzel Skizzen net an déi eenzel Schéma-directeuren dragesat hunn. Well mir jo ech gemengt hunn – dat hu mer jo och zesammen diskutéiert - dass dat ENG Méiglechkeet ass an net déi lescht Wourecht. Mir haten hinnen awer e Plang bäigeluecht, wou se all-eguer drop waren. Op dat géinge mer och net agoen, well mer mengen dass dat d'Basis war, dat kann ee jo och gesinn, wann een dat gären hätt. Mee dass et jo och drëm geet, fir eng aner Iddi ze developpéieren. Da soe si och dass bei deene ZADen déi Densitéit net héich genuch ass. Mir hunn hinnen erkläert, dass dat eis Iddi ass. Dass et net drëm geet, fir lo schon am PAG d'Densitéiten esou héich ze dreiwien. Dat ka jo, wann aus dem ZAD en Nouveau Quartier gëtt, kann dat jo dee Moment un déi spezifesch Situatioun, déi gewollt ass, ugepasst ginn. Dat géife mer dann och sou si loosse. An hei war dann och nach eng Kéier den Impakt vun dem BHNS op dee Projet. Dass een dee Projet routier do soll mat berücksichtegen. Jo, dat hu mer jo och gemaach. Dann och hei, do wollte se hunn, dass och hei dee Couloir zu Biereng scho géing mat drakommen an do hu mer nach eng Kéier gekuckt. An dat ass jo awer nach net sprochräif fir dat do mat eranzehuelen. Hei ass jo dat, wat ech gesot hunn. Datt se mengen, mir sollten hei d'Densitéit eropsetzen. Mir menge jo dass dat do jo elo ee Projet ass. Dass een dat dann nach eng Kéier à la Base muss kucken, wéi dee Projet kann evoluéieren an dass dat jo awer iwwert eng Modification ponctuelle duerchaus méiglech ass.

Da war hei am Greisendall, wou ee gär hätt, dass een dat Ganzt soll als Neie Quartier maachen. Do hätte si gär, bal gelungenerweis muss ech soen, nëmme Quartier existant gehat. A mir soen hei, et ass besser wann een dat am Ganze kuckt an dann och kuckt, wat dann och un Erschléissunge op Plaze muss kommen. Hei hate si gesot, et sollt ee kucken, ob déi Densitéit do reell wier. Et sollt een iwwerpräiwien, ob dat net misst erfesat ginn. Ech hat scho virdru gesot, dass mer an der Rue Wolter den CES ugepasst hunn, fir dass eeben do déi méi gréisser Wunnenge méiglech sinn. Dann am Quartier hannert dem Akafszentrum hei, do hu se nach eng Kéier drop higewisen, dass hei wierklech e ganz wäertvolle Biotop ass. Mir sollten deen nach eng Kéier preziséieren, dat hu mer dunn och gemaach. An an deem Zesammenhang hu mer da gesot, da muss mer den Nouveau Quartier och e bèsse méi no uewe maachen an dat Haus wat do steet, dass een dat kann do mat eranhuelen. Dat ass och eppes wat ZAD ass. Dat ass eng ganz laangfristeg Geschicht, well hei muss ee ganz gutt kucken, wéi een dat iwwerhaupt kompenséiert kritt, ob een dat am Virfeld kompenséiert kritt fir déi puer Saachen, déi do méiglech wären. Et ass jo och dofir am ZAD.

Dann ass deen heite Quartier, wou dee Couloir lo net méi dorobber läit, vis-à-vis vun der Gare. Deen hu mer nei gekuckt an och entspreichend dann de Schéma Directeur ugepasst. An hei gëtt dann natierlech och am Schéma Directeur drop higewisen... Bon hir Iddi war, si hunn net gären déi Sakgaassen. Mee hei ass d'Iddi, dass een net wëll, dass deen Trafic, deen hei

entsteet, eventuell duerch Méifamilljenhaiser, duerch déi Strooss do duerchgeet, sou dass een hei just eng Foussgängerverbindung hält an dass een hei kuckt, fir vun der Lëtzebuerger Strooss mat eranzehuelen, do-duerch dass deen doten Eck mat erakënnt. An da kann och hei dee Couloir fräigehale ginn. Et ass also zum Deel där Saach Rechnung gedroe ginn, mee net ganz. De Schéma Directeur ass dann och ugepasst.

An hei hate si gekuckt, dass een déi Koeffizienter nach eng Kéier soll iwwerpräiwien, fir dass do eng gutt Mixitéit wär, verschidden Typologien. Dat hu mer jo gemaach, och well de PAP hei e bèsse méi kleng gëtt. Déi wäerten dann nach eng Kéier genau iwwerpräift ginn an et ass gekuckt ginn, dass se sou, wéi se lo do sinn, gutt sinn. An dat entsprécht och deem Projet, dee laang diskutéiert gouf. Da war hinnen hei opgefall bei der Baltzinger Schoul, dass an deem grouse Bild d'Carporten net agezeecht wären. Gutt, dat hu mir dann och gemaach. E Beweis dofir, dass een an de Skizzen net alles ka maachen, well et jo och nëmme Skizze sinn. Mee gutt, dann hu mer dat och ugepasst. Da kënnt hei nach deen Deel, wou se gär gehat hätten, dass mer hei scho méi am Detail op déi Gréngstrukturen, déi jo markéiert sinn duerch den Artikel 17 an den Artikel 21, dat Ganzt ass iwwert den ZAD. An do war dann d'Iddi, wann een dat aus dem ZAD an den Nouveau Quartier hëlt, ee jo dann nach eng Kéier gutt Zäit huet, fir dat och genau ze kucken an och an Zesammenhang mat engem Projet. Mir hu gesot, dat kann een dann an där Prozedur maachen an net elo nach eng Kéier separat.

An hei, si sinn net contraire zu där Iddi, mee si soen et soll een en HAB1, also en Wunnstruktur, hei dropleeën. Mir hunn dat awer ënnert eis diskutéiert, och am Grupp. A mir mengen, dass mir dat musse sou si loosse, eebe well do déi vill Terraine sinn, fir dass do dee soziale Charakter awer garantéiert ass. An duerno, wann de Projet oder eenzel Iddie méi konkret ginn – et ass jo fir Wunnen ugeduecht, och mat Gréngstrukturen – da kann een dat jo nach ëmmer maachen. Mee fir de Moment wär dat net opportun. An dann haten se och hei gemengt, et sollt een déi Aktivitéitszon mat hei an dee Quartier eranhuelen. Hei ass am Fong just eng ZAD op eng Reschtfläch, déi lo net ganz sënnvoll ka genotzt ginn. Hei muss ee waarden, wéi déi ganz Evolutioun ass. Gëtt nach en Deel als blo gebraucht? Gëtt dat eng Kéier en neie Wunnquartier? Da wär dat jo sënnvoll, fir dat zesammen ze kucken. Dofir sinn eeben déi ZADen do, nämlech fir Saachen, wou nach net sprochräif sinn, fir dat dann ze maachen. Hei, ech hat et schon ugedeit, si hu gesot, de ZAD um Quartier Ribeschpont, dat ass fir si déi absolut richteg Definitioun. An da waren nach e puer Schéma-directeuren, wou si genau gekuckt hunn, dass do ze vill Stroosse wären. Mir hunn dat dann och nach eng Kéier ugepasst, a vläicht eng Plaz gemaach. Dat sinn e puer Plazen, mee ech mengen, ech kann do eriwuer goen, dat si schon Detailer. Dat gëtt jo herno am PAP Nouveau Quartier preziséiert. Hei ass ëmmer nach wichteg, dass do déi Mobilité douce-Verbindunge sinn, an dass dat och mat indiquéiert ass. Hei wollte se um Terrain

wou den Tennis war, wou d'Gemeng e Projet mat Mixitéit wëll maachen, mat enger Residence an der Mëtt, do wollte se hunn, dass dat alles soll méi beienee passen. Mir hu gemengt, dass mer hei jo Eefamilljenhaiser hunn an an der Mëtt déi Residence, dass dat Ganzt e ganze Quartier ka si quasi ouni Autosverkéier, also wou een den Auto net derduerch féiert. A mir wollten och déi Iddi hei si loossen. Hei war hinnen opgefall, dass mer do déi Bamstruktur net gutt genuch definéiert haten, dat hu mer dann nogeholl an och dat als dat markéiert. Dann hu se hei drop opmierksam gemaach, dass dat awer keen einfachen Eck wier, dass hei wierklech am Virfeld jo ganz vill Kompensatiounsmoosname gemaach sinn. Jo, dat ass eis bewosst, dat ass nach eng Kéier gutt gesot. Dann hate se an der Madamm Mayrisch-Strooss dorop higewisen, datt si mengen, datt ee laanscht déi Beem net nach sollt eng Conter-Allée maachen. Ech hat virdrun am Kader vun der Reklamatioun dovu geschwat. Dass mer do dat och mat op de Wee ginn hunn, dass do vläicht no engem Projet soll gekuckt ginn, deen och aner Léisungen huet, fir vläicht dann och manner versigelt Flächen do ze hunn.

Da war dee Quartier hei. Do wollte se hunn, dass een téschent der Schoul an deem neie Quartier géing méi Rideau de Verdure maachen, fir dat ze trennen. Hei war jo éischer d'Iddi, dass dat hei e Quartier wär, wou Schoul- a Wunnquartier géing beienee gräifen. Dat hu mir an deem Sënn och si gelooss. Dann huet et geheescht, da kéint ee jo och hei uewen ofrënnen an och dee Couloir do mat ranhuelen. Mir hunn dat hei gekuckt. Hei geet et jo awer och drëm, deen ieweschten Deel sou sinn ze loossen als Landschaftsschutzgebiet. An och déi Infrastrukturen, déi kleng techesch Infrastrukturen, déi wollte mer si loossen. Dat hu mer also hei sou si gelooss a keng Erweiderung gemaach, well dat jo och net am Sënn ass vun deem Ganzen. Bon, dee Couloir hei ass natierlech do mat erageholl ginn op der Basis vun deem hei Konzept. Woubäi ee jo och nach ka soen, dass hei déi techesch Pläng och nach eng Kéier mat eise verglach goufen, fir dat och kohärent ze maachen. Dann, wat si nach gesot haten, dass een do aus deem Quartier, dee jo hei zimmlech ageschloss ass hanne laanscht d'Rue du Nord, dass een deen hei soll mat eranhuelen, fir da vläicht eng Kéier wierklech laangfristeg eppes do ze maachen, wou een dann do eng Zoufaart hätt, da wär dee Problem hei vun deem Eck och mat geléist. Hei hätte se gäre gehat, déi Mobilité douce hei z'indiquéieren hei laanscht. Fir dat zweet Gleis hei, do hätte se och gären eng Mobilité douce laanscht dat Ganzt geluecht. Mir komme spéider nach bei engem Extrait drop zrëck. Dass mer déi Iddi opgegraff hunn, fir do eng Piste cyclable express ze kréie duerch ganz Diddeleng. Mee do komme mer herno nach op déi Detailer do zrëck.

An dann deen heiten Deel, dee jo ganz staark mat deem Developpement hei uewen zesammenhänkt. Dass een deen elo net eenzel hei verbaut, mee dass een deen och als ZAD mécht, well déi Parzellen hei jo och an déi Richtung ginn, sou dass een dat och mat do eranhëlt an dann kuckt, wéi eng Kéier dat Ganzt kann do sinn. Déi Gréngsträif ëmmer erëm do mat do

dran. Dass dann och de ZAD an dësem Kader, dass do déi Wunnstruktur och mat gekuckt gëtt. Dat ass also dann och mat an de ZAD geholl ginn. Hei hate se dann nach eenzel Saachen, wou si aus hirer Siicht gemengt hunn, déi Densitéiten unzepassen. Mir hunn dat awer nach eng Kéier gepréift, a mir sinn der Meenung, dass déi Densitéit do passt an dass een dat dann och dee Moment do sou si loossen. De Ministère de l'Environnement sot, et misst een nach eng Kéier méi kloer drop verweisen op den Artikel 6 an den Artikel 7, op déi Gebaier, déi an der Zone Verte stinn, dat heescht do, wou de Kapitel ugeet vun der Zone verte. Dass een do nach eng Kéier kloer seet, dass fir den Artikel 6, besteeënd Gebaier oder nei Gebaier, d'Utilité publique ass oder net, dass dat ganz kloer am Domaine vum Ministère de l'Environnement ass. Dat hu mir och hei uewe bäigesat. Doduerch konnten dann déi aner Texter e bëssen allegéiert ginn, well soss hätt dat sech do nach eng Kéier widerholl. Hei ass och nach eng Kéier eng Prezisioun mam Text „Utilité publique“, wéi dat sech do soll definéieren. Voilà, domat wäere mer dann och duerch deen Avis do duerch.

Mir haten elo nach virgesinn, fir nach eng Kéier kuerz op de Plang ze kucken, wéi dat elo am Ganzen ausgesäit. Et ass jo sou, dass, wéi am Ufank scho gesot ginn ass, dass mir probéiert hunn am Charakter vun deem Ganzen hei ze bleiwen. Als Ganzt gesäit een elo do natierlech keen Ënnerscheid. Hei gesäit een elo déi eenzel Punkten, déi mer an der Légende bäigesat hunn, wéi déi Aire de Jeux oder déi Saache mat dem Gardiennage. E puer Upassunge sinn am Detail hei bei deene Koeffiziente komm. Hei hu mer inhaltlech e puer Saache geännert. Mir hunn déi dote Faarf gelooss, ob-schonn dat do gesot ass. Mee fir de Rescht ass dat do dran. Mir hunn hei uewen ëmmer den ieweschten Deel, de Ribeschpont am Detail och nach eng Kéier. Da gesäit een hei, deen Deel ass jo am Plan sectoriel Zone d'activité, wat jo dann och eng national Zon ass. Dee Moment ass déi hei jo dann eng, déi do ronderëm ass, also eng kommunal, och wann een dat als regional hätt wëlle maachen, misst dat fir d'éischt am Plan sectoriel do dra sinn. Deen heiten Deel si jo dann déi Aktivitéitszonen, déi am Plan sectoriel definéiert goufen. Dann ass op dëser Säit jo dee kommunalen, wou déi Iddi ass fir ze kucken, wéi dat sech laangfristeg kann entwéckelen. Dat ass als solches sou bliwwen, well déi Iddien an der Tëschenzäit nach net méi konkret waren. Mee sou eng Modification ponctuelle ass jo beispillsweis ëmmer nach méiglech.

Mir hunn hei de Ribeschpont mat engem ganz groussen Deel ZAD. Mat deene klengen Ufäng hei, déi da méi kuerzfristeg kënnen eng Entwécklung kréien. Mir hunn hei de Secteur N, also dee Landschaftsschutz, deen hei integral bliwwen ass, sou wéi en an d'Saisine gaangen ass. Da sinn hei déi puer Punkten, déi ech am Detail gesot hat. Hei ass dann och déi Déierestatioun mat do dra komm. Hei ënne laanscht, do ass déi Zon, do hu mer gesot, dass dat d'Reserve si fir déi Sportsinfrastrukturen. An hei déi laangfristeg Reserve fir bezuelbare Wunnengsbau ze maachen, well engem dat wichteg ass. Quitt dass hei e klengen Deel,

wou jo souwisou och Wunne geduecht war, dass een dat och an engem Nouveau Quartier assuréiert huet. Dann hate mer hei iwwert déi Bannenentwécklung geschwat. Iwwert déi verschidde Pläng, déi nach eng Kéier kontrolléiert goufen. Kleng Upassungen hei mat Gaart, déi awer wierklech mineur sinn an déi sech och hei do ran integréieren. Dann de Quartier hei, wou mer hei déi kleng Upassunge gemaach hunn. Soss sinn hei déi Saachen natierlech nach ëmmer nach wie vor do dran. Grad wéi deen ënneschten Deel och, déi kleng Upassung hei bei der Tankstell. An dann de Greisendall eng Kéier hei do dra gesat. Deen ass dann op deem Deel.

Da wollt ech nach eng Kéier kuerz op de Règlement sur les Bâtisses agoen, deen och an der Tëschenzäit mat vill Aarbecht diskutéiert gouf. Dee baséiert, wat seng Struktur ubelaangt, op deem Règlement-type, deen de Ministère de l'Intérieur 2013-2014, en ass nach eng Kéier iwwerschaaft ginn 2018, erausginn huet. Hinnen ass et wichteg, dass dat eppes ass, wat uechtert d'Land e bëssen d'selwecht ass, mee wat awer an all Gemeng ugepasst gëtt. Do huet een also déi Haaptiwwerschrëften, wou et dann drëm geet: Wat ass elo an der Voie publique? Wat ass der Gemeng do wichteg, wa se nei Stroosse mécht? Wéi geet se mat den Accèsen ëm op den Domaine public? Wéi sinn déi definéiert? Dat ass och e ganz wichtige Volet, well jo lo d'Reklamme bei der Gemeng leien. Dat heescht, déi leien net méi bei der Kultur. Do sinn dann och z.B. Detailer drop, wéi an Aktivitéitszonen, déi Reklamme solle sinn an der Gréisst asw. Dat ass e wichtige Volet. Dann och par Rapport zu den Haiser, par Rapport zur Strooss, wéi déi do kommen.

Dann eeben déi Sitten, déi niewent de Saache sinn. Also wéi ass den Terrain à bâtir ze definéieren? Wéi sinn déi Piscinnen? All déi Saache ginn nach eng Kéier preziséiert. Oder eng Parkplaz. Wéi grouss soll eng Parkplaz sinn? Mir hu jo lo vill driwwer geschwat, wéi vill et der solle sinn. Mee hei gëtt dann nach eng Kéier gekuckt, wéi dann do d'Geometrie ass. Grad wéi d'Habitabilitéit vun de Gebaier: Wéi dat do bannen an de Gebaier fonctionéiert. Si se dicht? Si se korrekt gebaut? Wéi ass et mam Kaméidisschutz? An dann awer och: Wéi sinn déi eenzel Gréissten? Wéi gesäit ee Buedzëmmer aus? Wéi gesäit iwwerhaupt eng Wunneng aus? Wat gehéiert do dozou? D'Kichen, d'Dimensiounen, d'minimal Definitiounen. Alles dat ass hei dran. Dat gouf et sécherlech, mee dat ass awer och nach eng Kéier heimat un de leschte Stand ugepasst ginn, wéi hei d'Kichen an d'Buedzëmmer an d'Toiletten asw. All déi Saache sinn nach eng Kéier gekuckt ginn. An dann natierlech och déi Saach Prévention contre l'Incendie, déi Saachen, déi do mat dra sinn a wéi een Amenagement een op dem Chantier huet, wéi mat der Mobilité réduite do ëmzagoen ass. Wéi d'Prozedur ass, wat an engem Dokument muss dra sinn, wann ech eng Baugeneemegung ufroen. All déi eenzel Saachen, wéi soll dat sech presentéieren? An och d'Demolitiounen, wann elo eppes an de Koup géif falen, dass een och nach eng Handhab drop huet, fir dat ze maachen. Dat ass a groussen Zich, wéi d'Struktur ass vum Intérieur.

Mee dat ass da mat de Spezifitéite vun Ärer Gemeng hei ugepasst ginn.

Dann zum Schluss nach e puer Punkten, ech hat se ganz kuerz ugedeit, déi lo awer an der Lescht nach an den Diskussiounen mat derbäi koumen an déi mer och opgegraff hunn nach eng Kéier aus deem, wat ech scho virdru gesot hunn. Dat ass d'Méiglechkeet fir z'iwwerpräiwen, hei vum Zentrum vun Diddeleng, hei gesitt Der de Kierfecht, Gare bis uewen hin op d'Grenz vu Biereng, fir do eng Méiglechkeet ze hunn, eng Voie expresse ze maachen. Also eng séier Vëlospist. Dat hu mer gepréift. De Romain Molitor huet dat eng Kéier gekuckt. Eng Bande vun dräi Meter, mat all Säit eng Gréngsträif. Mir hunn dann hei eng Mobilité douce agezuecht vu ronn 4-6 Meter, fir dass een och nach vläicht eng Heck kann dohi maachen. Mee do muss ee soen, dass dat méiglech ass. An zwar haaptsächlech op dem Talus hei vun der Eisebunn. Do gëtt et sécherlech e puer Punkten, wou et da coincéiert. Wou een eenzelt Gebai steet, wou ee vläicht laangfristeg ka kucken, wéi ee mat de Leit eens gëtt. Et gesäit ee jo och dacks, dass sou Reseae gebaut ginn, wou dann ee Punkt vläicht nach net ganz optimal ass. Hei kéint een am Kader vum PAP nach eng Kéier kucken. Mee wéi gesot, Dir gesitt hei dass déi Servitude quasi an hirer ganzer Breet kann iwwert dee ganzen Talus, iwwert de ganzen Domaine vun der Eisebunn do goen. Hei muss een och kucken, dass een et am Kader vun deene Pape kann erméiglechen. Dann hätt ee vun enne bis uewe wierklech dat, wat een eng Voie rapide nennt, mat engem séiere Moyen, iwwert de Vélo, kënnen iwwert Nord-Süd ze fueren. Wat natierlech och heescht, dass een dat muss kënnen vernetze mat deenen eenzele Strukturen, well aus deenen eenzele Wunngebieder muss jo och kënnen dorop gefuer ginn, fir dat kënnen als solches ze notzen.

Da war een Hiwäis am Quartier existant, wou et der Cellule net sou gutt gefall huet, dass een allgemeng seet, et soll een Energiekonzepter maachen. Dat ass hinnen net prezis genuch. Dofir hu mer dat opgegraff a gesot, bei allen neie Gebaier oder Gebaier, déi an deenen Aktivitéitszone sinn, dass do muss all Gebai wat méi grouss ass wéi 150 m², dass do muss Photovoltaik mat do drop komme fir dass do gréisser Fläche kënnen als dat genotzt ginn an dass dat dann och do direkt mat virgesi gëtt, fir eeben och ze assuréieren, dass dee Volet do dran ass. Dat ass och nach ee flotte Punkt, deen hei gutt an dee ganze Kader dra passt. An dann eeben duerch d'Aktualitéit, déi lo am leschten hallwe Juli war, wou mer alleguer e bësse mat de Féiss am Waasser stoungen an och mol eng Kéier an déi Kaarte do gekuckt hunn. An du huet ee festgestallt, dass déi wierklech net sou falsch sinn. Ech schwätze vun de Kaarten, déi am Geoportail sinn. Déi enner „Zone inondable“ oder „Zone inondable – crues subites“ sinn. Do ass e Stéck hei rausgeholl. An do gesäit een, iwwert e Modell ass dat hei berechent, wou eeben déi déifste Punkte sinn. A wann ee gesäit, dass hei en neie Quartier soll kommen, an do kéint awer hei dee Risiko bestoen, dass do souvill Waasser zesummeleeft, da mengen ech, ass et gutt, wann

een e Saz drasetzt, wou steet: Op deene Plazen, wou sou Saache gefäerdet sinn, mussen natierlech nach Etudes hydrologiques approfondies gemaach ginn. Déi musse verdéiwend prezisiéiert ginn. Dat do ass jo e Modell, deen iwwert d'ganz Land gekuckt gëtt. Mee wann ee kuckt, da gesäit een ëmmer: A jo, do war et och esou. Sou dass Dir d'Méiglechkeet hutt, och do nach eng Kéier verdéiwend drop anzegoen, fir dat dann an deem Kader, wann déi PAPen do gemaach ginn, nach eng Kéier ze kucken. Voilà, dat waren déi dräi Punkten. Dann de QE nach ganz kuerz.

JEAN BRODEUR (ZEYEN & BAUMANN): Bon, le troisième avis, cela concerne le PAP-QE qui a été émis par la cellule d'Évaluation. On ne regardera pas en détail, mais juste deux, trois points pour préciser. Donc, un point qui était quand-même intéressant, c'était qu'on n'avait pas indiqué les secteurs protégés « environnements construits » dans la partie graphique. La cellule d'évaluation a conseillé de l'indiquer, pour qu'on puisse faire une relation avec la partie écrite. Ça, on l'a fait ici. Maintenant vous voyez tous les petits points ici. Donc ça c'est tous les secteurs protégés « environnements construits ». Ça c'était un point qui était assez intéressant. Il y avait un autre point par rapport au quartier Brill, qui est un quartier très spécifique. Et dans la partie écrite, dans la partie PAP-QE on avait plusieurs prescriptions qui se rapportaient à des types de maison, et on n'avait pas indiqué dans le plan comme tel, quel type de maison c'était. Donc on a tout simplement indiqué dans la partie graphique du PAP-QE les différents types de maison. Il y a le type A, le type B, le type MA, le type 1980. Il y a des prescriptions spécifiques pour chacun de ces types d'habitation, dans le cas de rénovations ou de travaux. Un autre point qu'eux ils proposaient, qui n'a pas été retenu. Eux proposaient de mettre une phrase, où le bourgmestre pourrait avoir une dérogation générale dans presque tous les cas. Mais comme on a construit la partie écrite, il y a souvent des possibilités de dérogation dans des cas spécifiques. Après analyse on a donc décidé que c'était quand-même bien de ne pas aller au-delà de ce qui était déjà prévu.

Sinon, les autres remarques, cela concernait surtout de préciser certains articles, de ne pas répéter des lois ou des articles qui étaient déjà prévus dans d'autres lois ou dans le Règlement des Bâtisses. Cela avait rapport à la charte des couleurs à améliorer et à augmenter le nombre de couleurs possibles. En général on a quand-même suivi la ligne de la Cellule d'Évaluation et fait les modifications qui nous semblaient bonnes. Donc je crois que cela ne vaut pas la peine de passer à travers la partie écrite. En gros il s'agit de préciser et d'adapter et éviter qu'il y ait des contradictions et quelques erreurs matérielles. Sinon ça sera ça pour l'avis de la Cellule d'Évaluation.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): No der Saisine, wou jo virdu gesot gouf, si mer lo, dass mer opgrond vun de Reklamatiounen an Avisen an deene béide PAPen, Quartier existant a PAG, d'Modifikatioun gemaach hunn, déi mer lech elo presentéiert hunn.

Déi nächst Etapp wär dann de Vott vun dem PAG a vun dem PAP Quartier existant no deenen eenzelen Elementer, wéi se virdu beschriwwen goufen. Duer no kënnt nach eng Kéier 15 Deeg Aushänken. Dat heescht, déi Leit, nodeems se dann elo déi Äntwerte kréien opgrond vun deem Vott, deen haut kënnt, kënne se dat jo nach eng Kéier kucke kommen. Déi Leit, déi reklaméiert hunn, déi kréien dat schrëftlech heemgeschéckt. Déi aner déi kënne dat och kucke kommen. Dat heescht, déi Leit, déi fir d'éischt reklaméiert hunn, awer net Recht kritt hunn oder net genuch, an hirem Sënn, déi kënne dann nach eng 2. Kéier am Kader vu 15 Deeg beim Ministère de l'Intérieur reklaméieren. Déi aner, wou eppes geännert gouf, wat virdu net sou war, duerch eng aner Reklamatioun, déi awer fanne, dass dat hinnen awer net passt, déi kënne dann och eng Reklamatioun maachen. Dat ass eppes wat nei ass an deem Gesetz.

Dat Ganzt gëtt jo da lo direkt nom Vott un déi zwee Ministère geschéckt. Déi Reklamatioun ginn dann och un de Ministère de l'Intérieur. De Ministère de l'Intérieur, dee prüft dann nach eng Kéier déi Reklamatiounen a mécht sech eng Meenung dozou. E freet dann och nach eng Kéier lech, de Gemengerot: Firwat sidd der an deem Sënn do net drop agaangen? Kënnt der mer dat nach eng Kéier detailléieren? An dorobber hin hëlt de Ministère dann eng Decisioun. En hëlt de Plang un an en hëlt eventuell och déi eenzel Reklamatiounen un oder Deeler dovun. An deem Moment approvéiert en dann Är Deliberatioun. Dat heescht, wann en elo schwéierwiegend Problemer hätt, kéint en och nach Ännerungen am PAG maachen opgrond vum Gesetz. Mee am weesentleche befënnt en iwwer Är Deliberatiounen, also iwwert de PAG an iwwer d'Reklamatiounen an iwwer d'Avisen an dann ass Äre Plang duerch déi ganz Prozedur. Dir kritt se nach eng Kéier zréck. Dann huet de Gemengerot dräi Méint Zäit, fir déi Reklamanten, déi Reklamatiounen nach eng Kéier ze kucken. An da mengen ech, ech si mer net sécher, sinn nach eng Kéier 3-4 Méint Zäit, wou de Ministère Zäit huet... Also mir sinn nach en halleft Joer ënnerwee, bis de Plang ganz do ass. Mee deem Moment ass dann alles do an dann ass de PAG en Vigueur, sou wéi en haut ass, réischt da gëtt dee ganz opgehewen. Dofir ass dann och de Règlement sur les Bâtisses dobäi. Dat ass dat Dokument, wou all déi Saache jo an engem waren, déi sinn dann net méi do. Mee sou laang sinn déi Saachen nach alleguer do. Mais bon, lo si mer jo um gudde Wee. Da soen ech lech Merci. Entschëllegt, dass et heiansdo e bësse méi laang mam Computer gebraucht huet. Här Buergermeeschter.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da soen ech dem Chantal Zeyen an och dem Jean Brodeur Merci fir d'Presentatioun. Ech mengen, d'Membere vum Gemengerot hu gesinn, wat engersäits d'Diversitéit an d'Komplexitéit duerstellt vum PAG, och unhand vun de Reklamatiounen, déi erakomm sinn, vun deene verschiddenen Uleiessen, déi d'Biergerinnen an d'Bierger hunn an awer och déi verschidde Remarken déi d'Ministère am Kader vun hiren Avisen haten.

Wéi ee raushéieren huet am Kader vun der Presentatioun, respektiv och d'Proposition, déi de Schäferot hei mécht un de Gemengerot unhand och vun den Diskussiounen, déi mer am Groupe de Travail do haten, ass, dass mer, souwuel wat d'Reklamatiounen ugeet – mir hu jo 2/3 vun de Reklamatiounen zréckbehalen, dass mer deem probéiere largement Rechnung ze droen. Wéi och fir d'Avisen, déi d'Ministère eis erageschéckt hunn. Dat ass d'Basis an där mir eis haut befannen am Kader vun der Presentatioun, déi mer hei lo gemaach hunn. Dëst gesot, hei hutt Dir nach eng Kéier en Abléck kritt unhand vun den Dokumenter, déi Dir zougestallt krut. An elo ass d'Diskussion op ronderëm déi Presentatioun déi gemaach gouf ronderëm de PAG.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hat dat lo sou verstanen, dass all Punkten déi eenzel virgestallt gi sinn, dass déi dann och eenzel behandelt ginn. Also fir d'éischt d'Avisen, dann d'Reklamatiounen. Oder kann dat och alles e bëssen aneneegräifen an der Prise de Position?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ka ganz gären och aneneegräifen. Wat eis jo hei wichteg war am Kader vun där doter Presentatioun ass, dass souwuel d'Avisen, wéi d'Reglementatiounen zum PAG a PAP Quartier existant och déi néideg Publicitéit kréien. Mir mussen do och déi néideg Publicitéit am Gemengerot gewähren. Wéi gesot, wann do iwwergräifend Remarque sinn, da soll een dat och sou gesinn an och sou presentéieren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Ech hat dann elo 4 Joer laang d'Éier, oder soe mer mol déi operluechte Charge vun der Fraktioun, fir an deem Groupe de Travail do matzemaachen. Et huet laang gedauert, et ass ëmmer méi komplex ginn, ech hat zum Schluss den Androck, dass ee keen Iwwerbléck méi hat. Ech sinn elo frou, dass mer op der Endlinn sinn, dass mer lo endlech kënnen ofschléissen. Et war och an de leschte Woche ganz nervenopreiwend, fir sech do rëm eranzeschaffen. Ech soen all deene Leit, déi an deem Grupp do sou gutt matgeschafft hunn, villmools Merci. Mir hu wierklech konstruktiv geschafft. An ech mengen, mir hunn elo hei awer eppes erausbruecht, wat d'Strooss hält. Do kënnen mer houfreg sinn. Et si sécherlech ganz vill Saachen herno nach ze bemängelen, ze kritiséieren. Mee am grouse ganze géif ech mengen, als e Member vun deem Aarbechtsgrupp, deem Asaz dee mer bruecht hunn, deem ass elo scho gréisstendeels belount.

Merci dem Cathy, dem Eva, der Madamm Zeyen, dem Tom an dem Jean Brodeur. Der Madamm Zeyen nach eng Kéier villmools Merci fir déi Synthees, déi se hei lo gemaach huet, déi lo nach eng Kéier extrem kloer war. Also ech kann nëmme staunen. Ech hat do zwou Sitzunge Samschdes moies, wou ech menger Fraktioun hunn alles misse virleeën, wat mer an deem Groupe de Travail do diskutéiert hunn. Ech hat den Androck, ech hat dat bei wäitem net sou gutt hikritt, wéi si elo. An dat louch net drun, dass déi Leit op menger Säit

vun der Bänk hei schwéier vu Begrëff wieren. Neen. Soe mer mol, mat der Manéier, wéi een eppes eriwwer bréngt, do kann ee scho ganz vill a Bewegung setzen. Eng éischt Fro virop, déi mer sou als roude Fuedem duerch dat Ganzt geet.

Mir haten eng Kéier gesot, mir maachen de Perimeter net op. A wann ech dat elo richtig verstanen hunn, da ware lo zwee Punkten an der Diskussioun, fir en awer opzemaachen? Dat eent war déi Menkeswiss zu Biereng, wou ech awer elo menge verstanen ze hunn, dass déi dann net opgemaach gëtt. An deem zweeten, dat war deem Alpakas-Elevage uewen zu Butschebuerg. Ech wollt just froen, ob Dir mir dat kéint confirméieren, ob ech dat géif richtig gesinn? An da géif ech mol fir d'éischt eng Prise de position maachen zu den Avisen. Zu deenen 48 Avisen, déi also eng richtig grous Erausforderung ware fir déi Verantwortlech vun der Refonte vun eisem PAG. Wou een awer ka soen, an dat ass och schonn an der Madamm Zeyen hiren Aussoen ugeklongen, dass d'Verschaffe vun deenen Avisen am allgemengen a mengen Aen zefriddestellend iwwert d'Bün gaangen ass. An do wou sech den Avisen net konnt ralliéiert gi gouf awer ëmmer eng Stellungnam mat engem meeschtens plausiblen Argument ugefouert. Sou dass mer, mengen ech, dat do mat guddem Gewësse kënnen aschécken an hoffen, dass net allzevill Opposition vun där anerer Säit kënnt. Bei enger Grupp vun Avisen zu enger gewëssener Thematik, do huet et mer awer heiansdo u Kloeerheet a Kohärenz gefeelt.

Dat éischt ass mol den CA 21, wou et am Angeldall ëm déi Sträif geet, hannert de Leit hiren Terrainen, déi als „Zone jardin“ definéiert ginn ass. An déi selwecht Fro stellen ech mer herno bei de Reklamatiounen, bei deene Leit an der Parkstrooss, wou dat selwecht gemaach ginn ass, wou also „Jardins privés“ agezeechent gi sinn. Ech hu just net richtig matkritt, op wat fir enge Critèren, déi Gréisst vun där Sträif do definéiert gouf? Gëtt et do eng Règlementatioun am Ministère de l'Environnement? Gouf et vläicht an der Cellule d'Évaluation eng Ausso, déi genee definéiert huet, datt musse souvill Meter sinn? Ech géif gäre verstoen, wéi dat festgesat war. Oder ass dat arbiträr festgesat ginn? Et fällt engem schonn op, dass déi Jardins-Sträif deelweis direkt hannert de Leit hiren Haiser ugeet. An do hätt ech gären eng Präzisioun, wourop sech do baséiert gouf. An dann hunn ech do dee ganze Grupp vum Avis CA23b, 25 a 45. Do geet et drëm „dans le cadre de la suppression future des passages à niveau des chemins de fer sur le CR184 avenue Grande-Duchesse Charlotte et sur la route de Burange, il serait indispensable de prévoir d'ores et déjà des couloirs de servitude pour les projets routiers en planification. Sur la partie graphique SD27D“ – dat ass hannen op Helper – an SDO7 ass hei uewen, vis-à-vis vun der Gare.

D'Plan-sectoriellen an hirer neier Form si jo den 10. Februar 2021 reglementéiert ginn, mir hu se awer nach net am Detail presentéiert kritt. A fir Diddeleng gesi se zwee Projete vir, vun deenen deem een

eeben dee vum BHNS ass. Dee soll also vun der Keeler Strooss erofkommen, dann duerch de Beräich Acomé/Nuddelfabrik fueren, an duerno duerch en Tunnel, ënnert der Eisebunn erduerch, Richtung Zentrum. Fir deem Avis vum CA23B nozekommen hu mer also festgehalten dass do sollt e „Couloir de servitude pour projets routiers au nord du site Nuddelfabrik“ an der Partie graphique virgesi ginn. An och zum Avis CA29 proposéiert de Schäfferot, fir dee „Projet de passage souterrain en cours d'élaboration, dans le cadre de la suppression future du passage à niveau existant et du PST BHNS“ an d'Partie graphique opzehuelen.

Fakt ass, géint Reglementer vum Legislatueur, an dësem Fall de „Plan sectoriel Transport“ kënnen mer eis jo net wieren. Allerdéngs hëlt d'CSV dat do lo mat engem mulmege Gefill op. Mir hu grad wéi vill aner Leit bestëmmt hei bannen nach ëmmer d'Hoffnung, dass eng schinnegebonne Léisung, wéi z.B. den Train-Tram zum Ophiewe vun eise 4 Barrière kéint bäidroen an dass domat dee Projet vun deem Tunnel beim PN103A do ni sollt Realitéit ginn. Schonn eleng wéinst deenen urbanisteschen Aschnëtter, déi e mat sech bréngt. Dir kënnt elo soen, mir wäeren naiv a blauäugig, mee doduerch dass dee Projet BHNS eis elo forcéiert ee Couloir mat deem Tunnel virzegesinn, gesi mir eis Illusiounen einfach zerplatzen. Leider hu mir och scho laang kee Rapport méi vum Schäfferot kritt, wéi wäit si mat hire Gespräicher an Interventione mat deenen zoustännege Ministere sinn, fir sech fir en Train-Tram oder sou eppes Änlech anzesetzen.

Gewëss ass d'Festschreiw vu sou engem Couloir jo nach keng Obligatioun, fir dee Projet och op déi Manéier mussen duerchzezéien, sou gesinn ech dat emol. Wann en eeben net sollt realiséiert ginn, dann ass warscheinlech nach näischt geschitt. Mee mir ginn dat komescht Gefill net lass, wéi wann dat do alles op Regierungseebene sou schonn decidéiert wier a wéi wann eise Gemengerot, wann en elo deem hei zoustëmmt, eng Oppositoun zum Projet géif nidderleeën a souzesoen eng Carte blanche géif ausstellen. Vlächst sot Dir elo: Et ass mat den Hoer erbäigezunn. Mee et ass awer e Punkt, deen ech eng Kéier wollt lassginn. Lo wëll ech mech och net ze vill op deem Punkt ophalen, mee op eng Ongereimtheet hiweisen, an zwar am Zesammenhang mat enger anerer Barrière, dem PN102D, dat ass deen zu Biereng. Och dee gëtt an deem Avis CA23B ugeschwat an do hat ech eng Presentatioun, déi mer geschéckt kritt hunn, wou et ëm d'Ewechfale vun der Bierenger Barrière geet a wou awer net op der Commission d'Aménagement hir Remark agaange gëtt. Do schreift de Schäfferot dann, an e schléit eis zum Vott vir „ne pas introduire de couloir pour projet routier Burange“. Do muss ech elo zouginn, do kommen ech net méi no. Wa fir Dudelangeville e Couloir muss ageschriwwe ginn, fir d'Ewechfale vun der Barrière ze kompenséieren, wéisou dann net zu Biereng? Déi ass jo grad sou gutt virgesinn, dass se ewechfale soll, wéi déi 3 aner och. A firwat gëtt dann do kee Couloir virgesinn? Dann hat jo d'Mobilitéitsstudie vun 2015 deemools geplangt, fir de Verkéier, wann d'Bierenger Barrière ewechfale sollt, duerch

Helper, an da mat enger Bréck iwwert d'Eisebunn, a Richtung N31 ze leeden. Mee an eiser Partie graphique ass op Helper och kee sou ee Couloir virgesinn. Mir hu lo virdru gesinn, do ass eng Coulée verte virgesinn, awer et ass kee Couloir de Mobilité routière oder sou virgesinn, fir d'Autoen ze drainéiere Richtung N31. Firwat ass deen dann nach net ausgewisen, wann en awer scho feste Bestanddeel vum globale Mobilitéitskonzept ass?

An elo gëtt déi Problematik ronderëm déi Couloiren nach méi komplex, well am Avis CA45 geet Rieds vun engem „Chemin pour mobilité douce“ zu Biereng. An dem Schäfferot seng Propos zum Vott ass do, op där selwechter Plaz: „indiquer un couloir pour mobilité express le long du chemin de fer“. Also dach e Couloir op där selwechter Plaz. Do muss ech awer elo soen, et ass mer eppes lo méi kloer gi bei eiser Presentatioun, déi mer lo kritt hunn. Dee Couloir fir d'Mobilité douce schéngt jo dann hanne vun der Autobunn erbäi ze kommen an dee Couloir routier, do hat ech verstanen, dass dee géif vun der Bierenger Barrière rausgoen. Vlächst kënnt Dir mer do soen, ob ech do einfach eppes falsch verstanen hunn? Ma domat net genuch, mir hunn, virun allem ech, hunn einfach den lwwerbléck verluer. Dat Ganzt ass fir mech net kohärent. Mee da kënnt eng Saach, fir d'Saach nach méi komplex ze maachen, an do kommen ech herno nach bei de Reklamatiounen op eng weider kontradiktoresch Ausso. An der Reklamatioun 42 zu deem Terrain um Enn vun der Rue du Nord proposéiert de Schäfferot de Reklamante folgend Positioun: „Maintien de la servitude pour projets routiers et ferroviaires afin de permettre la mise à deux voies du chemin de fer, un projet d'utilité publique“. Also kënnt elo awer erëm do e Couloir mat dran? An do muss ech soen, ech gesinn einfach net méi kloer, wat do vu Couloire virgesinn ass a wat net. Virun allem froen ech mech, firwat ass deen, deen herno duerch den Helper soll goen, net dran? Ech muss agestoen, dat Ganzt ass mer e bëssen onkohärent a konfus. An da wier ech frou, wann ech do géif Kloerheet kréien.

Da kommen ech zu de Reklamatiounen. Et ware jo dann, wéi de Buergermeeschter sot, 76 Avisen, dat war och eng ganz grouss Erausforderung. Heiansdo waren et nëmme Mëssverständnesser, anerer konnte relativ einfach gekläert ginn. 2/3 konnte gekläert ginn. An ech fannen, dat ass schonn en immensen Effort, wann een awer souvill Kompromësbereitschaft weist an och déi Feeler, déi sech ageschlach haten, déi ware jo och séier behuewen. En aneren Deel ware méi komplex Fuerderungen. Deene konnt een net ëmmer nokommen. Dat war anscheinend awer nach een Drëttel. Da wéilt ech op e puer Reklamatiounen agoen, wou mer elo no der Presentatioun e puer Saache komesch oder onkloer virkommen. Do ass fir d'éischt déi Reklamatioun Nummer 10. En Deel vun dem Schäfferot senger Proposen dréit do ëm den Ausbau vun de besteeënde Gebaier am „Environnement construit C“. Wou also am virege PAG festgehale war, et kéint een d'Construction principale flächeméisseg ëm 50% vergréisseren, do ass elo d'Propos am neie PAP Quartier existant, wou et ëm den „Environnement construit C“

geet, fir deen Taux op 75% eropzesetzen. Do wollt ech just bemierken, ech hat am Aarbechtsgrupp PAG scho monéiert, dass ech deen Taux e bëssen héich fannen, an dass ech mech do léiwer géif enthalen.

An der Reklamatioun 14 geet et ëm d'Mixitéit vun der Gebaier an der Rue du Commerce am ëm d'Obligatioun, de Rez-de-chaussée net fir Logementer, mee fir de Commerce ze notzen. Et gétt festgehalten, dass déi Obligatioun soll bäibehale ginn an domat d'Partie écrite net soll geännert ginn. Allerdéngs taucht dann an där Synthees, déi mer kritt hunn op deenen DIN A3-Blieder, e kontradiktoresche Saz am Suivi vum Schäfferot op: „Les immeubles 31-39 sis rue du Commerce n'ont pas cette obligation puisqu'ils sont en retrait du front bâti de la rue du Commerce“. Et kéint een do also ofleeden, dass dat heiten Haus ëm dat et geet, dat ass d'Nummer 37, och vun där Obligatioun entbonne wier. An där Ausso gesinn ech e Widdersproch. Well dat Eckhaus, ëm dat et hei geet, läit guer net en Retrait. Villméi ass den Trottoir do immens schmuel. Ass sech do vläicht an den Hausnummere geiert ginn? Mee dat mécht de ganzen Ënnerscheid. Kréien déi Leit da lo Satisfaktioun, dass se dierfen elo e Logement op de Rez-de-chaussée maachen oder net?

Dann hu mer déi Reklamatiounen 38A-G. Dat ass dat, wou ech schon ugeschwat hat, wou de Besëtzer am hënneschten Deel vun hirem Terrain eng Sträif Jardin privatif operluecht gouf fir eventuell Bebauungen an direkte Kontakt mam Bësch auszuschléissen. An do widerhuelen ech d'Fro nach eng Kéier, och par Rapport zum CA21 Angeldall. Wéi waren d'Critèren, fir déi Sträif an där doten Dimensioun auszezeechnen? Wat huet d'Breet vun där Sträif determinéiert? Gétt et do e Reglement dofir? D'Reklamatioun 42, do sinn ech scho bei den Avisen drop agaangen. Do geet et ëm dee leschten Terrain an der Rue du Nord. Dann, an der Reklamatioun 76, am Enoncé vum Suivi vum Schäfferot, also och op deenen DIN-A3-Blieder, déi mer kritt hunn, ass ze liesen: „Maintenir le classement en zone d'habitation HAB2B2 afin de garantir une urbanisation cohérente...“ Ass do net e Feeler? Déi ganz Zon ass jo awer HAB1. An och an der Partie graphique ass se als HAB1 ausgewisen. Mee do op där Synthees vun de Reaktiounen op d'Reklamatiounen, do ass awer ausgefouert: „Maintenir le classement en zone HAB2“. Wa mer do nach vläicht kéinte Kloverheet kréien.

An dann hate mer déi Reklamatioun 19, wou eng Kompensatioun hanne bei der Autobunn, bei der Diddelenger Baach elo erausgeholl ginn ass. Lo froen ech mech awer – déi Kompensatioun ass jo deemools an där Form festgeluecht gi fir Multimodal an Eurohub. An ass dat normal, dass een dann no e puer Joer einfach seet, lo huele mer déi Kompensatioun erëm eraus? Iergendwou, huelen ech jo awer un, muss se dann op enger anerer Plaz gemaach ginn? Et muss jo da bal en Ersatz do ginn? Dat gétt awer elo hei net weider ausgefouert. Wann et lo wierklech sou wier, dass ee just nëmme brauch 2 Joer no sou engem Projet an no der Konditioun, dass een eng Kompensatioun mécht, dass een dann erëm déi Kompensatioun einfach kann

ophiewen, eppes Anescht dohinner maachen, en l'occurrence hei eng Zone agricole, an dass een dann net méi brauch weider op enger anerer Plaz ze kompenséieren, dat géif ech e bëssen anormal fannen.

Dann hate mer nach déi Reklamatiounen vum Tom Bernard, wou ech ganz gutt fannen, dass deen esou vill konstruktiv Saachen abruecht huet. Also an der 7110 do geet et ëm dee Maximum an der Versigelung vum Terrain am Recul antérieur, wou gesot gétt, do mussen 30% onversigelt bleiwen an Espace vert sinn. Et gouf festgehalten dass ënnert déi Versigelung och d'Ausleeë vu Rasengitter fält, wat awer an Terme vu Reewaasseroflaf a mengen Aen diskutabel ass. Mee huele mer dat lo mol sou un. Elo gesäit een awer och ëmmer méi Besëtzer déi ufänken, syntheetesche Wues auszeleeën. Dat muss ee sech mol virstellen: Plastikwues an enger Gemeng, déi Ustrengungen zur Plastikvermeidung mécht! Ech hu mer doropshin d'Fro gestallt, ob dee syntheetesche Wues dann och d'Critère vum der Waasserduerchlëissegkeet erfëllt oder ob en net vläicht an d'Kategorie vun de Rasengitter misst gezielt ginn? Ech hunn dann e bëssen un Internet nogesicht. Natierlech, déi Leit déi e verkafen, sinn déi éischt déi soen, en ass super-permeabel, et ass dat Besch, wat der kënnst maachen. Awer ech wéisst gär, ob do hei nach Fachleit dat géife sou gesinn. Oder misste mer, wa mer de Rasengitter opzielen als eppes, wat net genuch permeabel wier, da vläicht och de syntheetesche Wues do dran huelen? Da bieden ech de Schäfferot, zu all deene Punkten do Stellung ze huelen.

Dann hate mer d'Partie graphique. An do hätt ech just eng kleng Fro. Dat ass zu där Zone Parc. Wann en Terrain an der Partie graphique vum PAG als Park ausgezeechent ass, wéi ass dann d'Rechtslag wann deen Terrain a privatem Besëtz ass? Am Artikel 23 vun der Partie écrite geet rieds vun der „Zone de parc public“. Deen Text mécht dann Allusiounen op d'Rechter vun ëffentlechen Instanzen zur „Infrastructure technique pour la gestion des eaux ...“. Wat ass dann elo do drënner ze verstoen? An d'Fro: Ass déi Definitioun „Parc public“ dann och fir e Privatbesëtzer nach zoutreffend? A wat fir Obligatiounen a Rechter ergi sech dann elo fir dee Privatbesëtzer dee sou eng Zone Parc huet an déi an der Partie écrite net opgefouert sinn? Do géif ech also och wannechgelift ëm Detailer bieden. An da kéim ech zum leschte Punkt, an dat wier den RVPS, also de „Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites“. Deen hate mer lo am Groupe de travail de 15.9. behandelt. Et war och eng ganz konstruktiv Debatt, wou mer dat iwwerschafft hunn. D'Resultat ass och do, wéi ech géif soen, zefriddestellend, ganz zefriddestellend souguer.

Am Spezielle wéilt ech awer niewent verschidden Textvereinfachungen a Korrekturen, déi mer gemaach hunn, déi am Bautereglement elo opgefouert sinn, op 2 méi biergerfrëndlech Ännerungen agoen, déi mer gemaach hunn. An ech fannen dass dat derwäert ass, dass een dat seet. Zu deem enge war dat ee Punkt, dass op enger autoriséierter Stellplaz op sengem eegenem Terrain am Projet zum RVBS virgesi war, dass

een do net dierf eng Roulotte, eng Caravane oder e Mobilhome ofstellen. An déi däerf ee jo souwisou och net am ëffentleche Parkraum ofstellen. Et steet zwar do, ausser et wier eng extra Plaz ausgewisen. Mee ech weess hei zu Diddeleng keng, déi dofir ausgewise wier. Mir hu wuel Camionnettëparkingen, mee néierens eng, wou een déi Gefierer kann histellen. De Problem fir d'Leit, déi sou eppes hunn ass, dass et ëmmer méi schwéier gëtt fir se ënnerdaach ze kréien. Se passen a keng Garage. D'Scheieren, wou se soss bei de Bauere konnten ënnerkommen, déi verschwanne lues a lues oder gi fir aner Zwecker gebraucht. An ech hätt et net begréisst, wa mer eis dorop behaupt hätten, lo dierf ee se jo och mol net op seng Stellsträif niewent dem Haus oder souguer hannert dem Haus stellen. Souwisou kritt ee fir sou Gefierer jo och keng Vignette vum Parking résidentiel a mir hätte wierklech d'Leit do an eng Sakgaass geboxt, wou se net méi rauskommen. An ech si frou, dass mer dee Punkt elo an deem Sënn vereinfacht hunn, dass ee schonn op sengem Privatterrain sou ee Gefier dierf ofstellen, dass een et selbstverständlech awer net um Espace public dierf. An et ass och kloer geschriwwen, dass een an deem Gefier net däerf wunnen. Well zu deem Punkt koume mer gläichzäiteg och op d'Diskussioun iwwert d'Tiny Houses, déi och ganz interessant war. An da war deem Punkt dee vun de Reklammschëlter un de Fassaden. An do sinn ech och frou, dass do zréckbehale ginn ass, aus engem konkreten Anlass eben, dass déi Fassadeschëlter mussen ewechgeholl ginn, wann déi kommerziell Aktivitéit, déi domat zesammenhänkt, net méi op där Plaz existéiert oder wann z.B. déi Firma geplënnert ass.

An dann hunn ech nach eng lescht Fro, wou d'Madamm Zeyen elo hire Punkt do dobäigesat hat: "Autres points". An zwar geet et do ëm déi Voie expresse. Lo soe mir, mir reservéieren do e Couloir vu 4-6 Meter. Meng Froe sinn déi hei: 1. Ass d'CFL dann domadder d'Accord? Kréie mir dat Recht, fir op der CFL hirem Terrain sou eppes dohinner ze maachen? Well da wiere se jo fir eng Kéier immens konziliant, wou se sech soss ëmmer queeschstelle fir alles. An da froen ech mech awer: 2. Mécht dann net dat Konzept vun där Voie expresse laanscht d'Eisebunn réischt Sënn wann dee Problem mat de Barrière gekläert ass? Sou laang mer Barriären hunn, déi dauernd op an zou ginn, weess ech net ob et sënnvoll ass, dass do eng Voie express mat Vëloen däerf fueren. Dir hutt lech do scho vill Gedanke gemaach schéngt et, an Dir hutt schonn éischt gutt Iddien. Ech wier ganz frou wann ech do nach e bësse méi Detailer géif dozou kréien. Sou, Merci dat war et. Fir ofschléissend ze soen, ech fannen dass mir hei – erlaabt et, dass ech „mir“ soen, well ech erlabe mer ze soen, ech hätt do geringfügeg dru matgeschafft – eppes virgeluecht hu wat d'Strooss hält, an ech sinn do ganz zefridden driwwer. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Gangler fir seng Stellungnam an Appreciatioun an och nach fir eng Rei Froen, déi hie gestallt huet. Ech géif proposéieren, dass mir och d'Chantal Zeyen an de Jean Brodeur, respektiv och eise Service

technique op déi verschidde Punkten äntwere kënnen. Ech géif virschloen, well et jo awer op eng Rei Froe waarden, fir dass mer déi beäntwere kënnen, an da kënnen déi nächst Conseillere Stellungnam huelen. Dofir ginn ech da lo weider un d'Chantal.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Ënnert der Kontroll vun deenen aneren, déi genannt sinn, fänken ech dann emol un. Also mir hunn an der Menkes bis Biereng keng Extensioun. An déi aner, mat de Lamaen, déi hate mer jo scho vun Ufank u geschwat. Soss ass keng. Bon fir d'Déieren natierlech. Fir d'Fleegestatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Fir d'Fleegestatioun maache mer de Perimeter op. Well dat ass jo e Projet d'Utilité publique, d'Fleegestatioun, wou d'Déierenasyl ass a wou d'Société avicole ass. Deen Deel maache mer op, well eng Utilité publique jo kënnt.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Deen hat ech elo net ugeschwat. Ech hat déi zwee Punkten ugeschwat, déi sech op Privatleit bezéien oder op en Avis vun der Commission d'Aménagement.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Dann hat Dir gesot, déi Kompensatiounen. Déi Kompensatiounen, souwäit ech weess, sinn déi gemaach ginn. Déi sinn an deem Moment hifälleg. A si leie jo an der Zone verte, si leie jo an deem sougenannte Landschaftsschutzgebiet. A si wäeren an deem Sënn contraire gewiescht, well en Deel soll landwirtschaftlech genotzt ginn. Dat war dat, wat diskutéiert war. Dofir ass et natierlech net esou, dass eng Kompensatioun nëmmen zwee Joer ass, an dann hält se op. Si ass gemaach, si ass exekutéiert. An dofir hu mir och gemengt, dass dat do kee Problem wier. Dann déi Saach Angeldall. Dat ass e Sujet, deem ass vun der Commission d'Aménagement a vum Ministère de l'Environnement komm, fir dat erëm eng Kéier zeréck aus der „Jardin“ ze huelen, a si hunn do - wann ech dat richteg am Kapp hunn - eppes vun 10, 15 Meter gesot. A mir hunn eis op dat baséiert, fir dat rëm ze maachen. Mir hunn natierlech och gekuckt, d'Leit hate jo schonn hannert hirem Dénge e bësse giel an dann hu se hannendrun nach eng Kéier déi Meteren. An da koumen effektiv déi Saache wat scho méi bewuesbar ass. Also dat baséiert op deem Avis.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): An d'Parkstrooss d'selwecht? Well do hunn ech keen Avis fonnt dee seet 15 Meter oder sou. Déi Sträifen an der Parkstrooss, déi och zou der Le'h zou hannen och Jardin privatif gemaach goufen.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Do hu mer de Leit eng normal Déift gelooss am gielen. Si hunn en normale Recul kritt, fir datt se kënne mat hire Reculle fonctionéieren. An dann ass deem hënneschten Deel da just Gaart ginn. Déi Saach mat deem Parc privé, do wär ech frou, wann do een aneren eppes géing soen. Règlement sur les Bâtisses och. Couloir de Mobilité

douce, dat war eng Saach, déi war engersäits an der Commission d'Aménagement ugeschwat ginn, dass een do nach méi Kohärenz nach hätt, och mat de Vélospisten a sou weider. Du war et och nach vun engem Vertrieeder vum Ministère des Transports ugeschwat ginn an enger Reunioun. An du ass gesot ginn, et ass jo lo de Moment fir – de PAG setzt jo de Kader – fir et lo mol als solches ze kucken, ob et fonctionéiert. Dat war eppes, wat mol ganz wichteg war. A well mer do soen, dass et awer innerhalb vun deem wäisse Beräich ass, ass et jo mol net sou, dass et op Privatterrain läit. An deem Sënn geet et lo drëm fir mol eng Servitude ze assuréieren. A souwäit ech weess, ass awer do d'Eisebunn net ofgeneigt. Mee ech mengen, et gëtt elo nach kee Pabeier, wou si gesot hunn: Mir maachen et. Et ass och geschwat ginn, wem seng Responsabilitéit ass dat elo, fir dat ze exekutéieren. An do kéint een och soen, dass dat jo awer eppes ass, wat gewëssermoosse regionalen an nationale Charakter huet, dass dat eppes wär, wat vun engem Ministère géing an d'Hand geholl gi fir dat an eng gewëss Realisatioun ze kréien. Dat war op alle Fall mol sou, wéi mer do geschwat hunn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Firwat da kee Couloir routier zu Biereng?

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Deen ass an der Diskussioun. Wéi mer deen haten, du ass gesot ginn, dat ass nach net kloer genuch an et ass och net sou, dass dee vum Plang hir sënnvoll wär fir deen elo do ze erschléissen. Also an den Diskussiounen, wéi mer déi Projeten do gekuckt hunn, ass deen als manner sënnvoll gesot gi fir deen elo festzehalen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat heescht, mir mussen eis och net un d'Mobilitéitskonzept halen, déi awer uféieren, dass déi Barrière solle bis 2024 ewechfalen? Rechne mer nach 2 Joer Covid dobäi, da geet et awer och nach net 2026.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also an der Hypothees vu Barrieren ewechfalen, wann d'Barrieren ewechfalen, da kann dat jo réischt si wann d'Zuchstreck Lëtzebuerg-Beetebuerg demultipléiert gëtt an déi ass sou bal nach net fäerdeg. Also sou laang kann et och net stattfannen. Onofhängeg vum Covid sinn et och Retarden, wat d'Exekutioun vun deem Projet ugeet. Merci Chantal. Vlächcht kënnen och nach den Tom oder d'Cathy oder d'Eva op e puer Punkten agoen? Wann d'Chantal Zeyen respektiv de Jean Brodeur mat de Punkten duerch sinn?

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Ech mengen, dass ech lo alles hätt, sauf Erreur. De Rescht war lo nach Quartier existant. Déi eng Saach, déi ech awer och erkläert hat, dat war déi Saach mat deenen Hausnummern, do kann ech awer lo guer net mathalen. Mee do um Eck Zoufftgengerstrooss, Commerce, dat war kloer gesot ginn, dass an den Argumenter vun der Reklamatioun gesot gi war: Firwat hunn déi aner et net, déi si jo och do? An do hu mir gemengt, déi leie jo awer vill méi en Retrait, awer si um Eck sollten dat

behalen. Also déi Reklamatioun, déi ass net zréckbehalte ginn. Do um Rez-de-chaussée soll déi Obligatioun bleiwen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Mee an deem Text, dee mer kritt hunn, do steet: „Les maisons avec les numéros 31-39. An 39 ass jo d'Jungshaus mat der Maison sociale. Do ass jo de 37 mat dran. „sont dispensés de cette obligation“. Dat muss awer e Feeler sinn. Well dat Haus 37 kann net dispenséiert ginn, well et ass grad do, wou déi mannste Plaz ass.

EVA GOTTSCHALCK (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Nee Pardon, ech mengen do ass e klengt Mëssverständnis. Dat Haus, déi Hausnummer vun deene Leit, déi reklaméiert hunn, dat ass d'Nummer 23. Dat heescht, dat ass net an deenen Haiser abegraff, déi déi Ausnam hunn. Déi leien effektiv méi wäit zeréck. Dat hu mer an der Presentatioun och gewisen. Do sinn déi Haiser gezechnet, déi ausgeholl si vun där Festsetzung, dass se mussen um Rez-de-chaussée mat Commerce bespilt ginn.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Par Rapport zum Artikel 20.7 wat d'Amenagementer ugeet vun de Virgäertercher. U sech ass alles verbueden, wat e Revêtement de Sol minéral ass, dat heescht, alles wat kënstlech ass. Dat heescht, souwuel Konschtwues, wéi all aner Surface, Schotter, dat hu mer preziséiert. Bon, mir konnten net alles preziséieren, well et kënnt all Joer erëm iergend en neie Produit eraus, wou d'Leit kéinte benotzen. Mat Revêtement de Sol minéral, do hu mer wéi laang gesicht fir eppes ze fannen, wou dat Ganzt och drënnerfällt. De Gazon synthétique.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat heescht, de Plastikwues fällt och do drënner? Ech fannen awer, wann een hannert sengem Haus seng ganz Wiss als Plastikwiss mécht, da mécht en am Fong eppes falsch.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): D'Zil ass jo u sech, et soll jo net nëmme gréng sinn, et si jo och Insekten, déi do dra liewen. Wann een dat géif sou maachen, deemno wéi gëtt dann drënner en Drainage gemaach an da gëtt rëm alles an de Kanal drainéiert. An dat wëlle mer jo och vermeiden.

CATHY MAMBOURG (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): An da war nach déi Saach, do hues De effektiv Recht, an der Marcel Schmit-Strooss, do ass am Tableau e Feeler. Dat ass eng HAB1, net eng HAB2. Dat stëmmt. Dat redresséiere mer.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Entschëllegt, meng Presidentin wéist mech drop hin, am Kontext vun Plastikwues, dass ech do vlächcht och mol eng Kéier soll froen, wéi et mat eise Fussballterrainen ass, déi e Plastikwues hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass e bëssen eppes Aneshtes, wéi de Plastikwues, deen een doheem huet fir seng Terrass. Do ass

jo och e gewëssen Drainage, deen ass perméable à l'eau. Dat ass eppes ganz Aneschters. Dat kann een net matenee vergläichen. Dat ass kee classesche Plastik. Et ass eng aner Matière. OK, ech mengen dass mer hei duerch déi verschidde Punkte gaange wären, an da géif ech vläicht froen, ob nach en anere Conseiller/Conseillère eppes dozou soe wëll? Wann nach Froe wären, wann nach een anere wëilt hei bannen d'Wuert ergräifen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo d'selwecht wéi d'Madamm Kayser, also ech hunn 2 kleng Froen an d'Stellungnam dann duerno. Ech hat eng Fro zu der Reklamatioun 7. Do war eng Servitude Couloir Mobilité douce, déi ass awer ewechgeholl ginn. Do froen ech mech awer elo, wéi kënnt een dann herno op den Terrain hannendrun, well do ass se bliwwen. An dann, ech verstinn net den Ënnerscheid tëschent „Jardin“ a „Servitude Urbanisation Jardin privatif“. Ech hunn alles gelies, wat ech fonnt hunn. An ech hu fir mech erausfonnt: Wann et „Jardin“ ass, dann däerf ech keng Piscine a keng Garage bauen a wann et eng „Servitude Urbanisation Jardin privatif“ ass, dann däerf ech eng Garage, respektiv eng Piscine dra bauen. Wa lo Leit „Jardin“ hunn an déi maachen eng Ufro fir eng Piscine, da kréien déi dat net gestatt. A wann et „Jardin privatif“ ass, déi kréien dat gestatt. Da ginn d'Leit vläicht erëm jalous op déi aner, déi dann däerfen. An da versti se net, firwat däerfe se a firwat net. Ech kann och elo vläicht falsch leien, ech wollt dat einfach nach eng Kéier nofroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Dat do ware lo net vill Froen, par Rapport zum Här Gangler. Dofir, wann nach aner Froe wären, wär et vläicht de Moment fir se drunzehänken? Neen, dat schéngt net de Fall ze sinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech stellen elo Froen zu deene Presentatiounen an herno wollt ech e Statement maachen. Voilà, eng Fro hunn ech zu deenen „Récréation – Aires de jeu“. Mir fannen dat jo prinzipiell gutt, dass mer an all Quartier wëllen eng Spillplaz bauen, d'Spillplaz och figéieren, festhalen. Mee bei verschidde Plaze stelle mer eis awer Froen. Zum Beispill an der Rue du Château Fort, do ass eng Spillplaz virgesinn, déi klak am Schied ass. Dat ass ongesond, dat ass fiicht, dat ass rutscheg. Kann een déi net vläicht eraushuelen? Mir hu jo och de Lauschter-Wanderwee, deen do geet. Dat heescht, mir hätte jo do, wann d'Leit soen: Jo, mir kréien an all Quartier eng Spillplaz, just do net. Do hu mer jo dann dee Lauschter-Wanderwee, wat jo awer och eppes Rekreatives an eppes Ludiquës ass. Dat war eng Fro, ob een dat net kéint rausshuelen? Well mir fannen déi Plaz do absolut net ubruecht, fir eng Spillplaz unzeleeën.

Dann och zu där selwechter Kategorie „Récréation – Aires de jeu“, do hu mer jo och eng festgeluecht bei der Gafelter Schoul. Am leschte Gemengerot hate mer nach eng Kéier en deieren Invest fir d'Sanéierung vun der Gafelter Schoul votéiert. Den Här Zuang hat jo gemengt, et wär awer warscheinlech de leschten

Invest, dee mer géifen an dat Gebai maachen.

Meng Fro ass elo: Mir mussen deene Kanner jo awer eng Schoul bidden. Wa mer lo iergend eng Kéier déi Schoul wëllen ofrappen, da mussen mer iergendwou e Container stellen. Wéi ass dat zum Beispill wann s de lo do den Areal als „Récréation – Aires de jeu“ définéiers, wär dat awer eng Méiglechkeet, dass de dee kéints temporairement ausser Kraaft setzen, fir z.B. e Container dohin ze setzen, wa mer mussen eng nei Schoul bauen?

Dann hunn ech eng Fro zu der Zone forestière: „Dans la zone forestière peuvent être érigés des aménagements, une construction dédiée à une activité syvicole et apicole...“ oder „à un but d'utilité publique“. Do ass eng ganz konkret Fro: Ass dat z.B. méiglech, mir haten d'Diskussioun mat eiser Bëschcrèche am Quartier Italien, dass déi iergendwéi en Haische oder eppes brauchen an enger Zone forestière. Ass dat méiglech, dass een do z.B. sou e klengt Haische kann hisetzen? Well wa mer mat enger Bëschcrèche vum Quartier Italien eropginn op d'Haard, do war déi Diskussioun, wou kënnen d'Kanner raschten? Ass dat méiglech? Dann, genau déi selwecht Fro wéi d'Madamm Heinen gestallt huet: „Zone de jardins familiaux“, de JAR, do dierfs de keng Piscine maachen. An a Servitude „Urbanisation et jardins privés“, do dierfs de dat. Do si mer och net eens ginn. Dat ass e bëssen e Flou, wou een dann och e bësse Problemer huet, genau wéi d'Madamm Heinen gesot huet, wat do wat ass.

Da kommen ech zu de Froen zu de Parties-écrittë vum PAG. Do ass bei Koibestrachen, dat ass am Artikel 7, dat ass eng Zone d'activité économique nationale an eng Zone d'activité économique communale. An hunn ech dat do richteg gelies, dass hei keng Méiglechkeet besteet, z.B. eng spidolsänlech Struktur oder en Polyklinik do opzeriichten? Wa mer wëilten eng nei Struktur opriichte fir Soins primaires médicaux oder sou, bleift eis dann do just d'Zone mixte urbaine, wou ee kann Equipements de service public hisetzen? Ass dat richteg? Ass dat total ausgeschloss ob Koibestrachen, souwuel an der nationaler Zon, wou mer jo näischt kënnen driwwer decidéieren, mee awer an der kommunaler Zon? Well ech hunn elo näischt doriwwer fonnt, dass een z.B. kéint den Equipement médical oder sou eppes kéint maachen. Dat ass eng Fro, déi ech dann nach dozou hunn. Da kommen ech op Emplacements et Stationnement. Dat ass och an der Partie écrite vun de PAGen am Artikel 20. „Un emplacement par tranche entamée de trois chambres meublées ou non-meublées. Cet emplacement doit être aménagé à l'intérieur de l'immeuble.“ An do ass awer eppes erausgeholl ginn: „Cette disposition est également applicable aux cas de co-location“. Meng Fro ass: Firwat ass dat rausgeholl ginn? Ass dat just eng Terminologiesfro? Dann dozou nach eng Fro: „Un emplacement par maison unifamiliale doit être aménagé sur la parcelle concernée“. Meng Fro ass: Wann elo z.B. op engem Terrain, an engem Säitepassage, en Emplacement kreéiert gëtt, do si Fäll hei zu Diddeleng, do ass dann einfach op der Strooss, op der Voie publique, dann ass do den Emplacement ewechgeholl

ginn. Firwat ass dat esou? Och wann do nach Plaz ass tëschent deem Säitenagank an där nächster Garage, soe mer mol sou? Dat ass mer net ganz kloer.

Da kommen ech zu de Crèches. Do ginn et och verschidden Onkloerheeten. Eng Kéier steet do: „Un emplacement visiteur par tranche de 10 enfants pour les crèches“ ass virgesinn. Meng Fro ass: Firwat ass dat sou spezifizéiert? Well dat ass jo och sécher och e Problem fir d'Personal, fir eng Plaz ze fannen? Wa mer lo en Emplacement Visiteur maachen, dann ass dat jo – huelen ech mol un – eng Aart Kiss & Go. Gëtt dat dann och kontrolléiert oder kënt do en extrae Panneau hin? Firwat ass dat? An do fannen ech dann och e bëssen onkloer, z.B. beim Quartier NeiSchmelz, do steet explizitt dran, dass bei de Crèches: „2 emplacements réservés au personnel de la crèche“ ausser deem Emplacement Visiteur, deen do och nach mat dra steet. Dofir meng Fro: Firwat ass bei deenen engen Emplacement réservé du personnel virgesinn a bei deenen aneren net? Dann och zu den Emplacementen nach, zu de Parkingen. Beim Quartier NeiSchmelz, do gi mer net 1 Emplacement minimum par Logement, respektiv souguer 1,5 bäi iwwer 50 m² Wunnfläch. Mee de Maximum vun 0,8 Emplacementen pro Logement, dat hate mer jo och laang a breet hei diskutéiert, dass dat eng Exceptioun ass zou dem Haaptreglement. Meng Fro ass: A Bëlleg ass elo z.B. net erwänt ginn hei. Hätte mer dat net scho misse mat dra bréngen, dass mer jo do och eng Exceptioun votéiert hunn? Dann eng ganz praktesch Fro: et gëtt eng Taxe compensatoire wann een am Zentrum, an der Zone mixte urbaine, keng Parkplazen um Terrain ka kreéieren, da muss een eng Taxe compensatoire bezuelen, déi am Taxereglement vun der Stad festgehale gouf. Ech weess awer leider net, wéi de Montant dovunner ass. Vlächent kënt Der mech do nach opklären, wéi vill dat ass? Ob mer dat scho festgesat hunn oder ob er dat nach musse maachen? Dann ass och eng Fro zu deem Terme: „Servitude Urbanisation – mesure compensatoire“ do stoung dran „compenser des biotopes ne pouvant être maintenus“. Déi Servitude déi ass verschwonnen. Lo ass meng Fro: Firwat ass déi verschwonnen?

An da kommen ech zu de Froen beim PAP Quartier existant: An de Zonen HAB1A an HAB1B do ass vlächent ganz interessant gewuer ze ginn, dee „Projets à caractère social, à 46 unités maximales par immeuble sont autorisés, sous condition qu'ils soient réalisés par la Ville ou un promoteur public“. Also de Promoteur public, dat ass jo de Fond de Logement an d'SNHBN. Mee mir hu jo och e puer Projeten, déi vun der Kierchefabrik gebaut ginn, ass dat och e Promoteur public oder gëllt deen als Promoteur privé? Dat ware Froen, déi ech ugedroe kritt hunn. An dann, wat och e bëssen onkloer ass: Et ass gesot ginn dat Wuert Co-location, dat ass net méi aktuell. Mee wann ech am Artikel 18.3 kucken, e Changement d'affectation vun engem Haus „est soumis à une autorisation du bourgmestre“. Dozou gehéiert och: „le fait de louer une maison unifamiliale en co-location“. Do ass meng Fro mol fir d'éischt: Do steet den Terme Co-location nees dran. A wéi ass et z.B. mat den Appartementen, déi mer en

Co-location ginn? Dat wär jo dann och e Changement d'Affectation, firwat steet d'Appartement net och dobäi? Voilà, dat waren d'Froen, déi mer opgefall si beim Duerchliesen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och der Madamm Kayser fir hir Froen wat souwuel de PAG ugeet, wéi och de PAP Quartiers existants. Da géif ech och do proposéieren, dass souwuel d'Chantal an de Jean op verschidde Punkten aginn an op déi aner Punkten eis Servicer.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Déi éischt Fro vun der Madamm Heinen. Dee Couloir „Mobilité douce“, dat ass op deem Parking. Dat ass am Moment mengen ech deem Dsai Parking. An si hu sech do gewiert, fir deen dorobber ze kréien. Quitt dass dat muss herno an der Kohärenz do geschéien. Mee dat muss dann an der Diskussioun geschéien. Ech mengen natierlech ass et esou, dass een ëmmer nach dee Wëllen huet, fir do dranner. Mee villäicht si se herno d'accord, dass een op d'mannst Leit awer kann dodriwwer goe loossen. Also dass dat onkohärent ass, wann een dat einfach esou raus hëlt, dat ass net falsch. Mee et ass de Moment wollte si op kee Fall hunn, dass do iwwert dee Parking, dass si do e Problem hätte mat deene Leit. Mer wollte just präziséieren, dee Couloir, dee kënt net komplett eweg, mee mer déplacéieren en an de PAP eran. Well dat do ass jo Quartier existant. Deen Terrain hei, wou en driwwer gelaf ass, mir déplacéieren en an e PAP Nouveau Quartier an do kann en da realiséiert ginn am Kader vun der Planung vum PAP. Pardon, dat do wollt ech just präziséieren.

Da kënt déi Saach mat deene Gäert, mat deene Superpositionen. Dat eent emol, dass déi eng eng Piscine an déi aner eng Garage, dat ass esou dass dat an der Rue du Chemin de Fer, do ass den Zousaz mat der Garage dran, well déi jo hannendru Garagen hunn. Well am Normalfall wëlle mer an de Gäert keng Garagen. Mee dofir ass dat eng Spezifitéit, well dat sech do schonn als Servitude do erginn huet. Dat ass richtig. Dat aanert ass déi Saach mat de Schwämmen an der Servitude an am normalen Text. Do stelle mer grad fest, dass dat effektiv net richtig kloer ass. Dat hu mer lo hei ënnert eis hei gesot. Et ass effektiv am Jardin familial, dass do déi Schwämmen net dra sinn. Mais on l'a ajouté je crois...

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Et ass richtig. Et ass jo am Angeldall. An dat war fréier eng Zone non aedificandi, wou s de huesguer näischt dierfe bauen. An doduerch ass eben elo de „Jardin familial“ do entstanen, well do jo och Loftzoufuer ass fir Diddeleng. Den ieweschten Deel vun de Gäert, déi kruten u sech elo méi, wéi dat wat se am ale PAG haten. An doduerch ass dat, huelen ech un, dass et ee vun den Hauptgrënn ass, well do hate mer och keng Reklamatiounen. An déi aner, déi louche jo alleguer an enger Zone d'habitation - souwuel an der Rue du Chemin de Fer, wéi an der Parkstrooss. Also d'Fro war, fir Schwämmen ze maachen, respektiv Garagen, déi jo bis dato och do verbuede waren. A well se awer d'Ar-

gument bruecht hunn, dass et scho Garagen hannert de Gäert do wieren, si mir eben dorobber agaangen, dass se eebe kënnen och Garagen do bauen, sou wéi déi Leit an der route de Zouftgen oder am Brill. Piscinen och. Do war och Ufroen schonn, déi et refuséiert kruten, elo am Kader vun der Saisine. An dodropshin hunn d'Leit eben och nach eng Kéier reklaméiert géint de PAG. Dofir hu mer do gekuckt, dass mer mussen déi zwou Saachen e bëssen trennen.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Also mir hunn nach eng Kéier gekuckt. Et ass do wou ech dee Fall, wou d'Madamm - lo ech weess net méi, wéi eng Nummer et war - wou mer gesot hunn, se kann duerno mam Accord Voisin op 1 Meter goen. Déi ass an enger normaler HAB1. Déi huet also ee Gaart, deen ass an där normaler HAB1. Dat heescht, déi normal Gäert, déi dir hannert Ären Haisere, si giel an der HAB1. A "Jardin" net dacks. An dofir hu mer déi Zone an de "Jardinen", wou effektiv jo am Angeldall jo kee soll hkommen, sinn déi normal Zone-de-Jardinen. An dofir hu mer déi, déi lo Jardin Lenkeschléi an Chemin de Fer, hu mer extra déi Servitude do droppeluecht. Sou, lo si mer rem kohärent.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann nach d'Zone forestière.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): D'"Zone forestière Utilité publique"? D'Utilité publique läit net an eisem Domaine an och net am Domaine vun der Gemeng fir ze soen, dat ass et oder ass et net. Do muss ee quasi Cas par Cas kucken, wat do méiglech ass. Do gëtt et mengen ech och keen Text, deen dat sou seet. Bon, déi Saach mat där temporärer Notzung, ass dat net eppes wat awer misst méiglech sinn an enger Zon, eng temporär Notzung fir ëffentleche Besoinen? Ech mengen, och op enger Spillplaz, wann een elo seet, déi Spillplaz ass elo condemnéiert fir déi Zäit, da misst awer eng temporär Notzung méiglech sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir hate jo scho mol Situatiounen, grad do an der Gafelt, wou en Deel vum Schoulhaff geholl ginn ass, och als Installation de Chantier temporaire. Dat heescht dat geet. Et ass jo just temporär. Et ass jo net definitiv.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Da Koibeschrachen mat där Polyklinik: Fir mech - ech hunn deen Text awer lo net méi hei vum Plan sectoriel - mee ech hat awer den Androck, dass deen déi Spezifitéit "Santé" do mat dranhuet. Ech misst dat nokucken. Also, ech hunn deen Text lo net méi hei, well dat war jo ëmmer geduecht, dass dat sou eng Filière, eng Spezifitéit vun Diddeleng sollt kënnen machbar sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass jo eng national Zon, fir d'Technologie de la Santé et de l'Information. Et ass elo net direkt virgesinn, fir elo e Spidol oder eng gréisser ëffentlech Infrastruktur oder eng Klinik.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Michèle, wat Deng Fro nach ugeet fir d'Stationnement. Do ass et esou, dass bis haut jo all Mënsch 6 Meter Afaart ze gutt hat. Dat ass jo ëmgeändert ginn, dass et just nach Exeptione ginn. All Mënsch d'äerf 3,50m Afaart hunn. Da ginn et 5 Punkten, déi s de muss respektéieren, fir kënnen 6 Meter ze kréieren. D'Zil war eeben dass manner ëffentlech Parkplazen verschwannen, eebe fir dass Privatileit, dat ass da just ee Menage, deen déi ka benotzen. An aaneschters kann awer déi ganz Populatioun déi benotzen. Wat d'Taxe ugeet, d'Taxe compensatoire, déi gëtt et zënter 2004 an déi ass 9.500€. Dann has De nach eng Fro iwwer d'Crèchen. Do hunn ech keng Äntwert drop. Dat weess ech elo direkt net, duerch wat dat kënnt, firwat am PAP Neischmelz do dat aaneschters ass, wéi am QE. Par konter wat d'Co-Location ugeet, dat hu mer erausgeholl, ënner anerem well d'Co-Location national e grousst Thema ass. Ech mengen, do kann de Buergermeeschter dann nach eng Kéier villäicht och e Saz dozou soen, wat d'Iddi war, fir eventuell nach bäizesetzen an der Delibération oder sou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): A well et och am Avis stoung, am Avis vum Ministère. Et stoung am Avis vum Ministère, dass mer et sollen eraushuelen. Mer haten et jo initial dran. Dofir droe mer deem Rechnung, wëllen awer an eiser Delibération e Renvoi drop maachen, dass et awer wichteg wier, dass et um nationale Plang gereegelt gëtt, fir dass mer dann gegebenefalls och kënnen an enger spéiderer Phase nobesseren am Kader vum PAG. Mir sinn net déi eenzeg Gemeng, wou déi Diskussioun ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo dat ass kloer. Wat eben dann onlogesch ass, dat ass am Artikel 18.3. am PAP Quartier existant, wou dann eebe steet, wann s de eng Ëmwidmung méchs - changement d'affectation - dozou gehéiert och "le fait de louer une maison unifamiliale en co-location". Da musse mer dat awer och do eraushuelen, well soss ass dat awer net logesch. Well do war jo meng Fro... Artikel 18.3. bei de PAP Quartier existant, an deem Déngen. Da musse mer dat awer do... entweder den Artikel ganz eraushuelen, oder just dat Wuert dann. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. War nach e Punkt?

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Parkplaze Crèchen - Do ass et esou, dass fir déi normal Aarbechtsplazen leeft dat ënner dem C "autre que l'habitation". "Un emplacement par tranche entamée" souwisou. "Etablissements artisanaux, les services, les bureaux" asw. Dat ass fir d'Leit, déi do schaffen. A well mer bei de Crèchen eeben dee Problem hunn, dass do systematesch méi ass, ass do dee Supplément mat de Visiteuren. Dee soll och net vun den Employéen genotzt ginn. Dat soll och wierklech si fir de Kiss & Go. D'Kontroll vun där ganzer Saach ass souwisou en anert Thema. Et kann een et bei all Reglement ëmmer stellen. Dat hei ass, loosse mer soen, d'Iddi vun der Saach.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): D'Iddi ass, et ass dofir virgesinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, dass een dat dann als Kiss & Go dann och muss differenzéieren, wann s de et wëlls als Visite just pour visiteurs. Dat ass ëmmer schwéier dann fir..

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Et ass e bës-sen esou wéi an de Grande- Surfacen, déi jo och kucken déi Leit, déi do schaffen, dass déi sech vläicht hannen an den Eck stellen, an déi Leit déi do akafe kommen, dass déi déi agréabel hunn. Sou misst et jo och innerhalb vun enger Crèche e bësse gekuckt ginn, déi Leit déi hei schaffe kommen, vläicht gëtt mat deene gekuckt, dass se mam Bus oder zu Fouss oder mam Vélo kommen, an déi aner vläicht manner. Dat ass ëmmer deen Thema, dee mer bei all deene Saachen hu mat d'Parkplazen, wou dat ass. Do sinn awer elo wat d'Fro ubelaang, déi zwou verschidde Komponenten.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): An da war nach d'Fro, firwat A Bëlleg net explizitt drasteet. Wann de Quartier NeisSchmelz mat senger anerer Opschlëssung drasteet.

CATHY MAMBOURG (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): A Bëlleg hu mer am Fong keng Ausnam. A Bëlleg si mer fir dat wat um privaten Terrain ass konform. A wat den ëffentleche Raum ass, do do verlaange mer manner. Dat ass am PAG awer net ausgewisen.

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Et ass jo och esou, Dir hat jo och nom Maximum gefrot. NeisSchmelz sollt jo lo wierklech awer e Quartier sinn, mat enger ganz anerer Auswierkung. Do ass eigentlech dat schonn probéiert ginn, wat eigentlech och hei ëmmer gesot gëtt: Mir mussen op e Maximum goen, net op e Minimum. Dofir ass NeisSchmelz, wou jo awer alles anescht gekuckt gouf, méi kohärent asw. Déi Exceptioun hu mer och, wann lo nach aner Quartieren esou géife kommen. Dass een do och kann op déi Spezifitéit agoen a soen: Dat do ass e Quartier, dee läit no bei der Gare, oder do wëll een och vläicht eppes probéieren ouni Autoen oder mat manner Autoen, da kéint een dat och maachen. Mee A Bëlleg ass dat jo net Thema gewiescht. dofir ass eigentlech deen Ënnerschied NeisSchmelz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da wollt ech vläicht dem Michèle Kayser drop äntwäre par Rapport zum Promoteur public. D'Kierchefabrik ass kee Promoteur public. Dat ass kllassesch d'Gemeng. Wéi gesot, d' Stad ass iwwer den SHBM an iwwer de Fonds du Logement, mee d'Kirchfabrik ass e Promoteur privé. Bon jo, deen awer natierlech kann subventionéiert Wunnenge maachen. Iwwer de Conventiounement ass jo kee Problem. Ech mengen dann hätte mer probéiert, op déi verschidde Froen ze äntwerten.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Just eng ganz kuerz Fro: Ech hu gesinn am Bautereglement, do

steet och datt elo méttlerweil Vélosemplacementer mussen virgesi ginn fir an Appartementshaiser. Ass et virgesinn, datt se iwwerdeckt sinn? An ass och virgesinn, dat se un de Stroum kënnen ugeschloss ginn? Oder ass et éischer ausserhalb? Dat war mir net sou ganz kloer.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Prinzipiell mussen se banne sinn, dat heescht ënnerdaach. A se mussen eng Surface hunn vun 1,5m². Par conter, datt se elo mussen zougängelech sinn, datt eng Steckdous do ass, dat hu mer elo nach net drageschriwwen am Reglement sur les Bâtisses.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass net ausgeschloss.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Dat kann een ass... Also wéi gesot, et kann ee jo éischer nach eng Modifikatioun virgesinn, ...

CHANTAL ZEYEN (ZEYEN & BAUMANN): Do muss ee préiwen, wat am Energiekonzept vun den Haiser dran ass. Do sinn deelweis Saachen och dra mat Steckdousen, mat den Autoen asw., déi si jo doranner geholl ginn. A lo misst een dat kucken, ob dat mat de Veloen och vläicht do dranner ass. Da misst een dat nach eng Kéier préiwen. Soss eben RBBS huet jo de Virdeel, dass e just an de Gemengerot geet. Da kann een do op déi Saachen, déi jo awer ëmmer méi kommen, kann een do nach eng Kéier spezifesch drop agoen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Wëll ech awer umierken: Wann een do lo eng Steckdous obligatoresch mécht, da schléisst een awer aus, dass d'Leit sech op aner Weeër hire Vélo géife lueden, z.B. mat enger Solarzell, déi se sech nieft d'Haus stellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also ech mengen mer mussen et net obligatoresch maachen. Et soll een d'Fakultéit virgesinn, da kënnen d'Leit nach ëmmer wielen, wéi se et gären hätten. D'sinn der déi et brauchen, an d'sinn der, déi et net brauchen. Nach weider Froen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, ech hu just eng ganz kleng Fro: Et ass einfach nëmme eng Suggestioun. Am Bautegelement steet am Artikel 75.2. steet dass Residencë mussen e Local de Poubelles hunn, wat eng gutt Saach ass. Ech géif do proposéieren, dass een e klengen Zousaz dobäi mécht, och wann et sous entendu ass, dass d'Poubelle och sollen do stoen an d'Containeren. Et kënnt anscheinend ëmmer méi oft fir - et hu méi Leit mir dat gezielt - dass Résidencen zwar wuel sou e Raum hunn, mee dass se awer hir Poubellen dobausse stoen hunn oder hir Containeren an dass dat awer d'Leit stéiert, dofir ass dat einfach eng Klenggeheet, eng kleng Suggestioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Wëll een drop agoen? Tom. Well dir déi Diskussioun och am Groupe de Travail hat. Mir hunn déi largelement diskutéiert. Dat wat mer hei drageschriwwen

hunn, dat ass e bëssen de Kompromiss. Well du hues och Leit déi eng Maison Unifamiliale hunn, déi et virun hirer Dier stoen hunn, op hirer Enceinte. Dat kanns de och net en tant que tel verbidden.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Et ass jo och dass se an enger Residence net méi all dierfen dobausse stoen. Se mussen à l'Abris du Regard sinn, sou dass dat am Prinzip ewechfällt. Wanns du elo selwer, ech soe lo mol e Keller hues an du setz deng Poubelle léiwer bei dech an de Keller... wëll ech elo net soen dass mer kucke ginn, wie seng Poubelle wou stoen huet. Ech mengen, do gi mer e bësse wäit. Obwuel ech natierlech och scho Saachen héieren hunn, wou ech eben... Bis dato hate mer dat nach net. D.h. haut hues de en Emplacement gemaach vum 12m2 wou all Mensch seng Poubelle iergendswou an den Eck konnt setzen dobaussen. Dofir ass dat eben elo komm, dass mer gesot hunn, an de Residencen hätte mer se gär bannen an engem beléftene Raum, deen à l'Abris du Regard ass, dass keen eppes gesäit. Mir hunn e Beispill hei: Se haten en Depot um Rez-de-chaussée an d'Poubellë waren am Keller. D'Leit hunn awer geswicht an d'Saachen an den Depot gemaach am plaz an d'Poubellen. De Problem ass fir dat alles ze kontrolléieren. Do gi mer e bësse ganz wäit. Ech mengen, d'Haaptsaach ass dass d'Noperen net méi gestéiert sinn dovunner an dass se an der Residence énnerteneen eens ginn. Wéi gesot, de Promoteur MUSS et elo bauen. D.h. wann dat net an de Pläng ass, da kritt e keng Baugeneemegung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Tom.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci. Ech wollt awer lo dat just soen: Ech menge wa mer op där enger Säit soen, et muss e Poubellslokal mat bäigebaut ginn, dann ass et awer fir mech och selbstverständlech, dass d'Leit hir Poubelle mussen drastellen egal wéi. Et kann awer net sinn dass mer elo soen, wann de Poubellesraum do ass, da kënnen d'Leit awer nach ëmmer kucke fir iergendswou op den Trottoir oder iergendswou.... dat sollt jo awer net sinn. Dat sollt jo awer evitéiert ginn domat.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Neen, dat net. Mee wat kéint sinn, ech soe lo dass wann s du e grouse Keller hues, dass du net wëlls dass deng eege Poubelle do steet, well s de se net wëlls zouspären, soen ech. Mee bausse geet op kee Fall, da kréien d'Leit e Bréif.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass dat hei esou geeegelt?

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buegermeeschter. Ech wëll do awer och kuerz anhaken, well mir sinn och Fäll bekannt, wou dat net esou gutt iwwer d'Bün geet, wou Noperen, déi net an deem Immeubel wunnen, dann op eemol d'Poubellë just virun der Nues hunn, wou dann am Summer natierlech dat enorm Nuisance mat sech bréngt, d.h. net nëmme vum Ge-

roch hir, mee och da wat Insekten ubelaangt, Mécken asw. An dofir wollt ech dann d'Fro hannendrun hänken: Wéi ass et mat de Situatiounen, déi mer am Moment hunn? Wéi gesot, dat wat elo an d'Exekutioun kënnt duerch de Vott, dat ass eng Saach. Mee hu mer dann do keng Handhab, fir déi Situatiounen, déi de Moment existéieren? Well do sinn awer op verschiddene Plaze Schwieregkeeten, wollt ech just soen.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Dat sinn da jo Gebaier, déi viru Joren autoriséiert gi sinn an déi hu jo en Droit acquis. D.h. mir kënnen déi elo net forcéieren, en zousätzleche Poubellesraum ze aménagéieren oder ze bauen, wat eventuell jo och extreem Fraise géif mat sech bréngen. Dat Eenzegt wat mer och elo scho maachen ass, dass wa wierklech en Noper gestéiert ass, dass mer probéieren, do zesummen eng Léisung ze fannen. Mee mir kënnen awer keen zwéngen, lo iergendswou am Gebai e Poubellesraum nei ze aménagéieren. Meeschtens geet dat jo och guer net, well keng Plaz do ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An de PAG dee mer hei stëmmen ass jo fir d'Zukunft. En huet jo keen Effet rétroactiv an deem Sënn. Dat do ass ee Punkt vu ganz villen, dee retroaktiv spillt. Da géif ech hei an d'Ronn kucken a froen ob nach Froe wäeren, éier mer da vläicht op de politesche Statement géife riwwergoen. Ech mengen, dass mer déi Ronn ofschléisse vun de Froen. Ech gesinn dass dat net schéngt de Fall ze sinn. Gutt, da kënnen mer dee Punkt ofschléissen an da kann ee ganz gären dann op déi politesch Stellungnamen eriwergoen hei vun de verschiddene Fraktiounen. Ech mengen, d'Michèle Kayser hat fir d'éischt de Fanger ausgestreckt. Da géif ech lech fir d'éischt d'Wuert ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Majo Merci Här Buegermeeschter, léif Kollegeen a Kollegeinnen aus dem Schaffen- a Gemengerot, léif Gäscht. Mol als alleréischt, de Jemp huet et scho gesot, en enorm grouse Merci dem Büro Zeyen & Baumann mat all hire Leit, dem Här Brodeur och, och mat senger Leit, déi eis jo och scho Jore laang begleeden an och dësen Dossier mat Know-How preparéiert hunn. E grouse Merci natierlech och eise Gemengeservicer, déi och hei vertruete sinn duerch d'Cathy, d'Eva an den Tom, déi och ganz vill Stonnen un eisem PAG geschafft hunn a sech souguer och, wéi de Jemp et scho gesot huet, den Tom och als Privatpersoun konstruktiv an de Planung mat erabruecht huet - wat och ganz erfrëschend ass ze gesinn, dass och een iwwert seng Aarbechtszäit eraus sech asetzt fir seng Stad. Villmools Merci natierlech och alle Membere vum Grupp PAG, déi och vill Stonnen zesumme souzen, fir e flotte Projet fir eis Stad raus ze schaffen. An erlaabt mer awer och am Numm vun eiser ganzer Fraktioun, eisem Jean-Paul Gangler en extra grouse Merci auszeschwätzen.

Och wann en am Ufank net sou frou war, well mer gesot hunn, et muss jo een et maachen. En huet eis mengen ech awer ganz gutt am PAG Grupp vertrueden. Hien huet och ganz seriö an metikulös, sou wéi

mer e kennen, seng Dossiere preparéiert, konstruktiv matgeschafft, an, dat muss een awer och soen, eis, senger Fraktioun an awer och eisem Komitee an zwee Mol Samschdeg moies mat iwwer 4 Stonne Ried an Äntwert gestanen, fir eis d'Feinheeten an Diskussiounen zu deene verschiddene Knackpunkten ze erläuteren. Also wéi gesot, Dir e grouse Merci. Mee iech alleguerten e ganz ganz grouse Merci fir Är Aarbecht.

De Vott - Beim Vott fir d'Mise en procedure vum Projet PAG den 28. Februar 2020 huet d'CSV mat Jo gestëmmt. Mir waren averstanen, dass mer eisen neie PAG op d'Schinne setzen. Dëse PAG ersetzt de PAG vum Joer 2002, deen also ronn 20 Joer eis Guideline war fir d'Entwécklung vun eiser Stad festzeleeën. Beim Projet vun dësem PAG hu mir eis als CSV och a ville Punkten erëmfonnt. Mir wëllen och, dass an der zukünfteger Ausriichtung vum PAG verschidde Punkte fest verankert sinn. Mir wëllen, dass d'Identitéit vun eiser Stad gewahrt bleift. Mir wëllen d'Identitéit vun eisen eenzelen Quartieren erhalen, mat sengen Typologien. Mir wëllen déi sozial Mixitéit iwwert de ganzen Areal vun Diddeleng promovéieren. Mir wëllen eng Verdichtung vum Bauen, respektiv Opfëlle vu Baulücken duerch quartiers-kompatibel Projeten. Mir wëllen de grénge Rimm ronderëm Diddeleng erhalen. De PAG, dat ass de Planning vun der Stadentwécklung fir déi nächst 20 Joer. Dat ass de wichtigste Dossier, dee mir als Gemengerot hei virleien hunn, dee mir an eiser ganzer Karriär wäerten hei virgeluecht kréien. Mir leen hei d'Jalone fest, wéi eis Stad an den nächsten 20 Joer soll wuessen an ausgesinn. De PAG sollt eis Visioun vun Diddeleng fir muer festhalen. An dat ass de Knackpunkt, well mir als CSV vermësse verschidde Visiounen zu verschiddenen Dossieren. Eng kruzial Fro ass d'Vue op d'Entwécklung vun der Mobilitéit; wéi eng Entwécklung vun der Mobilitéit fir Diddeleng wëlle mer, brauche mer? Fir an Diddeleng, awer och fir raus aus Diddeleng a fir eran an Diddeleng? Den Här Buergermeeschter hat och schonn am Februar 2020 gesot, Urbanismus an Mobilitéit si wichteg Aspekter, déi musse ganz enk verknäppt ginn, déi musse ganz enk zesumme gekuckt ginn am Kader vum Planning.

Den Här Gangler huet schonn op e puer Knackpunkten higewisen, op Inkohärenzen an op net ganz komplett bis zum Schluss duerchduechten Iddien, wéi et soll weidergoe mat den Train-Tram, oder Tram oder Zuch, oder wat och ëmmer, Linnen aus Diddeleng eran, an Diddeleng eran an duerch Diddeleng. Do feelt eis eng kloer Ausso vum Schäfferrot, a wéi eng Richtung et sollt goen. Ech weess, et ass net nëmmen eisen Dossier, mee dat hei ass awer lo emol de Punkt gewiescht, fir mol eng Kéier kloer Stellung ze huelen a kloer Akzenter ze setzen. De Jean-Paul Gangler huet drop opmierksam gemaach: d'Inkohärenz mat dem Ofschafe vun de Barrièren, mat de Stroosseféierungen an sou wieder, do si mer ganz enttäuscht, dass do keng méi kloer Virgab kënnt.

Zweete Punkt, deen eis ganz wichteg schéngt: D'Visiounen vun der Entwécklung an eisen Aktivitéitszonen.

Mir brauchen Aarbechtsplazen hei zu Diddeleng. Mir wëllen net dass d'Leit mussen eraus aus Diddeleng schaffe goen, wéi et momentan gréisstendeels de Fall ass. Mir hätte gär, dass och d'Leit hei zu Diddeleng eng Aarbecht fannen an dozou gehéiert onbedéngt déi adequat Ausbreedung vun Aktivitéitszonen, fir dass Betriber sech hei kënnen niddersloossen. Ech denken do haaptsächlech un den Dossier Helper, un d'Zon Helper, awer och un d'Koibestrachen. Ugeduecht ass scho Villes ginn. Virun allem Helper sollt jo als Kommunalzon entwéckelt ginn. Et ass och wichteg fir dëst Areal ze erschléissen, fir Aarbechtsplazen zu Diddeleng ze schafen. A wéi gesot: un Aarbechtsplazen, do happert et nach. Mee dass kee Fortgang an der Geschicht an och elo hei gesäit een erëm, wa mer de Planning kucke vum PAG, do ass och erëm keng konkret Projeten direkt, et gëtt dann erëm eng ZAD, dat gëtt dann erëm bësse verschleeft an higehalen, an do si mer ganz enttäuscht, dass do net méi kloer Projete schonn ugeduecht sinn. Bon, wat mer och e bësse vermessen, dat sinn déi Esquissen vun de Schéma-directeurs, wou ee vläicht scho méi genau hätt kënne gesi wat leeft. Dat ass eppes wat ganz schued ass, mee wéi gesot: insgesamt feelt eis do eng Visioun a kloer Projeten, a wéi eng Richtung et geet. Och ganz onzufriede si mir mat der Situatioun am Koibestrach. Jo, mer musse de Plan sectoriel op eise PAG Plang leeën. Koibestrach ass een Deel eng kommunal Zon an een Deel déi berüünten nationale "Zone d'activité spécifique pour technologie de la santé et technologies de l'information et de la communication". Mir si jorelaang am lerglawe gelooss ginn - an dat muss ech och sou soen „am lerglawe gelooss ginn“ - dee ganzen Areal Koibestrachen, do kéint een iwwerhaapt näischt maachen, dat wär schonn längst eng Nationalzon. Mee dass dat guer net wouer war, an deen Areal bis am Februar 2021 wou d'Plan-sectoriellen a Kraaft getrueden sinn, am Fong eng kommunal Zon war, doriwwer ass hei ni richteg geschwat ginn an doriwwer si mer ganz enttäuscht. Plan-sectorielle leie wéi gesot elo op engem Deel vum Areal Koibestrachen. De Problem ass mat der Zone nationale d'activité économique, dass mir obligéiert sinn se ze berécksiichtegen, ze reservéieren.

Mee lo eng konkret Fro un den Här Buergermeeschter: Här Buergermeeschter, wéi geet et da lo weiter? Wéini gëtt dann elo wat do installéiert? Dat steet an de Stären huelen ech un, oder wësst dir do scho vläicht méi? Well et ass jo esou, de Plan directeur sectoriel, dat ass e Projet de Règlement grand-ducal. Si hunn nach keng Valeur juridique, ausser Dir korrigéiert mech wann ech dat falsch verstanenen hunn, mee ech denke mer mussen se berécksiichtegen. Awer wéi gesot, se hunn nach keng Valeur juridique an doduercher huelen ech un, dass d'Regierung och keen Zuchzwang gesäit, fir elo do eppes ze maachen. Meng Fro ass, hu mir iwwerhaapt en Matsproocherecht wat fir Aktivitéiten herno dohinner kommen? Sidd Dir do am enke Kontakt mat der Santé, mam Wirtschaftsministère, ... wat ass geplangt? Dir wësst, mir als CSV haten a mer hunn et ëmmer nees gesot, dësen Areal virun allem, well mer och nach eng kommunal Zon dorunner hunn,

deen hätte mer scho gäre besidelt gehat viru Joren. Mir hunn ëmmer gesot: eng Polyklinick mat Röntgen, Labo, enger Maison des Médecins. Mer haten eis zum Beispill och staark gemaach, dass d'biotechnologesch Institutier sollte schon dohinner kommen. Déi sëtzen awer elo am House of Biotech um Belval an net bei eis. Nieft dem Staatslabo wär dat am Fong en idealen Areal gewiescht, wou een hätt kënne scho proaktiv Leit hisetzen an sou Betriber hisetzen, déi Aarbechtsplaze geschaaft hätten.

Den Dossier hutt Dir an eisen Aen verschlof an elo als Zone nationale gött et nach méi onsécher, wéini wat dohinner kënnt. Ausser, wéi gesot, Dir sidd scho fest um verhandelen a kënnt eis hei elo eppes Besseres beléieren an eis e flotte Projet virstellen. D'Regierung ass jo och an der Bringschuld, do si mer eis jo all eens heibannen. Nom Flopp vum Filmindustrie-Projet, deen op Äis geluecht gouf, ass et elo un der Regierung, fir eppes ze maachen, fir eise berümte regionalen Zenter, dee mer nun eemol als Diddeleng sinn. A meng Fro ass: Wéi wäit sti mer do? Dann, wéi gesot, Koibeschrachen besteet jo aus zwee Deeler: Mir hunn eng national Zon, mee mir hu jo och eng kommunal Zon. Do ass dann och meng Fro: A wéi eng Richtung geet do d'Entwécklung? Ech gesinn näischt vun Infrastruktur. Ech gesinn näischt vu Stroossen. Ech gesinn iwwerhaapt näischt do. Dofir ass meng Fro: Wat hutt Dir do nach wëlles? Wéi gedenkt Dir do nach proaktiv virzegoen, dass mer déi Zon beliewen, genau wéi Helper, dass mer Aarbechtsplazen heihinner kréien, dass mer flott Betriber heihinner kréien.

En aneren Dossier am PAG, deen eis och net schrecklech frou mécht, dee mer och mat grousem Bedenke betruechten, dat ass d'Reservatioun vum Areal fir den neie Bau vum CGDIS Zenter Beetebuerg-Diddeleng op Riedgen. Och d'Commission d'Aménagement huet an hirem Avis ganz kloer dofir plaidéiert, dass mer de Superposé le-dit Cours d'Eau deen do leeft, "d'une zone de Servitude d'urbanisation Cours d'eau", do musse Mesuren geholl ginn, fir d'Espèce protégéee ze schützen. "Le cours d'eau temporaire est accompagné de structures vertes, protégé selon l'article 17 de la loi du 18.7.2018". An da scho bei der Diskussioun iwwer d'Plan-sectorielle ware mir als CSV net averstane mam Choix vun dësem Site. Ech erwänen dat nach eng Kéier just. Mir hätte léiwer gehat, mir hatten eis de Beetebuenger Kollege ralléiert an de Site beim Drinksgebei op der Strooss tëscht Beetebuerg an Diddeleng zréckbehalen. Dee wier direkt bebaubar gewiescht an deen hätt ee kënne och dem CGDIS proposéieren. Wéi Dir gesitt ass och den Intérieur skeptesch. Dir hutt gesot dat ass alles kee Problem, mir verleeën de Laf vun der Baach, déi do iwwert dat Areal vum geplangte Gebai leeft. An dann ass alles gutt. "Puisque ce cour d'eau est susceptible d'être déplacé dans le cadre du projet CGDIS en cours d'élaboration". Ech si gespaant, dee Cours d'élaboration de suivéieren. Vlächent kënnt der mer do jo och scho méi eppes Konkretes soen. Mee hei am Avis gesäit een: Esou einfach gött dat net. Et ass de Problem mat der Baach, et ass de Problem mat den Déieren,

et ass de Problem mat den schützenswäerte Planzen - Problemer, déi ee muss léisen. Déi muss ee léisen, eier iwwerhaapt iergend e Projet ka realiséiert ginn. An den Environnement an den Intérieur kucken eis op d'Fangeren, oder vill méi dem CGDIS op d'Fangeren.

Hei ass et einfach schued, dass de Schäfferot sech acharnéiert, fir dee gemeinsamen Zenter Beetebuerg-Diddeleng mordikus op deen Areal unzesiddelen, trotz de Problemer déi nach sou bal net geléist sinn. An ech hätt et an der Diskussioun zum KNOS Dokument scho gesot: De CGDIS selwer huet 16 Zukunftsdimensionen op der Lee. Sou war et emol op jiddefall am KNOS-Dokument ze liesen. 16! Diddeleng-Beetebuerg ass een dovun! A wa lo schon eleng d'Preparatiounen vun deem Terrain esou vill Problemer weisen, ma ech mengen da rutscht eisen Dossier sécher emol nees méi ënnen an de Koup. Firwat ass dësen Dossier eis esou wichteg? Ma well mir en neien Zenter brauchen. Fir den Zenter op der Lëtzebuenger Strooss eidel ze kréien. Dee brauche mer awer rëm, well mer eis Gemengenateliere, wéi mer jo am leschte Gemengerot gewuer gi sinn, ob de Site vum CGDIS wëlle setzen. Mir wëllen d'Ateliere déi mer hunn, op déi aner Säit vun der Rue de l'Abattoir verleeën, also respektiv op de Site vum CGDIS. Et hängt wéi gesot e ganze Rateschwanz drun a mir hätten dofir plaidéiert, nach eemol mat Beetebuerg ze schwätzen, ob een net sollt awer eng aner Propos mat dem Beetebuenger Areal, dat direkt bebaubar wier, fir dat just nach eng Kéier ze ernimmen, an deen dem Intérieur ze proposéieren. Mee den Här Buergermeeschter hat mer et jo scho gesot, et géif ganz intensiv um Dossier geschafft ginn, an dofir nach eng Kéier meng Fro: Wéini kënne mer dann hei mat engem konkrete Projet rechnen? Den Timing ass jo kruzial wichteg, well et jo och den Timing ass fir eis Gemengenateliere. Dat hängt jo alles zesammen. En aneren Dossier wou mer och net schrecklech frou sinn, dat ass den Dossier Spidol. Do goufe e BEP (3:26:37) EP Spidol op de ganze Parking gesat, op d'Bamalleeën an der Rue de l'Hôpital. Déi si mat enger Zone de Servitude Urbanisation Élément naturel beluecht ginn an hanen hu mer och nach déi Zone vun der Zär. An eisen Aen hypothekéiere mer domadder den Ausbau oder Ëmbau vun eisem Spidol, wa ronderëm sou e Grénggürtel ass, da léisst sech do net ganz vill maachen. Ech weess, eist Spidol soll jo ëmgewidmet ginn an e Projet mat der ALA. Et ass awer ëmmer gesot ginn, mer halen och nach gären eng Unité médicale de Proximité op. Dat ass am Fong Schued, dass mer elo am Fong eis do duerch déi Ausweisung vun deenen BEP EP Spidol mam Parking, Bamallee asw. awer e weidere Ausbau z.B. hypothekéieren. Mat der Verzögerung vun der Realisatioun vum Südspidol ass et jo eis awer mol derwäert, fir eng Kéier doriwwer nozedenkne, wéi mer am Fong weider och déi medizinesch Grondversorgung vun den Diddelenger Leit, wéi et domadder weider geet.

Ech hat jo gefrot, wéi eng Visiounen hutt Der fir de kommunalen Deel vun der Zone Koibeschrachen. Eco C1 ZAD SD29 läit dodrop. ZAD heescht: Mir plangen, mir plangen, mir plangen, mee lo geschitt emol nach

näischt direkt. Duerfir, wéi gesot, do si mer ganz trauereg driiwwer. Dir sot ëmmer, mir hunn net ganz vill Terrainen do. Dat ass vill Privates. Majo do kënnst da meng nächst Fro: Wéi vill Terrainen gehéieren dann iwwerhaapt der Gemeng, op deem Areal, awer och iwwerhaapt an Diddeleng? Mir hunn ëmmer gesot gehat, et wier net schlecht, wa mer mol eng Kéier gewise kriterien, en toute connaissance de cause, wéi vill Terrainen gehéieren der Gemeng? Dir sot ëmmer, d'Gemeng huet just 10% vun net bebautem Terrain. Majo wou leie se dann a wéi si se dann? De Relevé vun de Gemengenterrain, deen hätte mer missen hei matgeschéckt kréien, fir en toute connaissance de cause, och eis Gedanken iwwert de PAG nach eng Kéier méi ze verdéiwen. Mir kruten déi Pläng ee Mol. Ech war eng Kéier zoufälleg och an der Bautekommissioun. Eng eenzeg Kéier krute mer se do ausgebreitet. Mer hunn eng Kéier dierfen drop kucken. Do si se erëm schnell zesummegegullt ginn a weg gepak ginn. An dat fanne mer ganz schued, dass mer do net méi a besser informéiert ginn. Wéi gesot, 10% vu bebaubarem Terrain gehéieren der Gemeng. Dat ass net déck. D'CSV huet säit Jore gesot, mer misste Baulandreserven uleeën. Jo, mir kafe mol heiansdo Terrainen, z.B. bei de Quartiere Meyer, Stade Meyer, Ribbespond etc. Et ass jo och wichteg, dass mer selwer jo och Terrainen hunn. Well als Proprietär kann een och e bësse besser beim Planing matschwätzen. Wat awer ganz schued ass, ass dass souguer de Schäfferot iwwert déi lescht Joren déi Suen, déi am Budget virgesi sinn, fir Terrainen ze kafen, mol net investéiert huet. Et sinn all Joer Suen, déi net ausgi gi fir Terrainen ze kafen, an dat fanne mer ganz schued. Wéi gesot, Baulandreserven, dat hätte mer scho misse vill éischer uschaffen, also uleeën. Da kéint een och ganz aanescht a Verhandlungen eragoen.

Da kommen ech zum Thema "Gelenkt Wuessen", also Guidage vum Wuessen. Diddeleng ass an de leschten 10 Joer 1,2% gewuess. De Pacte Logement hat 15% pro Joer virgesinn. Mir leien e bëssen drënner. Dat ass e politesche Choix huet et geheescht, dee mir als Stad droen. Mir behale gären d'Zigelen an der Hand. Mir wëllen a Phase bauen, well et muss ee jo och parallel zum Wuesstem, déi néideg Infrastrukture plangen: Effentlech Infrastrukturen, Gas, Waasser, Stroossenetz, effentlech Gebaier, Schoulen, Maison Relais, asw. An do hapert et an eisen Aen mat der Kohärenz, mat der Koordinatioun, mat der Wäitsiicht virun allem och. An d'Cellule huet och an hirem Avis geschriwwen, dass ee soll z.B. d'"Diversité des logements, des nouveaux quartiers, superposés d'une zone d'aménagement différée. Celle-ci est systématiquement fixée à 15 unités de logement HA. Cela ne permet pas d'anticiper les futurs besoins en infrastructure technique en rapport avec la création de nouveaux quartiers. La densité de logement doit être cohérente et se rapproche raisonnablement du potentiel que le site peut avoir lors de la levée du ZAD. Commission préconise la réévaluation de la densité de logement pour l'ensemble des nouveaux quartiers superposés d'une ZAD". Mir sinn och der Meenung, dass dat awer hätt misse gemaach ginn. Well et ass jo logesch. Et kann ee jo besser plangen, wann een och scho weess, wat méiglech ass.

An dann, wat eis awer ecoeuréiert huet, oder wierklech zum Kapprésele bruecht huet, dat ass d'Antwort, déi dann do steet: Nee, mir maachen dat net. "On ne va pas modifier la densité de logement, pour limiter la spéculation foncière et pour ne pas créer de fausses attentes". Do hunn ech awer geduecht: Also, esou eppes vu realitéitsfriem an naiv. Also, wéi kann een esou e Saz an en offiziell Dokument schreiwen? Pardon, dass ech dat elo sou muss soen. Well d'Realitéit, déi ass jo awer nunmol komplett eng aner. Dobaussen, d'Promoteuren déi wëssen z.B. dass op deene groussen Axen Lëzebuengerstrooss, Keelerstrooss, Zoufftgengerstrooss, dass do lo eng HAB2 kennt. Déi maache soss näischt, wéi d'Stroossen op- an oflafen, un d'Diere schellen ze goen "Wëll Dir net Äert Haus verkafen? Mir bauen dorausser en Appartementshaus. Dir kritt dann och fir e gudde Präis en Appartement". Dat heescht, d'Realitéit ass eng aner. Wann ech elo liesen "Mir wëllen net, dass déi wëssen, wat do alles soll kommen". Ech weess net, wéi Dir lech d'Realitéit dobausse virstellt, well mir mussen jo och kënnen virplangen. Mir mussen jo och wa méi grouss Wunnfläche kommen, wa méi Stéit kommen, da mussen mer eis Infrastrukturen upassen. Mir mussen Schoule plangen. Mir si schon dofir, dass d'Gemeng de Lead hëlt, mee ech denken dass mer mat esou Sätz, bzw. mat engem Flux, dee mer dann op den Nouveaux Quartiere ZAD leie loosse, eis keen Déngscht leeschten. De Promoteur, dat ass och net de béise Spekulant. Dat ass och net eise Feind. Mee vun der Politik gëtt net genuch ënerholl, d'Promoteuren mat an d'Boot ze huele wa mer de Logementsproblem wëlle seriö an de Grëff kréien. Dank eise private Promoteuren hu mer hei zu Diddeleng Quartiere wéi Lenkeschléi, wéi A Bëlleg an och schon de Projet Am Duerf - natierlech mam Accord a mam Support vun der Gemeng, natierlech! Awer virun allem op d'Initiativ vun de private Promoteuren realiséiert. An awer ass de Wunnraum knapp hei zu Diddeleng. Jo, den Diddelenger wëll gären hei wunne bleiwen, wunnt 26 Joer hei. Mee wa mer déi vill kleng, méttel an och grouss privat Promoteuren, Entrepreneuren net hätten, da géife mer guer net wuessen. Dann hätte mer kee Wunnraum, weder fir déi Jonk, nach fir déi eeler Leit, déi vläicht aus engem Haus wëllen an en Appartement goen. Dofir, haalt déi Leit net fir domm mat esou enger Aussoo. Dat ass wéi mir dat gesinn.

Schenkt hinne kloer Wäin an. Da kann een en toute connaissance de cause vill besser plangen. De Lead, deen hu mir egal wéi. Awer ech fannen, dass et wichteg ass, dass mer de Promoteuren och zur Säit stinn, fir dass si hir Projekte kënnen realisieren. Déi Arealen, déi mir hunn, déi Baulücken, déi mer hunn, dat si keng Spekulationsobjekter. Gleeft mer dat. Déi si ganz kleng. De Promoteur, deen deen Areal opkeeft, dee wëll do bauen. Dee léint Suen, keeft de Privatleit hiren Terrain of oder hiert Haus of, an dee wëllt säi Projet realisieren: Seng Haiser, seng Appartementer verkafen, seng Schold bei der Bank bezuelen, natierlech wëll en och e Benefice maachen. Awer en hëlt dann déi Suen an investéiert déi an den nächste Projet. Dat ass d'Realitéit. A wa mir soen, mir wëllen do net, dass dat Spekulationsursaachen huet, dat

fannen ech einfach nicht mehr von dieser Welt. Also mir géife grad mengen, wa mer méi détailléiert Bebauungsdicht festsetzen, wat de Promoteur da kann och maachen - dat ka jo och z.B. e Gruppement vu klenge Propriétaire sinn, déi de Projet zesumme wëlle plangen. Zu Hesper gétt et jo sou Iddien och. Da ginn déi Projeten och schnell realiséiert, well Time is Money fir déi Leit. An déi kënnen dann eppes plangen en toute connaissance de cause. Lo sot Dir "Jo mee da gi mer de Lead vum Timing aus der Hand an dat wëlle mer net". Nee, eis Aufgab als Gemeng ass, sech drunzeginn, fir déi optimal Konditiounen ze schafen, dass Bauprojekte realiséiert ginn. Eis Aufgab ass, virauszedenken, Schoulen ze bauen, Maison Relais ze bauen, Stroossen ze bauen. Och kommunal Crèchè muss gebaut ginn. Retentiounsbecke muss geplangt ginn. Kläranlagen, Leitungen - dat ass eise Rôle.

Phasage vu Projeten: Jo, mee et kann net sinn, dass mir als Gemeng e Projet wéi A Bëlleg ausbremsen, wéi mer et an der Konventioun mam Bauhär gemaach hunn, wou mir ecoeuréiert waren, wou mer eis opgereegt hunn, dass dat net an der Rei wär, dass mer engem Bauhär soen: Jo, du kanns eng Phas 1 bauen. Awer nëmmen den éischten Deel. Well den 2. Deel däerfs de awer réischt bauen, wa mir eng Schoul prett hunn, wou mer déi Kanner kënnen eraginn. Dat kann net sinn. Dat huet eis revoltéiert. Dofir hu mir dat och net matgedroen. En plus, well mir dem Bauhär en Delai an d'Konventioun gesat hunn, dass hien innerhalb vun 2 Joer muss ufänken ze baue mam Projet, soss gëllen d'Ofkommen net méi. Mee a wéi engem Delai mir d'Schoul muss prett hunn, fir dass den zweeten Deel vun der éischer Phase gebaut gétt, dat steet do mol net dran. An dat fannen ech, dat ass ongesond. Do muss mer ëmdenken a méi proaktiv plangen, realiséieren. Mir solle Facilitateur sinn an net Bremser. Mir brauche Logementer zu Diddeleng. Eemol Diddeleng, ëmmer Diddeleng - mir hunn et scho gesot: Diddelenger bleiwen hei gâr wunnen. Mir däerfen eis och net just op d'Gemeng als Bauhär, respektiv déi öffentliche Bauhäre verloossen. Parenthèse: ech menge wa mer kucken: Et ass alles schéin a gutt mat NeisSchmelz, mee de Fortgang, deen ass awer och net grad enorm schnell. An et sinn déi privat Promoteuren, déi mer brauchen, fir virun ze kommen. Komm mer huele se mat an d'Boot, soen awer vu vir eran, wat méiglech ass, huelen natierlech eis Kontrollfunktioon eescht. Mee mer muss virun allem méi virausschauend plangen.

Voilà. Ganz vill Punkte vum PAG, vun den Detailer, do si mer ganz averstanen. Vill Ausriichtungen a Planunge sinn och an eisem Sënn. Mee ech hunn et elo grad a mengem Exposé hei gesot gehat: Notamment beim Dossier Mobilitéit, do si mer absolut onbefriddegt an der politescher Approche vu verschiddene Punkten, déi hei mat erageholl sinn. Ech hunn et gesot: de CGDIS, dee Site, Koibeschrachen d'Ausriichtung, Helper d'Ausriichtung, Planning vum Spidol. Do hu mer aner Vuen, respektiv vermësse mer do d'Visioun vum Schäfferrot. Mir sinn och mat den Iwwerleeungen zum Timing, Phasage vu Bauprojeten, anerer Meenung. Mir

hätten eis eng méi progressiv Planung vun eisen Infrastrukturen, déi laut PAG-geplangtem Wuesstem, ganz séier néideg sinn, gewünscht. Dofir wéi gesot, mir si mat ville Saachen averstanen, awer mer kënnen net de ganze PAG droen an dofir géife mer eis dann och enthalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser. Weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. No deem laangen Exposé vum der Madamm Kayser, wollt ech awer am Fong geholl... Well ech jo awer keng Froen hat, wollt ech awer fir d'éischt emol eng Kéier erëm zum Ordre du Jour zrëckkommen. Mir sollten de Mëtten am Fong geholl jo e puer Saachen hei stëmmen. Mir sollen iwwert d'Avise vun de Reklamatiounen, mir sollen iwwert de PAG, iwwert de PAP Quartier existant ofstëmmen. An ech wollt lo awer trotzdeem emol eng Kéier dorobber zeréckkommen an iwwerloossen dem Här Buergermeeschter herno déi politesch Stellung vun eiser Fraktioun. Ech wollt elo also fir d'éischt emol ufänken: Merci dem Chantal Zeyen an dem Jean Brodeur vum Bureau d'Etudes Zeyen & Baumann fir d'Presentatioun an d'Explicatioun vum de villen Elementer iwwer déi mer de Mëtten hei ofstëmmen mussen awer och fir déi super Aarbecht, déi se an de leschte Joren hei fir d'Diddelenger Gemeng gemaach hunn. Déi Aarbecht déi jo och am Avis z.B. vun der Cellule d'Évaluation gelueft gétt mat de Wiederer - an ech zitieren: "La cellule tient à féliciter le travail méticuleux que les autorités communales avec le bureau d'études Zeyen & Baumann ont fourni". Ech wëll awer och an deemem Sënn awer eisem Service de l'Architecte, dem Cathy, dem Eva an dem Tom och e ganz décke Merci soen. Si verdéngen och Luef an Unerkennung fir hier Aarbecht an deemem Dossier. Se waren ëmmer do, wann ee Froen hat.

Jo déi ganz Prozedur ronderëm d'Reform vum PAG ass e laangwierige Prozess. De Jean-Claude Gangler hat et virdu scho gesot. D'Matière an déi ee sech muss eraknéien a wou een et net an enger Woch packt, fir sech eranzeschaffen, ass extreem komplex an et kascht ganz vill Aarbecht fir dran ze bleiwen. Dofir vun eiser Säit aus och e grouse Luef dem Schäfferrot fir d'Initiativ, en Aarbechtsgrupp en place gesat ze hunn, dee säit 2018 - wou ech mol dobäi sinn - en place ass, an an deem all Fraktioun hei ronderëm den Dësch e Verrieder hat. Aner Gemengen hunn dëst net gemaach a just deen een oder aneren informelle Gemengerot aberuff. Mir haten därer och zwee, me vu d'Komplexitéit vun der Matière, ass ee wierklech erschloen no 2-3 Stonnen. An den Aarbechtsgrupp war dofir net manner wéi 18 mol zesummen - 12 Sëtzungen virun der Saisine a 6 weiderer, nodeem d'Avise vun der Commission d'Aménagement der Cellule d'Évaluation an dem Ministère de l'Environnement et du Climat, Développement durable era waren. All Member konnt sech hei abréngen, matschwätze, Froe stellen, Virschléi maachen, sämtlech Projete vun Texter zum PAG, PAP Quartier Existent an dem Bautereglement si virgestallt a méi spët, d'städesch Avise, grad ewéi

d'Reklamatioune vun de Bierger sinn duerchgeholl an duechdiskutiert ginn. Inputte vun de Membere sinn eescht geholl ginn. Ouni dass et bei eenzelne méi kontroversen Diskussiounen oder Divergenzen zu enger Ofstëmmung komm wier, hu mer meeschtens, jo ech géif behaapte bal ëmmer, e Konsens fonnt. Ech géif dann e puer Wuert soen zu deenen eenzelne Punkten, iwwer déi mer ofstëmme mussen, ugefaange mat de Reklamatiounen.

Sou wéi d'Gesetz et virgesäit, konnte Leit, Betriber a Sociéite Reklamatiounen no der Saisine schrëftlech erareeschen. Brutto waren et 74 Reklamatiounen. Wann een dann awer déi Leit hëlt, déi sech zréckgezunn hunn an och de Regroupement vu Reklamatiounen mat identeschem Contenu, eng Kéier déi vu Lionsstones House mat 7 Stéck, 7 identesch Reklamatiounen aus dem Rue du Parc an déi 6 vum Maître Helmsbrand betreffend d'Rue du Chemin de Fer als eng ugesäit, si mer herno op 55 effektiv Reklamatioune komm. Et muss ee soen, dass dat fir esou eng Stad fir eis der net vill sinn. 6 dovunner waren dann nach keng richtig Reklamatioune, mee éischter Demandë fir Informatiounen oder supplémentaire Präzisiounen. Déi meescht Reklamanten hate méi wéi eng Contestatioun oder Recours géint de PAG oder PAP Quartier existant. Wat mer bei der Präsentatioun virdru gesinn hunn, ass dass déi meescht, eng gutt 2/3 vun de Reklamante Satisfaktioun kruten. Vläch net op alle Punkten, mee op deem engen oder anere Punkt. Ech ka jiddefalls soen als Member vum Aarbechtsgrupp, dass de Schäfferot steets beméit war, all Méiglechkeet auszuschöpfen, fir de Leit sou wäit wéi méiglech entgéint ze kommen. Refusen – där mer natierlech dann och dobäi kruten - Demanden, déi ganz geziilt Ausname gewiescht wäeren oder déi den Tissu bâti ze zerstéiere riskéiert hätten, beispillsweis Plurifamilialen an engem Quartier ze erlaben, wou duerchweegs nëmmen Unifamiliale sinn, oder Demandë fir e Reklasement vun enger ZAD an eng PAP Nouveau Quartier op Plaze, wou d'Urbanisatioun net prioritär ass. Et waren och Demanden dobäi fir eng Erweiterung vum Bauperimeter, wou mer eis jo eens waren, dass dat net néideg ass, vu dass mer innerhalb vum Perimeter genuch Potenzial hunn, deen e Bevëlkerungszouwuess vu gutt 40% erlaabt, sou wéi all aner Demanden, sinn all refuséiert ginn, déi net kohärent mat Objektiv vum der Entwécklung vun eiser Stad waren. Reklamanten, déi elo keng Satisfaktioun kruten, kënne jo e Recours bei der Ministesch areeschen an da wäerte mer déi Dossiere warscheinlech nach eng Kéier hei am Gemengerot erëmgosot.

Zu den Avisen, ugefaange mat deem vun der Commission d'Aménagement, deen d'Partie graphique an écrite vum PAG, d'Etude préparatoire, sou wéi d'Schéma directeur betrëfft, ass ze soen, dass den Avis gréisstendeels ganz positiv ass. D'CA validéiert d'Durabilität vum Entwécklungspotenzial vum Projet PAG aus der Siicht vum Aménagement du Territoire. D'Commissioun weist sech zefridden, wat de Prinzip an d'Applikatioun vun de PAP Quartier existant an Nouveau Quartier ugeet, grad ewéi d'Qualitéit vun de

Schéma-directeuren. Op eenzel Recommendatiounen, respektiv Proposen oder Kriticke vun der CA, gëtt deels Jo deels net Rechnung gedroen. Obschonn d'CA der Meenung ass, dass mer keng Problemer mat den Inondatiounen hätten, hu mer eis elo awer en Artikel ginn, dee beseet, dass bei all PAP an Zukunft och spezifesch Etuden an deem Sënn gemaach musse ginn. Wat den Avis vun der Commission d'Évaluation, deen d'Partie graphique an écrite vu PAPen Quartier existant betrëfft, ass och hei erauskomm, dass den Avis äusserst positiv ass. D'Commissioun stellt d'Konformitéit vum PAP Quartiers existants mat den Dispositiounen vum Projet PAG fest an erkennt d'Qualitéit vun de PAP-Quartier-existants un. Am Tableau synthétique gesi mer dass och hei deels jo, deels net, der Recommendatioun respektiv de Propose vun der Commission d'Évaluation Rechnung gedroe gëtt.

Ech wollt hei am Kader vum PAP Quartier existant op 3 vun deene 16 Zone ganz kuerz agoen, déi d'Bierger an d'Promoteuren am meeschten interesséieren, an zwar déi, wou se Wunnengsbau maache kënnen. Dat sinn d'Zonen HAB1, HAB2 an de MixteU. An der HAB1 C wou d'Plurifamiliale mat maximal 4 Logementer erlaabt sinn, grad wéi an der HAB2 gëtt hei d'Moyenne vun engem Logement op 80m² Surface habitable nette an der Zone Mixte U F am Zentrum, also wou méi Leit kënne wunnen, op 55m² an der Moyenne festgueluecht. Sou kréie mer do eng grouss Mixitéit vu Logementer an de Residencen. Sou wäert fir dës Moyenen, du moins am HAB1 an HAB2 ze halen, manner Unitéite gebaut, respektiv zréckgebaut ginn, wéi dat bis elo de Fall war. Wann een dann och nach weess, dass Remplacementer fir Gefierer am Bauvolumen assuréiert musse ginn, an net méi am Virgärtchen - Klamer op: déi vun elo un dann och zu 30% onverbaut bleiwe mussen, woubäi d'Stenggärt net méi als Surface perméable zielen, Klamer zou - oder am Gaart erlaabt sinn, Raimlechkeete fir Poubellen an eng fir Véloen, Poussetten, Trotinetten, eebefalls am Bauvolumen virgesi musse ginn. Da wäert an Zukunft den Interessi vun de Promoteuren, systematesch 1, 2, 3 Haiser opzekafer fir a Plurifamilialen ëmzewandelen net méi esou grouss sinn. Ech wëll awer och dem Schäfferot nach felicitéieren, am PAP Quartier existant vun de kommunalen an nationalen Aktivitéitszonen, den neie Betriber ze imposéieren, Solarpanneauen vun den Diech vun den Halen ze installéieren, dëst am Sënn vun der Promotioun vun den erneierbaren Energien. De puer Remarken am Avis vun der Ministesch vum Environnement, Klima an Développement Durable vum 08.10. gëtt Rechnung gedroen.

An deem Kader wéilt ech kuerz op de Projet Le'h ronderëm den Terrain vun der Fleegestatioun fir Wëldéieren, respektiv vum Déierenasyl agoen. D'Gemeng wollt dass deesen Terrain am Kader vun der Reform vum PAG als Zone spéciale Centre pour animaux sollt klasséiert ginn. D'Ministesch hat dat am Avis vum Oktober '20 deemols als Cas particulier ugesinn an et net néideg fonnt, dës Surface weiderhin an der Gréngzone ze loossen. Et ass gemengt ginn, mir sollte spéider eng Modification ponctuelle vum PAG maachen. Dank

eisem Service de l'architecte, deen deen Dossier preparéiert an nogereecht huet, jo och der Kulanz vum Ministère, krute mer elo de 5. Juli 2021 d'Approbatoun vun der Ministesch zum Klassement vun deem Terrain an d'Zone spéciale C1. Dëst stellt en enorme Zäitgewënn duer an de Projet fir déi nei Gebailechkeet fir den Déierenasyl, dee mer kierzlech gestëmmt hunn, kann elo zügeg ëmgesat ginn.

Dann nach e puer Wuert zum neie Bautereglement, dat um Reglement-Type vum Ministère baséiert a wou d'Spezifizitéit vun Diddeleng afléissen. Laut dem Reglement soll jo d'Soliditéit, d'Sécherheet, d'Salubritéit, d'Durabilitéit, d'Kommoditéit vu Konstruktiounen an Amenagementer souwuel am Domaine public wéi privé sécher stellen. Ech wollt just nëmmen den Artikel am Kapitel 4 iwwer d'Habitabilité des Logements ervirhiewen, deen déi eenzel Wunnungsformen: D'Eefamilljenhaus, de Logement intégré, d'Appartement respektiv de Studio, d'Chambre meublée ou non-meublée définéiert, wéi och den dozou gehéieregen Tableau, an deem d'minimal Nettowunnfläche fir e Studio oder en Appartement mat 1, 2, 3, 4 Schlofkummere festgehale ginn. Bei all nei Konstruktioun oder no all gréisserer Transformatioun ginn elo Méifamilljenhaiser oder Haiser mat Chambre meublée oder non-meublée réischt wunnbar erkläert, wann en Avis favorable op Basis vun dësem Tableau vun der Gemeng virläit. Eng wichteg Neierung ass och, dass an Immeublë vu 4 Logementen a méi separat Lokaler fir Trottinetten, Poussetten, Véloen, grad wéi fir d'Poubellen am Bauvolumen mussen aménagéiert ginn. Och d'Emplacementer fir d'Autoe mussen am Bauvolumen geschafe ginn. Och muss a Residence vu 6 Logementen a méi, les Gros Oeuvres an d'Technik esou ausgeluecht ginn, esou dass och eng Personne à mobilité réduite kann do wunnen. Voilà, domat kéim ech zum Schluss vun dëser Stellungnam. Eis Fraktioun gétt eis d'Approbatoun zum PAG a PAP Quartier existant an och zum Bautereglement. Ech géif da just wëlle soen, dass mer gutt geschafft hunn an e flotten, moderne Projet hei op d'Bee gesat hunn, deen der Entwécklung vun eiser Stad gerecht gétt. Ech soen iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang. Weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Also mir hunn eis eis Stellungnam opgedeelt. Ech maachen de klengen Deel an d'Madamm Ahmedova de méi groussen Deel. Mir wäerten awer d'Zäit net iwwerschreite vun eise Virriedner. E grouse Merci un de Büro Zeyen & Baumann fir déi ganz vill Aarbecht. Och e grouse Merci un all d'Servicer vun der Gemeng. Ech war och op de Büro bei d'Madamm Mambourg an d'Madamm Gottschalk. Déi hu sech ganz vill Méi ginn, fir mir als Leien do e puer Informatiounen ze ginn. Et ass wéi den Här Zuang et scho sot: Wann een do net e bëssi dran ass, an där Matière... et ass esou komplex an esou voluminös, do ass een e bëssi verluer. Merci och der Madamm Ahmedova, déi eis véier Joer laang am Groupe de Travail gutt vertrauden huet. Meng Stellungnam ass dann e bësse méi d'Mobilitéit

an ech ginn och eng Kéier kuerz op de Klimawandel an. Also hei zu Diddeleng hu mer jo e puer Facteuren, déi si bekannt, déi brauche gutt duerchduechte Léisungen. Eis topografesch a geografesch Lag, de Pendelverkéier an déi Croissance mat engem theoretesche Potenzial ëm 40% Awunner. D'Zil ass jo och, fir d'Wunnen an d'Schaffe beieenen ze bréngen. Da brauche mer net esou vill Pendelverkéier a Leit, déi aus Diddeleng erausfueren. An dofir ass och de Phasage e gutt Instrument, fir dass och net alles mateneen developpéiert gétt.

D'Schinnen bilden d'Réckgrad, d'Wirbelsail vum öffentliche Transport, a mir begréissen, datt tëscht Biereng-Gare an dem Multimodal eng Servitude ass, fir en zweet Gleis, fir déi zukünfteg Frequenzerhéijung. Am Avis 23B freet d'CA e Couloir bei der Gare-Ville a Gare-Burange fir d'Suppression des Passages à niveau. Dat ass jo och scho gesot ginn. De Schäfferot mécht dat fir Gare-Ville mee net fir Biereng. Mir hunn eis dann och gefrot, wéi déi Léisung soll ausgesinn, well mir hu jo 4 Barriären. Wann déi solle fortkommen, do déi urbanistesche Konsequenzen, déi wäerte schonn e gréisseren Impact op eis Stad hunn an dat ass wierklech eng grouse Erausforderung vun der noer Zukunft. Dee Couloir fir Projet routier ass dann och virgesinn fir de BHNS, dee bis op NeiSchmelz fuere soll. An deem säi Tracé ass eis och net richtig kloer. Fir den interne motoriséierten Trafick ze reduzéieren, recommandéiert d'CA d'Mobilitéé douce. Vélosweeër a Foussgängerweeër tëscht alle méigleche Points d'intérêt: Schoulen, Crèchen, Scouten, Garen, Sport, Kulturinfrastrukturen, Gemeng, Kierch, Parken ... An hei gétt et eng Etude vum Büro Tridée iwwer d'Fahrradtauglechkeet vum Pro Sud, déi dofir ka genotzt ginn. Grad esou wéi fir d'Verbindunge mat den nationale Weeër an eis Nopeschgemengen. Dat ass wichteg fir déi Leit, déi och mam Vélo op d'Schaff fieren. Dofir begréisse mer natierlech den Express Vélosweeër laanscht d'Schinnen, vun Diddeleng Gare bis bei den Tunnel ënnert der Collectrice. A mir hoffen, dass d'Ëmsetzung dann och net all ze laang dauert. Um Plang vu Komobile waren nach vill aner Weeër geplangt, déi mir lo net direkt kënnen um PAG erëmfannen, ausser der Remark, datt an der Servitude Coulée verte, Weeër fir d'Mobilitéé douce erlaabt sinn.

Gutt fanne mir och, datt fir alles wat nei gebaut gétt, reglementéiert ass, wéi vill Stellplaze fir de Vélo ageplangt mussen ginn. Als Beispill hunn ech emol ausge-rechent: Wa mer eng nei Schoul bauen mat ongeféier 200 Schüler, da brauche mer 40 Stellplaze fir de Vélo. Dat versprécht! Dann hunn ech nach e puer Remarke betreffend de Klimawandel. De Klimawandel ass jo lo eng Klimakris ginn. Mir mierken, dat ass net méi réckgängig ze maachen. Mir kënnen nach just Schadensbegrenzung maachen. Mir kréien extreem Wiederphänomener an eent dovunner ass Hëtzt am Summer. Do hu mer jo lo nei am Bautereglement, dass een eng Autorisatioun braucht, fir eng Klimaanlag ze bauen. Well vill Leit gi lo op de Wee, sech eng Klimaanlag, eng richtig professionell Klimaanlag installéieren ze loos-sen. Mir hu vill al Bausubstanz. Do kann een awer och

- ech wollt dat einfach mol mat op de Wee ginn - dass esou eng richteg professionell Klímaanlag, déi ass net bëlleg. An ob een net do vläicht als Gemeng soll e bësse beroden, dass et vläicht besser wier, d'Haiser ze isoléieren, well dat hëlleft och géint d'Hëtzt. Dat ass oft net an de Käpp vun de Leit, dass dat och géint d'Hëtzt hëlleft. An am Wanter kann een och Sue spueren, andeems een dann nach manner muss hëtzen. Och en anert Phänomen, dat hate mer och elo scho mat de Gäert, dat sinn déi Piscinnen, déi iwwe-rall gebaut ginn. Do ass natierlech och - dat ass net ökologesch, well do brauch een immens vill Waasser, vill Energie, grad wéi d'Klímiaanlag. Piscinnen, do lafe Motoren, dat mécht Kaméidi. Dat ass och fir d'Noperschaft net ëmmer grad gutt gesinn.

Dann en anert Wiederextrem, wat mam Klimawandel kënnt, dat sinn d'Iwwerschwemmungen. Dat hu mer jo dëse Summer gesinn. An do ass en interessanten Artikel haut am Lëtzebuerger Wort. Do gétt et an Holland, seet den Här Lickes vum Waasserwirtschaftsamt "Das Prinzip der Schwammstadt". Ech liesen lech dat just eng Kéier kuerz fir, well dat ass awer interessant: "Neben Pflanzenversickerungsflächen, gibt es dort eine Vielzahl von kleinen Rückhaltebecken. Bei trockenem Wetter können die betonierten Becken beispielsweise als Skaterpark oder Fußballfeld genutzt werden. In Luxemburg ist dies noch Zukunftsmusik, allerdings mit Chance auf Realisierung. Bei den großen Siedlungsprojekten im Süden, wird dieses Konzept eine Rolle spielen." Ech hunn do natierlech direkt un d'Friché geduecht, wou mer jo awer d'Diddelenger Baach, déi do doduerch leeft, dass een dat vläicht awer och e bëssi am Hannerkapp hält. Voilà, d'Madamm Ahmedova mécht da weider.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Fir d'alleréischtt wollt ech soen, dat ech vläicht méi laang am Aarbechtsgrupp dobäi war, wéi elo hei am Gemengerot. Dat ass elo den zweete Vott vum PAG. Ech war elo leider net beim éischten dobäi. Dofir muss ech awer soen, dass den Aarbechtsgrupp wierklech eng ganz sënnvoll Saach war. Mir haten ëmmer e ganz konstruktiven a flotten Dialog zesumme mat de Leit déi do waren, dat heescht déi Leit aus den einzelnen Parteien, awer och déi politesch Responsabel. An natierlech eisem Bureau d'Etudes en extra Merci fir déi Aarbecht, déi hei geleescht gouf. Wat och net ze vergiessen ass a wat vun eis immens positiv ze betruechten ass, ass natierlech dass direkt am Ufank d'Gemeng d'Initiativ ergraff huet, fir e puer Biergerbedeelegungen z'organiséieren, wann et drëms gaangen ass, fir d'Reform vum PAG ze maachen.

Elo konkret zum PAG. Ech mengen, mir sinn duerch déi verschidden Avisen duerchgaangen: D'Commission de l'Aménagement, Plan-sectoriellen, d'Reklamatioune vun de Leit. Alles ass fir eis esou gesinn wierklech ënner d'Lupp geholl ginn. Déi meescht Remarken sinn awer och 1:1 bal opgeholl ginn vun der Commission de l'Aménagement. Oder mir haten och gutt Argumenter, fir dat vläicht net opzehuelen. Mee allgemeng begréis-se mir awer och d'Zesummenaarbecht mat hinnen, an

och d'Plan-sectorielle sinn awer och zu engem gudden Deel transposéiert, virun allem de Plan sectoriel "Logement", wat d'NeiSchmelz jo wäert sinn, awer och de Paysager an och den Transport.

Wat eis u sech e bëssi feelt am PAG, dat sinn déi nei Wunnformen. Mir hunn och schonn e puer Mol doriw- wer geschwat. Virdrun ass den Här Gangler och kuerz drop agaangen. Ech schwätze lo net nëmmen hei vun Tiny Houses, mee och vu partizipative Wunnengen. A ganz oft ass et esou wann ee Projete gesäit, déi elo schonn ëmgesat goufen, ass et esou, dass d'Gemen- gen éischerter d'Terrainen zur Verfügung stellen, an dann di sech déi Leit, déi do wellen eppes bauen, zesummen, fir sech eeben e Konzept ze ginn an dat och ze bauen. De Virdeel ass - ech mengen, ech brauch dat net ze betounen - dass een dee Moment zu deem Präis baut, wou et och reell Käschte sinn. Dat heescht, et bezillt een näischt fir den Terrain, quitt dass ee villäicht eng kleng Locatioun pro Joer muss bezuele fir den Entre- tien. Den Terrain gehéiert nach ëmmer der Gemeng. Mee voilà, dat ass eppes, wat fir eis interessant wier. Sécherlech wäert dat de Problem vum Logement, dee mer am Moment hunn, net léisen. Mee et ginn awer trotzdem ëmmer méi Leit, an déi soll een och net vergiessen, déi awer wélten aaneschters wunnen, wéi dat wat mer bis elo kennen. Vlächtt mat 5 Ar Terrain an e 4-wändegt Haus, e Bungalow drop stoen ze hunn. Dann zu dem Parkraumschlüssel. Ech menge mir si bei 1,5 fir alles wat iwwe 50m² Wunnenge sinn. Enger- säits ass et natierlech flott, dass mer ënner 50m² eebe just eng Stellplaz brauchen. En Eefamilljenhaus och: eng Stellplaz. Wou ech awer drop wëll eraus: hät- te mer vlächtt net sollten éischerter anstatt d'Typologie vun engem Gebai ze kucken oder vun Appartementer, d'Gréisst, einfach kucken, wou et läit. Am Sënn vu wa mer wierklech ganz no un engem éffentlechen Trans- port, dat heescht Zuchverbindung, Busverbindung, dass een do vlächtt hätt kéinten op 1 erfgoen, oder suguer op 0,8 wéi bei NeiSchmelz. Voilà, dat ass ep- pes wat Vir- an Nodeeler huet. Ech weess, dass och de Virdeel natierlech ass, dass mer dee Moment keng Privatautoen op der Strooss stoen hunn. Mee vlächtt hätt ee kéinten och mat aneren Alternative schaffen, wéi Sammelparkingen - zumools fir déi Leit am Zent- rum, fir villäicht méi kleng Wunnengen ouni Parking. An da Parken, Sammelparkingen e bësse méi ronderëm. Dat ass eppes, wou mir eis elo net esou ufrënnen mat der Situatioun.

Versigelung. 30% ass natierlech ze begréissen. Do och vlächtt déi Fro opwerfen: Hätt een net kéinte par Rapport zu der Gréisst zum Terrain kucken? Ech weess, dat wa mer kleng Terrainen hunn, just vun 10% schwätzen. Mee wann ech heiandsdo gesinn, wat d'Leit mam Gaart maachen, fir nëmmen net mussen ze méi- en, kréien ech de Bauch wéi. Dofir wier dat vlächtt in- teressant gewiescht eng Proportie hierzustellen. Mee 30% ass schonn e ganz ganz gudden Prozentsaz. Lo déi Fro: Gétt dat och richteg kontrolléiert? Ech hoffe Jo, mee et ass wéi d'Chantel et virdu gesot huet: Et kann een alles a Fro stellen, wéini a wat gétt kon- trolléiert. Op jidde Fall steet et am Reglement an dat

begrëisse mer ausdrécklech. Mir hunn am gesamte PAG ganz vill an HAB1 ëmklasséiert. Mir hunn och an der Lokalsektioun driwwer diskutéiert. Mir fannen dat schued, zumools an den Haaptachsen fir do op HAB1 ze goen. Ech mengen Route de Kayl a Route de Bundersberg, do war virdrun, wann ech mech net ieren, wierklech méi eng héich Densitéit. Lo si mer op HAB1. A voir, natierlech, wat punktuell do ka gemaach ginn. Mee dat bleiwen fir eis d' Haaptachsen, wou öffentlechen Transport awer wierklech reegelméisseg fiert a wou een hätt kéinten duerchaus soen, dat et do soll méi héich a méi dense gebaut ginn. An dofir awer, wat mer méi Richtung ländleche Raum ginn, datt et do éischer Unifamilialen solle gebaut ginn... Ech wëll mech net widderhuelen, mee duerch déi Logementskris versti mer net wierklech firwat déi Densitéit an deem Sënn erofgaangen ass. An ech wëll och nach eng Kéier betounen, datt Densitéit net onbedéngt wëll heeschen, dat een do schlecht wunnt. An et muss ee bedenken, dat Densitéit mat gréng beflächte Plazen a Sozialplazen a "Places de rencontre", wéi ee sou schéi seet, grad sou eng gutt Liewensqualitéit kéint ubidden, wéi en Eefamilljenhaus, wou een oft eleng doheem sëtzt.

De Kaméidi - do si positiv an negativ Bemierkungen. Natierlech hat d'Commission de l'Aménagement virgeschloen, fir e Kaméidipeegel ze definéieren vu 60 Dezibel am Dag a 50 fir d'Nuecht. Dat ass wierklech immens flott, datt mer dat och sou 1:1 am PAG iwwerholl hunn. Par conter, mir maachen eis Suergen ëm d'Haaptachsen, déi awer relativ schnell befuer ginn, zumools owes. Et wier vläicht elo de richtege Moment gewiescht, fir sech och do e Konzept auszedenken, fir och do d'Vitess vläicht zu all Moment erfzesetzen duerch, ech soe lo mol, Schikanen oder Beem oder iergendwelch urbanistesche Upassungen, déi eeben de Leit net erlaben, um 10 Auer owes mat 120 iwwert déi Strooss do ze fueren.

Baulücken - Mir haten scho laang an eisem Walprogramm, datt de Bauperimeter net soll opgemaach ginn. Hei hu mer Baulücken - an ech schwätze vum PAP Nouveau Quartier - well et ginn och Baulücken tèscht Gebaier. Dat ass natierlech ganz flott, datt mer dat sou maachen a sou entwéckelen. Ech gesinn och déi verschidde Schéma-directeuren. Déi bidden interessant Léisungen, deelweis och immens nohalteg Léisungen. Do wier déi Fro, ob mer net kéinten eis einfach e Moosnamekatalog ginn oder eng Checklëscht ginn, fir ze soen: Dat sinn déi Krittären, déi mer wéilt en erfüllen, fir eebe Liewensqualitéit an d'Quartieren ze kréien. Wann ech duerch déi verschidde Schéma-directeure gekuckt hunn, waren lenk a rietzs gutt Iddien déi een kéinnt an engem Moosnamekatalog ophuelen, wuelwessend dat een sech emmer muss der situatioun urbaine upassen. . Wat verstinn ech ënnert deene Moosnamen? Dat si Verbindungen, wou mer zu Fouss duerch de Quartier ginn, wou mer mam Vélo fueren... wou een da sozial-pädagogesch Aktivitéite kéint entwéckelen. Dee Moment wieren déi nei Quartieren eng Plusvalue fir déi Quartier-existanten, fir duerch gréng Plazen, eeben d'Qualitéit vu ronderëm och ze verbes-

seren a villäicht d'Leit aus de Quartier-existente ronderëm an den neie Quartier unzezéien. Heizou gëtt et e Planungshandbuch vun der Landesplanung, wou ech och selwer konnt matschaffen. Dat war och wierklech extra fir d'Gemengen geduecht, fir eben och qualitativ an nohalteg PAPen kënnen ze entwéckelen.

Mir hu schonn e puer Mol vum Phasage geschwat. Ech wollt dat nach eng Kéier betounen, datt et interessant wier, eis wierklech de richtege Phasage ze ginn. Ech schwätzen hei wuelverstane vu Schéma-directeuren, wéi ënnert anerem och NeiSchmelz. Mee et ass wichtig, och am Sënn vun: ze séier wuessen ass och net gutt - Wuessen.. Déi néideg Infrastrukturen, déi mer brauchen, mussen do stoen a sou géife mer eis mat engem richtege Phasage, wéi gesot, déi néideg Zäit an Objektiv ginn, fir d'Mobilité Douce an den öffentlechen Transport kënnen auszebreden. Well mir brauche Léisungen. Et si relativ vill Leit, déi am Dag erausfueren aus Diddeleng. Ech gehéieren och dozou an ech muss lech soen, eng Véirelstonn fir iwwerhaupt aus Diddeleng eraus, ass net ëmmer angeneem. Dofir, mir brauche Léisungen an dat do ass déi Opportunitéit, fir elo vläicht nei Iddien ze versichen. Mee ech mengen, d'Madamm Heinen ass och méi am Detail dorops agaangen. Da stellt sech déi Fro mat deene Baulücken, déi eeben elo net direkt esou entwéckelt ginn. Wat geschitt mat deenen? Hu mer do vläicht Iddien, wéi mer se kéinten entwéckelen? Dat selwecht och fir déi Baulücken tèschent de Gebaier, wéi ech virdu gesot hunn. Et wier villäicht interessant, sech eng Strategie ze ginn, fir déi ze mobiliséieren an en attendant vläicht mat anere Saachen ze beliewen, wéi datt se just einfach do stinn an datt näischt geschitt.

Bilanz vun den Aarbechtsplazen - Dat hate mer och scho virdu gesot: Et si vill Leit, déi erauspendelen Richtung Stad oder Richtung Esch. Heiansdo ass ee gezwongen, mee et feelt eis un Aarbechtsplazen hei zu Diddeleng. Ech soe lo mol z.B. Servicer, Commercen, Banken, Versécherungen - dat si lauter Aktivitéiten, déi sécherlech net zum Verkéier positiv bäidroen. An ëmgedrënt, wa mer kéinten méi zu Diddeleng schaffen a wunnen, wier natierlech méi e flotte Kader a méi eng besser Liewensqualitéit. Wat mer och am PAG allgemeng vermessen, dat ass op lokal Produktioun ze setzen. Mir sinn an engem urbane Raum an net an engem rurale Raum, mee et wier villäicht interessant trotzdem fir méi partizipativ Gäert, SOLAWI'en, also solidaresch Landwirtschaft, Schreebergäert, PopUp-Gäert ... an do ass déi Fro eben opkomm, ob mer net kéinten déi Zonen, déi fir de BEP virgesi sinn, en attendant datt déi gebraucht ginn, och vläicht temporär kéinte mat esou Saachen mobiliséieren?

Parkinge sollen am Gebai virgesi ginn. Do hunn ech mer opgeschriwwen: Och dat ass positiv an negativ ze betruechten. Positiv natierlech, datt mer déi Privatautoen aus der Strooss raus hunn, mee negativ sinn natierlech d'Terrassementer. Wat d'Gebai méi grouss, wat een natierlech méi an de Buedem buddele geet. An do eeben déi Iddi erëm, mat engem Sammel-Carport, wou ee kann och vläicht e gréngen Daach dropmaa-

chen oder Photovoltaik. Ob et wierklech ëmmer muss am Gebai sinn oder op een net kéint um Terrain? E flott Beispill, hunn ech gesinn, ass hei de Schéma directeur vu Rue Ste. Barbe. Do hu mer sou e Sammel-Carport an et steet en plus nach - dofir wollt ech et onbedéngt liesen: "Lors de l'élaboration du PAP, il est indisponible à veiller à ce que la voiture n'ait pas la priorité dans le quartier". An dat fannen ech soll net nëmmen fir dee Schéma directeur gëllen, mee wierklech allgemeng soll de Mënsch an de Mëttelpunkt gestallt ginn an net onbedéngt den Auto. Dunn, wa mer scho beim Schéma directeur sinn, wollt ech och soen: De Schéma directeur bei der Gare, Rue Jean Wolter, ass och eng Recommandatioun gewiescht, datt fir datt mir hei méi Mixitéit hunn, solle mer eng aner Typologie vun de Wunnengen hunn. Awer och de Koeffizient fir de Buedemverbrauch soll erhéicht ginn. An dat begrëisse mer wierklech ausdrécklech, well éischtens si mer och am Zentrum, wat immens flott ass. Mee allgemeng soll een de Buedemverbrauch esou optimiséieren, wéi et nëmme geet an eng Mixitéit an den neie Quartier kréien.

Par Rapport zum Schéma directeur "Stade Alois Meyer" muss mer soen, et ass proposéiert ginn, dat et am HAB1 klasséiert ginn. Dat ass jo net gemaach ginn. Ech verstinn, Dir sidd am Gaangen e Masterplang auszuschaffen, mee perséinlech fanne mir, datt et besser gewiescht wier fir eng gewëss Planungssécherheet an deem Sënn och ze hunn. An domadder kommen ech elo zu de positive Punkte vum PAG. Déi Gréngzonen, déi Coulée-verten, déi virgesi sinn an der Servitude, dat ass wierklech begrëissenswäert. Ech mengen, mir Gréng, mir wollten dat scho méi laang, am Norden e gréng Gürtel hunn. Vlächcht wier et interessant gewiescht, fir deen e besse méi breet ze maachen. De Bauperimeter ass, wéi ech virdru scho gesot hunn, net opgemaach ginn. Dat hate mer ausdrécklech an eisem Walprogramm an dat begrëisse mer och. An dann déi Saach mat Unifamilial verbanne mat Einliegerwohnungen. Do kann een och soen, dat ass vlächcht eng nei Wunnform - effektiv. Dat ass fir eis immens interessant, well ech mengen Einliegerwohnung ass eppes ganz Flottes. Dat kann intergenerationell benotzt ginn oder vlächcht e kleng Studio fir Studenten. Also et ass wierklech eng ganz flott Optioun, déi mer hei opgeholl hunn.

Di Surface moyenne vun 80m² ass am Zentrum, ech mengen "Zone mixte urbaine" op 55m² erofgesat ginn. Dat ass fir eis och immens wichtig a gutt. 20% Unifamilialen an den HAB2 ass och begrëissenswäert. Esou hu mer net nëmmen Apartementer, mee domadder kréie mer eng richteg Mixitéit. An och 30% Commerce um Rez-de-chaussée beim PAP Nouveau Quartier ass e ganz positiven Impakt op d'Liewen am Quartier an hoffentlech och fir Diddeleng, fir dat mer méi Aarbechtsplazen hunn. Ech hunn dat schon e puer Mol gesot: Mir begrëissen natierlech och, datt d'Gemeng d'Initiativ ergraff huet, fir Gebaier ze klasséieren. Dat hate mir och am Walprogramm. Mee et muss ee betounen, datt dat dozou bäidréit, datt d'Präisser vun den Immobilien sech u sech stabiliséieren.

Well wann een eppes net kann ofrappen, da behält et u sech seng Valeur. Ech wëll net soen, datt d'Promoteuren déi Schlecht oder déi Béis sinn, mee da si keng Promoteuren do, déi wäerte méi ubidden wéi déi Privatileit, fir dat kënnen ofzerappen, fir 3, 4, 7 Apartementer doraus kënnen ze maachen. An deem Sënn: Klasséiert Gebaier stabiliséieren éischer de Präis um Marché. An natierlech ass et interessant a wichtig, datt mer eise Patrimoine erhalen. Mir begrëissen och ausféierlech de Parkraumschlëssel op NeiSchmelz 0,8. Mee ech mengen dat hunn ech och scho gesot. Piscinnen - Mir hunn haut erstaunlecherweis vill iwwer Piscinne geschwat, mee mer haten dat och an der Lokalsektioun diskutéiert, datt et awer interessant ass, datt mer eis elo wierklech e Reglement ginn, fir Piscinnen anzeplangen, anzubauen. An natierlech, wat méi d'Saache regléiert sinn, wat et manner Sträit tèschent Nopere wäert ginn.

Zones inondables - d'Madamm Heinen ass schon drop agaangen. Et ass wierklech immens immens wichtig, datt mer dat elo opgeholl hunn, datt ee wierklech am PAG déi Zonen do ausgeschriwwen huet, datt mer do mussen eng Etüd maachen, wann ee sech an där Zon befënnt. Et ass vlächcht grad esou wichtig fir Recommandatiounen ze maachen, wann een do soll bauen, datt een och soll a kann aaneschters bauen, fir mam Waasser zesummen ze liewen. Mee net am Sënn vum Auffangbecken, mee wierklech vun der Bauweis, kann een dat och sou geréieren, fir datt d'Leit eebe keng Iwwerschwemmungen hunn.

An dann, zu gudder Lescht, ass natierlech ganz flott, datt mer Photovoltaik wäerte mussen hunn op Gebaier, déi an enger Zone d'Activité économique sinn, déi méi grouss si wéi 150m². Just kuerz: Dat huet elo näischt direkt mam PAG ze dinn. Wéi ech virdru gesot hunn, also d'Planungshandbuch ass e ganz interessant Instrument, fir nohalteg Quartieren an nohalteg PAPP kënnen ze plangen. Mir hunn och verschidde Pakten. Ech mengen an ech hoffen, datt mer déi nächst Woch vlächcht zu deene verschiddene Palte wäerte bäitrieden. Ech soen ënner anerem de Pacte Logement. Mir hunn och den Naturpakt. Mir si jo lo scho beim Klimapakt dobäi. An d'Terrassementer, dat ass och e Punkt, dee fir eis wichtig ass. Ech hu scho puer mol vun Terrassementer geschwat, mee et wier villächcht interessant, dat mir eis als Gemeng einfach e Konzept gi fir gréisser Terrassementer. Ob mer se net kéinten sur place hei zu Diddeleng verschaffen, duerch Parken an duerch Hiwwelen, wou een dat och kéint akoustesch benotzen, fir eeben eng besser Qualitéit a fir net ëmmer mussen ronderëm, duerch d'ganz Land ze fuere mam Bueden, fir eventuell souguer an Däitschland déi ofzeginn. Dat alles gesot, mengen ech, gi mer hei absolut an déi richteg Richtung. Et ass vill Aarbecht mat agefloss. Et si vill interessant Iddie mat agefloss. Ech muss soen, mir wäerten eis awer beim PAG enthalen, well, - et ass net ëmmer evident ze soen - mee mir wiere bei verschidde Saachen méi wäit gaangen, ënner anerem och bei den neie Wunnformen. Dat gesot, Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och, no der Madamm Heinen, och der Madamm Ahmedova fir d'Stellungnam vun deene Gréngen. Weider Stellungnamen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, Här Buegermeeschter. Ech hunn entretemps schonn e bësselchen heidru gebastelt, well ech lo net onbedéngt wollt Saachen e puer Mol soen. Mir stëmmen haut iwwert den neie PAG vun eiser Gemeng of. Dëst ass e wichtege Dossier, deen d'Stadentwécklung vun Diddeleng an deenen nächste Jore bestëmmt. Déi allermeescht vun de Gemengerotsmemberen hei bei dësem Gremium, déi hu schonn öfters an dësem Dossier geschafft an driwwer diskutéiert. Fir mech ass et fir d'éischt. Och wann ech natierlech an d'Aarbecht vu mengem Virgänger mat agebonne war, sou ass et awer eppes anescht, sech als Conseillère dann doduerch ze schaffen an ech muss soen: De ganzen Dossier, déi vill Dokumenter, déi hu mech zwar bal erschloen. Wat ech mech awer méi doduerchgeschafft hunn, wat Villes méi kloer ginn ass a mech awer och wierlech vill interesséiert huet, ech ëmmer méi nosiche gaange sinn. Mee et ass eng vaste Matière an en zäitopwännegen Dossier. Dofir nach eng Kéier e spezielle Merci fir déi Präsentatioun vun haut, déi mer och nach e puer Saachen e bësselchen méi no bruecht huet an och nach méi kloer gemaach huet. Et gesäit een, dass onheemlech vill Aarbecht dra stécht an och ech wëll, wéi och scho meng Virriednerinnen a Virriedner, hei a grouse Merci ausschwätzen, souwuel de Leit aus de Gemengenservicer, wéi fir all déi, déi iwwer Joren am Aarbechtsgrupp geschafft hunn an och natierlech déi extern Leit, aus de verschiddene Büroen a selbstverständlech dem Schäfferot.

Et ass net evident, esou e Plang auszeschaffen. Et geet jo net just ëm haut a muer, mee et muss vill méi wäit an d'Zukunft geduecht ginn a probéiert ginn, Villem a Ville gerecht ze ginn. Et kann een net jiddereen zefridde stellen, ech mengen dat ass kloer. Et huet ee Prioritéiten. Et setzt ee sech der. An et muss een deen een oder anere Choix maachen. Mir als Déi Lénk mengen, dass mer virun allem zu zwee groussen Themen mussen ëmdenken. Dat éischt ass: Mer kënnen net onendlech an d'Breet bauen, mee mer mussen méi an d'Héicht bauen. Dat zweet ass: Mir liewen an enger Autoswelt, wou den Auto eis dominéiert, a mir mussen den Auto aus dem Kapp kréien. Ech komme spéider op déi Punkten zeréck. Ech kann och lo net an all Detail agoen. Villes ass scho gesot ginn. Wat eis net gefällt, just eng Klenggeheet: PAP Q1 Quartier existant - Mir sinn zwar frou, dass de Verbuet vun de Co-Locatiounen do op Urode vun der Cellule d'Évaluation erausgeholl ginn ass. Mee leider steet nach e Verbuet vu Chambres meublées an der Zon HAB 1 dran. Mir sinn der Meenung, dass esou e Verbuet näischt an engem PAP verluer huet an dass d'Gemeng eng bestëmmte Wunnform net sollt verbidden, zumindest net am PAP. Wa Chambres meublées gemaach ginn, gëtt et jo sou oder sou vun der Gemeng kontrolléiert am Virfeld, éier se kënnen verlouent ginn. A wann alles konform ass, da gëtt et keng Ursaach, dës Wunnform ze verbidden an

eenzelne Quartieren. Wann dat esou bleift, da géif ech mech enthalten bei der Ofstëmmung vum PAP.

Zum neie Bautereglement: Dat ass vill méi kloer an détailléiert wéi virun an dat kéint een esou mats-tëmmen. Da kommen ech zu den Haaptpunkten, déi eis wichteg sinn, wa mer vum PAG schwätzen: Déi Lénk begréissen ausdrécklech, dass de Bauperimeter - et ass scho méi wéi eng Kéier haut gesot ginn - net erweidert gëtt, ausser a Richtung Süden, wou Quartier NeiSchmelz ass an da bei der Wëlldéierestatioun. Dat erlaabt et, de gréng Rimm ronderëm eis Stad an déi vill Gréngflächen an Erhuelungszonen ze erhalen, wat eis och wichteg ass. Ech mengen, eis alleguer hei bannen. Wat eis och gefällt, ass dass probéiert gëtt, fir déi besteend Quartieren esou wäit wéi méiglech an hirer heiteger Form ze erhalen. Natierlech si llicht Verännerunge méiglech awer ëmme sou, dass d'Bild vum Quartier erhale bleift.

Fir Déi Lénk ass et kloer, dass Wunnen e Mënscherrecht ass. An dozou gehéiert och, dass all Mënsch e Recht op e bezuelbare Wunnraum huet. Dofir muss de Bau vu sozialem - ech nennen et léiwer "abordabele Wunnraum" - fir d'Gemeng eng absolut Prioritéit sinn. Dëst schéngt awer net de Fall ze sinn. Et gesäit ee schonn, dass dat keng Prioritéit fir d'Majoritéit ass wann een am pluriannuelle Budget 2020-2024 d'Zuele vun de geplangten Investitiounen kuckt. Am Ganze sinn et 195 Milliounen, mee leider nëmme 5,4%, also 10,5 Millounen, fir de soziale, respektiv bezuelbare Wunnraum. A wéi mer och vun der Madamm Kayser héieren hunn, sinn ëmmer Sue virgesinn, Terrain ze kafen, fir eppes drop ze maachen, awer et gëtt net genotzt. D'Gemeng muss awer selwer als Bauhär optrieden, an net alles de Promoteuren iwwerloossen. Nëmme sou ka se och fir méi Mixitéit suergen.

Am Quartier Lenkeschléi z.B. ass gutt ze gesinn, dass et praktesch keng Mixitéit gëtt. Et gëtt zwar Haiser an Appartementer, mee et gëtt keng sozial Mixitéit. Do gëtt scho vu ville Leit, déi nennen dat "Quartier des riches". Esou eppes kann an d'äerf eng Gemeng net zouloossen. Wa se do just e Grapp voll Wunnenge keeft a verlouent, da geet dat net duer, fir dann her-no vu Mixitéit ze schwätzen. Wa vu "selwer bauen" geschwat gëtt, da verstoppt sech d'Majoritéit ëmmer hannert dem Projet NeiSchmelz, mee do ass zu engem groussen Deel de Fonds de Logement Bauhär vum Wunnraum an net d'Gemeng. Et muss méi héich a méi dicht gebaut ginn, wéi dat bis elo an den neie Quartiere geplangt ass, zumools op NeiSchmelz. Do sollen op 39 Hektar Wunnenge fir +/- 2300 Awunner entstoen. Ech nennen nëmme ee Beispill als Verglach, et ginn der awer vill méi: Zu Schëffleng ass de Projet Metzerschmelz geplangt, wou op 63 Hektar de Bau vu Wunnenge fir ongeféiert 10.000 Awunner virgesinn ass. An dëst sugger nëmme op der Hallschent vum Terrain. Déi aner Hallschent ass fir Geschäfte, Büroer, Schoulen. Et ass also duerchaus méiglech, méi dicht ze bauen. Dann zu der Héicht: Aus urbanistecher Vue kann ee soen, dass op NeiSchmelz fréier - an dat ass nach guer net esou laang hir - 4 Héichtierm stoungen. Op déi Plaze kéinte roueg Wunntierm stoe kommen,

ouni dass se géife stéieren. Beim Wuert "Wunntuerm" erschrecken d'Leit gären a stelle sech eppes Fierchterlech vir, mee dat kann duerchaus gutt ausgesinn. Enner anerem kéinten se och begréngt ginn an et ass guer net sou, dass do kee wéilt wunnen. D'Madamm Ahmedova huet jo och dovunner geschwat. Déi dräi Tiern zu Déifferdeng mat villen Niveauen z.B. ware séier verkaaft. An och zu Schëffleng sinn e puer Tiern geplangt. Et ass also net onméiglech, esou Tiern an e Quartier anzeplangen. Net an egal wéi ee Quartier, mee op NeiSchmelz géif et passen. D'PAPe vun NeiSchmelz sinn zwar scho gestëmmt, mee näischt ass a Stee gemeesselt an et kéint duerchaus nach méiglech sinn, dass wéinstens e puer Gebaier dann awer e bésse méi héich gebaut ginn, wéi ursprénglech geplangt. Et bleift nach Hoffnung. Déi Lénk stinn och grad, wéi d'Madamm Kayser erwäänt huet, der ZAD skeptesch géintiwwer. Do ka gebaut ginn, awer net direkt. D'Densitéit ass immens niddereg gehale ginn. Mir hunn héiere firwat, oder wat d'Meenung vum Schäfferot dozou ass. Also ech schléisse mech do wierklech der Ausso vun der Madamm Kayser un. Natierlech mussen d'Baulücken an de geplangte Quartieren prioritär bebaut ginn, mee dat eent verhënnert dat anert net. "Eigentum verpflichtet", an dofir muss d'Gemeng onbedéngt mat alle Moyenen Drock op d'Proprietäre maachen, fir dass déi broochleiid Terrainen an eidelstoend Haiser endlech a Wunnraum ëmgewandelt ginn. Diddeleng soll a muss wuessen. Natierlech kontrolléiert an net grad alles beieneen, trotzdeem awer méi, wéi d'Majoritéit sech dat hei virstellt. Mat deem wat geplangt ass, leie mer ënnert der Landesmoyenne, wat de Wuesstem ugeet, an dat kann et jo awer net sinn.

Wa mer dat soen, dass muss méi Wunnraum geschaf gi wéi hei geplangt, da si mer natierlech direkt beim Thema Mobilitéit. Da kréie mer ëmmer gesot, wéi solle mer dat packen, déi vill Autoen déi bäikommen - duerch Diddeleng an aus Diddeleng eraus an an Diddeleng erëm eran? Dës Fro ass natierlech berechtigt, wa mer weiderhin der Meenung sinn, dass all Stot op d'mannst een eegenen Auto muss hunn, awer besser nach zwee oder méi. Ech zitieren hei mäi Virgänger am Gemengerot, de Jos Thill, deen och am Kader vum PAG den 28.02.2020 gesot huet: "Eng Stad, dat ass e Biotop wéi en aneren. An do ginn et verschidde Spezies. A leider ass den Auto eng invasiv Espèce. A wann een dee bis eng Kéier eraléisst, da mécht dee ronderëm alles platt". Ech selwer fieren och Auto, sinn trotzdeem awer der Meenung, dass mer müssen deen Auto aus dem Kapp kréien an aus der Stad, well deen eis vill ze vill dominéiert. Et gëtt vu Shared Space geschwat - bei NeiSchmelz, bei A Bëlleg mengen ech och e bëssen. Mee dat geet net duer. Mir gesi jo awer, wéi de Shared Space an der Niddeschgaass funktionéiert, respektiv net funktionéiert. D'Foussgänger ginn op der Säit, den Auto fiert duerch d'Mëtt. A wann een den Auto am Verglach zu engem Kand kuckt, da kann ee sech denken, wie fir d'éischt réckelt. Et ass net den décken Auto. Um Ufank war NeiSchmelz als autofräie Quartier geplangt, mee leider ass dat en cours de route geännert ginn. Grad esou gär hätte mer den neie Quartier A Bëlleg autofräi gesinn, mee och do

huet de Courage iergendwéi gefeelt, oder et ass net erwünscht. Dobäi ass d'Demande, fir a sou engem autofräie Quartier ze wunne sécher do a wäert och nach eropgoen an den nächste Joren. An der Stad, z.B. um Lampertsbiérg, ass et bei engem klengen Quartier probéiert ginn, an d'Haiser sinn direkt verkaf ginn, éier de Bau iwwerhaupt ugaangen ass. An auslänneschen Groussstied, wéi z.B. Stockholm oder Kopenhagen, ginn et scho méi laang autofräi Quartieren. Vläch gëtt jo awer bei NeiSchmelz nach eemol nogeduecht, ëmgeduecht - hoffe kann een ëmmer nach.

Wa mer vun autofräi schwätzen, si mer natierlech beim effentlechen Transport ukomm an do ass et ganz kloer, dass virun allem d'Verbinding tëscht Diddeleng an der Stad muss verbessert ginn. Soulaang ech duebel esou vill Zäit brauch, fir mam Zuch oder mam Bus an d'Stad ze fieren an op d'Aarbecht ze kommen, dann ass de Choix ganz séier gemaach.

Am PAP ass op der Héicht vu Biereng eng Zon reservéiert, fir dat zweet Gleis fir Zich bis op Beeteburg ze aménagéieren. Dat war vum Transportminister versprach ginn a wier immens wichteg. Allerdéngs hu mer haut héiere vum Buergermeeschter, dass dat nach ganz laang net op der Schinn ass, wann ech dat richtig verstane hunn. An do si mer wierklech onzufrieden, dass do näischt geschitt. Et läit net eleng un der Gemeng, an awer. Et kéint eventuell och iwwer eng direkt Buslinn op de Boullion nogeduecht ginn, vu dass d'Leit och vun do aus kéinten an d'Stad weiderfieren. Dee Bus misst emol net iwwer d'Autobunn fieren, mee kéint d'Landstrooss benotzen, fir Stau ze vermeiden. De geplangten Ausbau, deen erwänen ech nëmme ganz kuerz hei, vun der Autobunn A3 op dräi Spueren. Dat sinn erausgeheite Suen: Méi Stroosse produziere méi Verkéier, dat ass bewisen. Duerno stinn d'Autoen dann awer am Stau virun der Stad. Grad wéi d'Madamm Kayser sot, si mer enttäuscht, dass de Schäfferot keng Visioun zur Mobilitéit huet oder eis se net matdeelt. Op d'Veloen kéint ech och elo nach agoen, ech hunn awer elo e bësselchen hei ausgestrach, well eigentlech huet d'Madamm Heinen do och scho vill gesot an do hat ech och net wierklech eppes Neies dozou bäizefügen. Voilà, dat waren eis Haaptpunkten. Mir wäerten eis beim PAG enthalen aus deene genannte Grënn an ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Thessy Erpelding och fir d'Stellungnam vun deene Lénken. Nach weider Stellungnamen?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hu weeder Froen nach Suggestiounen. Ech wëll just hei op e puer Saachen agoen, déi ech elo héieren hunn hei. A Villes ass elo hei gesot ginn, ech mengen einfach: "Mir sinn dogéint, fir dogéint ze sinn". Well op ganz ville Punkten hei, vun deenen ech mer elo Notiz geholl hunn, déi sinn net zum Thema. Wann ech elo kucken hei: Mobilitéit, Train-Tram, ... Ech weess net, wéi vill Mol mir hei schonn driwwer geschwat hunn. Ech weess net, wéi vill Mol d'Madamm Dall'Agnol sech hei midd gemaach huet fir ze soen, u wem et läit. Mee et ginn ëmmer rëm Saa-

chen dohinner gehäit, sou ee beësse fir datt d'Leit dobausse sou un d'Zweifele kommen, gell? Dat dann den Zweifel geséit gëtt. Mee Dir an ech a mir alleguer hei bannen, mir wëssen hei d'Äntwerten op déi Froen hei alleguer. Mir wëssen och d'Äntwerten z.B. op Bauplandreserven, firwat de Schäfferot vläicht de Budget net ganz ausnotzt. Ma well et näischt ze kafe gëtt. An Dir wësst et a mir wëssen et. An trotzdem gëtt et hei gesot. Mee bon, dann huele mer dat sou zur Kenntnis an d'Leit dobaussen huelen et och zur Kenntnis.

Dann ass d'Madamm Kayser bal hei zur Patréinesch gi vun de Promoteuren. Mee ech mengen, esou Quartieren wéi Lenkeschléi, Quartieren wéi Am Duerf - Mengt Dir, dat wier entstanen, well et hei u Kommunikatioun gefeelt hätt? Well et un Zesummenaarbecht gefeelt hätt mat de Promoteuren? Well mer gutt gefuer sinn mateneen! Well mer mateneen geschwat hunn! An dat wäerte mer och an Zukunft esou maachen! Dat sinn och esou Ënnerstellungen, déi da gemaach ginn, einfach sou. "Da leeë mer dat el mol sou an de Raum, da loosse mer et do stoen, an da kommen d'Leit vläicht e bëssen un d'Zweifelen". Mee mir sinn awer och net naiv. Och bei de Promoteure sinn e puer Spëtzbouwen ënnerwee an déi muss een ausserneen halen. An dofir sinn déi Saachen, déi d'Majoritéit an de Schäfferot sech hei gëtt, fir d'Zigel an der Hand ze halen, mengen ech de richtege Wee. Ech gi lo net hei op all Detail an. Ech wollt dat einach just net do stoe loosse, well soss menge se nawell dobaussen, mer géifen lech zoustëmmen an dat ass net de Fall. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech géif der Madamm Kohn och Merci soen, fir déi doten Stellungnam. An da géif ech vläicht op déi verschidde Stellungnamen agoen. Mee virun allem mol e Merci, dass Dir lech par Rapport zum PAG an zum PAP Quartier existant, an och zum Bautereglement an och de Propose vum Schäfferot politesch prononcéiert hutt. Mer hunn eraushéieren, dass d'CSV sech wäert enthalten, Déi Gréng sech wäerten enthalten, Déi Lénk sech wäerten enthalten, an des Majoritéit dann dat stëmme wäert. Ech wéilt ausdrécklech, souwuel deene Gréngen, wéi och deene Lénken, Merci soen, fir déi dach ganz nuancéiert Approche an Aschätzung, par Rapport zu deem, wat mer haut ofzestëmmen hunn. Et ass richtig: Fir déi eng geet et ze wäit, fir déi aner net wäit genuch. D'Prioritéit sinn deelweis och aaneschters gelagert, mee ech mengen, Dir hutt et fäerdeg bruecht, dat heiten awer mat aller Komplexitéit - an ech verstinn och d'Madamm Erpelding, wann een an d'kaalt Waasser gehäit gëtt an dat heite muss effektiv, sech an déi ganz Komplexitéit muss eraschaffen, dass dat net evident ass. Mee Dir hutt awer dat riwwerbruecht, ganz sachlech a mat enger ganzer Rei Nuancen, déi verschidde Vuen erëmispigelen. De PAG ass jo och eppzes, wat lo net onbedéngt statesch ass. Dat evoluéiert jo och mat der Zäit. Dofir och Merci fir deen dote politeschen Discours.

De PAG an de PAP Quartier existant gëtt jo de Kader, fir Saachen ze erméiglechen, fir Méiglechkeeten ze schafen iwwert Klassementer, iwwert d'Ausriichtung

an der Stadplanung. An do mierkt een, dass d'CSV un diesen Dossier an hirer politescher Stellung net mat der néideger Nuance an och ganz polemisch drun erugeet a phaseweis d'Essenz selwer vum PAG, respektiv vum PAP Quartier existant, net wëll duerleeën. Dofir ass et gutt, dass eis dat ënnerscheet, wëll ech hei ganz kloer ënnersträichen. D'CSV schwätzt och vu Wäitsiicht. Déi hunn ech awer hei an hire Stellungenamen, an hirer Polemik, net eraushéieren, well an der Polemik verléiert een och ganz gären d'Wäitsiicht. Bei deenen anere Parteien hunn ech dat éischerter erëmfonnt, well se effektiv méi nuancéiert dru rugange sinn. Mir sinn eis alleguerten heibannen eens, dass d'Stadentwécklung an d'Mobilitéit, an ech menge jiddereen huet dat ugeschnidden, dass dat parallel muss gekuckt ginn. Wat mech virun allem bei der CSV och gestéiert huet par Rapport zu Themen, déi se rëm hei politesch - an ech fänke mat der Madamm Kayser un, well se déi éischt war, déi doriwwer geschwat huet - dass se och weider ëmmer geleet gëtt vun Hallefwouereschten, respektiv eng Rei politesch Elementer an och Realitéiten bewosst net seet, an ech wäert dorop agoen. De PAG an de PAP Quartier existant gëtt eng kleng Ausriichtung, wat ee vu Méiglechkeete gëtt. Dat wëll net heeschen, dass et d'office scho konkret Projete ginn, déi een hei muss deementspriedend ernimmen, mee et schaaft een e Kader, fir verschidde Saachen ze erméiglechen, respektiv verschidde Saachen net ze erméiglechen. Et ass do, wou dann d'Prioritéite leien an et ass och do, wou den Iwwerbau läit am PAG an am PAP Quartier existant. Deenen engen ass an der Analys méi gegléckt wéi aneren.

Ech fänken u mat den Aktivitéitszonen "Helper" an "Koibestrachen". D'Madamm Kayser hei schwätzt iwwer de Plan sectoriel, dass dee lo réischt säit '21 a Kraaft wier an dass eis virun kommunal Zon gewiescht wieren. Da vergësst si eng politesch Realitéit: Dass d'Plan-sectoriellen eng Kéier an d'Prozedur geschéckt goufe vun der Regierung, dass se zeréckgeholl goufen, an da rëm eng Kéier an d'Prozedur geschéckt goufen. Dat heescht déi politesch Ausriichtung war net ëmmer, dass Koibestrachen eng national Zon soll ginn. Da muss een dann och hei soen. Et muss een a sengen Ausféierungen komplett sinn. D'CSV war elo net komplett. Also hei Hallefwouereschten gesot, dass d'Ausriichtung vu Koibestraachen ëmmer hätt kéinten eng kommunal Zone ginn oder den Uschäin ginn, dass et hätt kéinten eng kommunal Zon ginn, wou d'Ausriichtung ëmmer - onofhängeg vun der Prozedur vun de Plan-sectorielle, dass se zréckgeholl goufen - ëmmer d'Ausriichtung déi war vun enger nationaler Zon. Wa mer eis elo hei an de Propose vum Schäfferot och drunhänken, fir nieft de Koibestrachen och mat Helper op béide Säiten och kommunal Zonen ze schafen, da gi mer hei d'Méiglechkeet fir hei ze soen, dat ass keng Wäitsiichtegkeet a keng Visiounen... Mer schafen hei grad d'Méiglechkeet, dass een an déi Richtung ka goen. Dat ass zu kengem Moment hei vun der CSV gesot ginn, bewosst fir verschidden Doutten hei ze schafen. Mee mir schafen hei ganz kloer dee Kader, fir dat ze erméiglechen. Wann een dat mécht, an an déi Richtung wëlle mer jo hei goen, dann ass natierlech

den nächste Schrott ze kucken, un déi Terrainen ze kommen als Gemeng, respektiv mam Stat zesummen, mat engem Wirtschaftsministère, mat engem Comité d'Acquisition. Ech mengen dat sinn awer Elementer, déi muss ee kennen, wann ee sech wëll hei ausloossen iwwert national Zonen. De Staat ass do opgestallt a wäert dann Terrainen mat der Gemeng zesumme kafe goen, oder de Staat wäert se kafe goen, fir déi national Zon ze entwéckelen. Dat geschitt hei zu Diddeleng net aaneschters wéi op anere Plazen. Och dat muss een hei soen, wann et bewusst net gesot gëtt. Diddeleng ass do deementspriechend och keng Insel. Hei ze behaupten, dass e Règlement grand-ducal keng Valeur juridique hätt, c'est du jamais vu. E Règlement grand-ducal huet eng Valeur juridique, well en ass a Kraaft, an dogéint kann ee jo och dogéint virgoen, also huet e wuel eng Valeur juridique an net iergend eng aner Valeur. En huet eng Valeur juridique, sou wéi e Gesetz och eng Valeur juridique deementspriechend huet. Also alles hei Hallefbehauptungen a Saachen, déi net stëmmen, déi een hei effektiv och ganz kloer muss riichtbéien. Also hei d'Behauptung ze soen, dass mer Dossiere verschlof hätten ass komplett falsch, well mer schafen hei Konditiounen an der Ausriichtung vun dësem PAG fir iwwerhaupt Saachen ze erméiglechen. Ech verstinn, dass wann een hei d'Ausriichtung mécht, dass een net an eng Detailplanung ka goen, wat verschidden Ausriichtunge vu Zonen ugeet. Mee dat ass och net onbedéngt den Objet vum Kader vum PAG, dass mer scho vertikal an d'Detailplanung ginn, wat wou deementspriechend och hikënnt. Mir schafen hei de Kader, fir Saachen ze erméiglechen. Dat par Rapport dann zu de kommunalen an den nationalen Aktivitätszonen. An an där doter Demarche hoffe mer natierlech - an ech hu méi wéi eng Kéier dat hei gesot an et gi jo och wëssenschaftlech Etüden - dass mer Terrainen nëmmen da kréien, wann och d'Proprietäre mat op de Wee ginn, fir Terrainen ze kafen. Och dat ass eng Realitéit hei zu Diddeleng. Déi ass net anescht wéi op anere Plazen. Mee wéi gesot, do si mer am Gaangen, mam Wirtschaftsministère, vu dass et eng national Zon ass, déi vum Wirtschaftsministère geréiert gëtt, déi néideg Demarchen ze maachen, fir un d'Prioprietären deementspriechend erunzegen.

Da par Rapport zu der Ausrichtung vum CGDIS. Ech huelen zur Kenntnis, dass dës Majoritéit dozou steet, dass de gemeinsame Bau op Diddeleng kënnt. Ech huelen zur Kenntnis, dass d'CSV dozou steet, dass de gemeinsame Bau op Beetebuerg kënnt. Fazit ass, dass dës Majoritéit am Kader - ech hunn et scho méi wéi eng Kéier hei gesot - am Kader vun de Plan-sectoriellen, de politesche Startschoss dofir gesat huet. D'CSV ass da kohärent an hirer Logik. Si waren net dofir. Si waren éischer, dass et op Beetebuerg kënnt wéi op Diddeleng. Hunn effektiv dat och net mat gestëmmt. Op alle Fall, dës Majoritéit steet dozou, dass de gemeinsame Bau Diddeleng-Beetebuerg op Diddeleng kënnt. An d'ailleurs huet de Verwaltungsrot vum CGDIS dës Decisioun och geholl. De Verwaltungsrot vum CGDIS, deen och iwwerparteilech zesumme gesat gouf. Do sinn also Parteien vun toutes les couleurs och dran. An am Kader vum PAG gi mer e weidere Schrëtt

no un de Plan sectoriel, dass mer grad jo dann hei d'Méiglechkeet ginn, iwwert déi BEP-Zone, dass de CGDIS sech do kann deementspriechend usidelen. An ech analyséieren oder ech stellen eraus, mat wéi enger Verve d'CSV hei opwerft, dass de Verlaf vun der Baach a vun den Déieren, dass dat elo e groussen Hindernis soll sinn oder dass dat eppes Negatives ass, wou mer eng ganz Rei Projeten hunn, wou mer dat beschwätzen. Projet NeiSchmelz - c'est passé comme une lettre à la poste. Hei beim CGDIS Diddeleng-Beetebuerg, wou Dir lech ageschoss hutt, hieft Der dat méi spezifesch eraus. Et ass och do net aaneschters wéi op anere Plazen, wou ee Kompensationsmoosname muss huelen, an och do sinn déi staatlech Stelle mam CGDIS am Gaangen, och dee Volet ze analyséieren, fir dass deen dote Projet Realitéit gëtt, well e jo och den Aval kritt huet vum Verwaltungsrot vum CGDIS, wou d'Gemeng a Staat zesummen dra setzen paritéitig.

Dann déi Aschätzung BEP-Zon beim Spidol, dass mer dat géifen hypothékéieren an hei d'Ausso, dass d'Bamallee en Hindernis ass. Dass effektiv deen dote Projet méiglech wier Richtung Neibau. Ech sinn engersäits frou, dass dës Majoritéit dozou steet, dass mer déi flott Bamallee erhalen. D'CSV ass do anscheinend anerer Meinung, well se méi wéi eng Kéier drop gepocht huet an déi Bamallee a Fro gestallt schéngt ze hunn. Op alle Fall iwwer déi BEP-Zon, déi mer dropleeën, hypothékéiere mer och eng zukünfteg Gestaltung vum Spidol, egal wéi eng Ausriichtung dass et kritt. Et ass vun der ALA geschwat ginn. Ech mengen, dat ass jo ee Volet, respektiv och d'Polyklinick, dass deem am Fong och kee Riedel an deem Sënn gesat gëtt.

Dann par Rapport zu dem Volet ZAD, respektiv par Rapport zum Volet vun de Promoteuren. Et ass richtig, dass et Promoteure ginn, déi gudder Dëng sinn. Et ginn awer och déi, déi ganz kloer d'Spekulatioun am Virdergrond hunn an déi net sou wéi hei, wann een deementspriechend der CSV kann nolauschteren, e pueren philanthropeschen Akteur sinn. Loin de là. Wann een der CSV nolauschtert, da si se alleguerten gudder Dëng a wëllen effektiv hei kee Bénéfice maachen. Et sinn der do, déi effektiv e soziale Gedanken hunn, awer net alleguerten. An ech menge wa mer hei op de Wee ginn vun enger ZAD, respektiv och mat hinnen e gemeinsame Wee ginn, mengen ech ass dat e Virdeel. An ech wëll hei nach eng Kéier betounen - an ech hunn dat schonn eng Kéier betount an engem vireschte Gemengerot - dass mer hei Promoteure géife bremsen. Dir schwätzt vum PAP A Bëlleg. Der CSV mag dat net gefalen, dass mer dee PAP a Phasen entwéckelen. Mee dat arrangéiert de Promoteur. Dee war domat d'Accord. Deen ass suguer mat der Propos komm, dass mer dat a Phase maachen. Dir sidd en Décalage mat der Realitéit, Madamm Kayser! Dir als CSV, net mir als LSAP. Well dat doten hu mer gemeinschaftlech décidéiert an et war eng Demande vum Promoteur am Kader vun der Entwécklung vun deem dote PAP. Also hei ware mer ganz kloer an eisem Rôle vun engem Facilitateur an net vun engem Bremsen. Mir hunn also de Promoteur mat an d'Boot geholl, well mer effektiv - an

do hutt der Recht - mer steieren dat jo zesummen, mir décidieren dat zesummen, wéi ee Wee dass ee wëll aschloen, éier dann herno de PAP hei an de Gemengerot kënnt an deementspriedend och driwwer ofgestëmmt gëtt.

Dat par Rapport zu deenen doten Voleten. Dann effektiv, den Här Zuang ass richtegerweis op de PAG an op de PAP agaangen, op déi verschidde Mixitéiten, déi mer hunn, op déi Essenz och vun de PAP Quartier-existanten. Ech menge mir sinn eis eens, dass mer hei probéiert hunn - och wa mer vu Verschiddene gesot kritt hunn et geet net wäit genuch - dass mer hei en Akzent an eise verschiddene Quartiere gesat hunn, duerch déi verschidden Zonen, dass mer och der Mixitéit an eise Quartiere Rechnung droen, och iwuer d'm²-Zuelen, déi mer définieren an och déi Moyenne vun 80m² dréit dozou bäi, dass mer och eng Mixitéit kënne gewäärleeschten.

Par Rapport zu der Madamm Heinen ass iwwert d'Mobilitéit an och iwwert de Klimawandel geschwat ginn. Ech mengen, dass mer och probéiert hunn - an och do soen ech dat mat allen Nuancen: dat kann engem net wäit genuch goen - mir hu probéiert, eng Rei Couloiren, eng Rei Servituden op verschidde Plazen ze setzen, wou een eng gewësse Mobilitéit ka garantieren. Ob dat elo eng Mobilitéit douce ass, mat dem Réseau vun de Piste-cyclablen, oder effektiv par Rapport zum öffentlechen Transport - sief et als Gemeng selwer, sief et am Kader vun de Plan-sectoriellen - ech mengen, et ass och déi Virgab an och déi Méiglechkeet, déi een huet am Kader vun der Planung ronderëm de PAG. Par Rapport zur Madamm Ahmedova: Alternativ Wunnformen. Jo, sécher. Mir hätten der och ganz gäre gehat an et ass och schwéieren Häerzens, mee ech mengen et ass ni ze spéit wann eng national Léisung kënnt, oder mol vläicht kucken, wéi d'Co-Locatioun an anere Gemengen gereegelt gëtt. Mir si jo net déi eenzeg, déi eis mat deem Thema befaasst hunn, dass een natierlech och déi dote Wunnform hei kann an de PAG aschreiwe loosse wa mer eng gewësse Planungssécherheet hunn um nationale Plang, respektiv och d'Appreciatioun vum Intérieur. Hei hu mer dat erausgeholl. Mee mir sinn awer op halwer Wee gaangen a mir sinn och ganz dobäi, alternativ Wunnformen. De Logement intégré ass eng, an deen hu mer virgesinn. Dat hate mer bis dato nach net. Dat hu mer deementspriedend och hei virgesinn. Wou ech net ganz mat lech averstane sinn, dat ass bei eisen Haaptachsen. Déi sinn awer gréisstendeels an HAB2 Zonen, wou mer op dräi Niveaue kënne goe statt 2 Niveaue. Wann ech eng Zouffterstrooss kucken, eng Keelerstrooss, eng Lëtzebuurgerstrooss, grad an deenen Haaptfaartstroossen si mer majoritairement, gréisstendeels op dee Wee gaangen, fir HAB2 deementspriedend och do anzeféieren.

Et ass och dat Beispill gesot gi vun alternative Wunnformen, vun Tiny Houses. Jo also mir verschléissen eis och deem net. Et huet een natierlech eng Rei Parameteren. Ech mengen et ass eppes wat ëmmer méi opkënnt. An och do muss nieft der Gemengepolitik och

d'Nationalpolitik dee Kader schafen, dass dat erméiglecht gëtt. Mir hu schonn e puer Mol gesot, dass mer eis net verschléissen, am Kader vun engem spezifesche PAP, déi Richtung anzeschloen - firwat net? Mir wëssen awer och - an et gouf jo nach rezent Artikelen mat allen och administrative Schwierigkeeten, déi et gëtt um Niveau vun den Tiny Houses, notamment och um Niveau vum Registre, fir sech kënne unzemellen. Also et ass net esou evident, mee et ass awer eppes, wat sécherlech schonn am Ausland (Däitschland, Holland) sai Wee gemaach huet. Lëtzebuerg ass heiansdo do e bëssen hannendran. Mee ech mengen awer och, dass dat doten Phänomen schonn zu Lëtzebuerg ukomm ass an och sai Wee hei zu Lëtzebuerg wäert maachen. Op alle Fall sinn ech mer do ganz sécher. D'Ouverture ass vun der Gemeng hei, dass, wa mer sou e flotte Projet hunn, nottament kënne vun engem PAP, dass een dat effektiv soll probéieren. Dat Planungshandbuch, wou Dir ugeschwat hutt - ma firwat net? Et ass jo eng Guideline. Dorunner kann ee sech ëmmer inspirieren, wann een an eng Planung erageet. Et huet jo keen obligatoresche Charakter, mee et kann effektiv sécherlech hëllefen an der Planung, wann et esou Outils ginn, wéi et esou Outils op villen Niveaue ginn, soll ee sech och kënne dodrun inspirieren.

Da mengen ech ass et grad esou wichteg - an dat hunn ech och ugangs gesot - dass een de Wuesstem an d'Mobilitéit parallel kuckt an an och déi Infrastrukturen, dass een dat ka steieren. Dir sot, mir brauche Léisungen. Wann Dir d'Patentrezept hutt, also mir si ganz oppe fir d'Patentrezept erkläert ze kréien, wann Der eent hutt konkret. Beispiller, wéi esou Patentrezepter um Niveau vum Wuesstum a vun der Mobilitéit hei zu Diddeleng kënne klappen, dass dat Null Komma Nichts opgeet. Also mir si Preneur fir all konstruktiv Approche an dat och gekoppelt mat den Aarbechtspitzen. Wa mer wierklech Patentrezepter hunn, dann hätte mer sécherlech scho probéiert, déi hei ënnert iergendenger Form ervirzebréngen an ëmsetzen mat alle Schwierigkeeten, déi mer awer do baussen hunn an am Stadkär, an och an eisen Quartiers neufs fir aus Diddeleng eraus, respektiv fir an Diddeleng eran. D'Iwwerleeung fir och op lokal Produktioun ze setzen - Bon, dat muss jo lo net onbedéngt am PAG dra sinn. Mir hu jo sou Initiative scho geholl op NeiSchmelz am Kader vun der transitorescher Notzung ronderëm d'Jardins communautaires. Wann dat op anere Punkte kann ëmgesat ginn, also ech mengen do verschléisse mer eis sécherlech net, vu dass mer scho positiv Erfahrungen an deem dote Kader gemaach hunn. Voilà, dat war effektiv par Rapport zur Madamm Ahmedova op déi Punkten, op déi se agaangen ass.

Da par Rapport zu der Madamm Erpelding fir ofzeschléissen. Wéi gesot, ech mengen Dir hutt d'Co-Locatioun ugeschwat. Ech mengen ech sinn drop agaangen, wéi d'Situatioun de Moment ass. Et wier eis ganz geneem gewiescht, wann de Ministère eis dat net erausgeholl hätt aus eisem Dokument. Fazit ass, och wa mer et och kéinten décidieren, mer loosse et dran, spéitstens wann et an de Ministère geet, gëtt et erëm erausgeheit. Dofir ass awer eng Ouverture

ganz kloer hei, fir och ze kucken, wéi déi doten Diskussioun evoluéiert, och um nationale Plang iwwert eng national Gesetzgebung, dass een dat och soll am A behalen. Sou wéi een och d'Diskussioun am weideren A behält ronderëm d'Densitéit. Do verschléisst ee sech net. Op deene Plazen, wou et méiglech ass a wou et och Sënn mécht - ech hunn dat schonn eng Kéier gesot - do wou et och agebett ka sinn a wou et sech och abett an déi bestoend Quartieren, déi ronderëm sinn, mengen ech dass ee sech sou enger Diskussioun net verschléist.

An nach eng Kéier fir ofzeronnen ronderëm d'Mobilitéit, et ass vun autofräie Quartiere geschwat ginn, ronderëm Neischmelz a ronderëm A Bëlleg. Et gëtt ëmmer vum Quartier vum Lampertsbiërg geschwat. D'Claudia mécht haut d'Ekonomie fir nach eng Kéier drop anzegoen, well et ass scho méi wéi eng Kéier drop agaangen an et ginn och scho genuch Zeitungsartikelen an alle Lëtzebuurger Zeitungen, déi ganz kloer weisen, dass dat zwar e Modell ass, deen affichéiert gëtt politesch, mee dass et e Modell ass, deen an der Praxis net fonctionéiert. Och dat ass eng Realitéit téschent dem Usproch an der Praxis, mee dat weist awer och, dass mer hei am Land téschent Usproch a Realitéit nach wäit eweg sinn. Awer och ganz bei lech, wat natierlech d'Verbesserung vum ëffentlechen Transport ugeet. Vlächht hu mir eis falsch verstanen, wat dat zweet Gleis ugeet. Dat zweet Gleis ass sécherlech virgesinn an et ass och en Acquis, och säitens vun de CFL téschent Diddeleng a Beetebuërg, oder Beetebuërg an Diddeleng. Mee fir dass dat kann emgesat ginn, muss fir d'éischt de Projet "Lëtzebuërg-Beetebuërg" emgesat ginn. Dat heescht also sou, dass elo deen heite Projet hypotheekéiert ass. En ass héchstens an der Zäit e bëssen no hanne geréckelt, mee d'Ausrichtung en tant que tel besteet. Dëst gesot hunn ech probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen hei am Kader vun de verschiddene Fraktiounen am Kader vun hire Stellungname ronderëm de PAG. An d'Claudia wëll...

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP SCHÄFFIN): Jo, well ech net sécher sinn... D'Thessy Erpelding war, mengen ech, do nach guer net am Gemengerot, wou ech dat all Kéiers hei opgeworf hunn, mee ech wäert et bestëmmt nach e puer Mol mussen hei soen. Mee et ass just als Erklärung. Déi aner hunn et schonn e puer Mol héieren. Et ass esou, dass effektiv deen autofräie Quartier wou der geschwat hutt um Lampertsbiërg esou geplangt gouf, an dat Ganzt ass awer ënnerhielecht, well déi Leit natierlech dann awer Autoen hunn an dann an d'Nopechstroossen, Garagen, respektiv Parkplaze léine ginn. Ech sichen den Artikel och gären eng Kéier eraus an ech loossen lech en zoukommen. Mee da wësst Der, firwat de Buergermeeschter lo grad gesot huet, ech hätt dat e puer Mol schonn hei opgeworf.

Ech profitéieren awer och well ech d'Wuert hunn: D'Madamm Bodry-Kohn sot virdrun, ech hätt mech ganz dacks hei midd gemaach, fir op verschidde Saachen anzegoen, virun allem déi Saachen, déi d'CSV och

haut erëm a punkto Mobilitéit opgeworf huet. A wann ech soen, ech hu mech hei midd gemaach, dann hunn ech mech net eleng hei midd gemaach, mee och eisen Expert, de Romain Molitor, deem ee jo elo bestëmmt keng politesch Couleur kann virwerfen, ass hei ganz dacks drop agaangen an huet lech erkläert, firwat verschidde Saache méiglech sinn, firwat verschidde Saache net méiglech sinn, firwat verschidde Saachen esou am PAG stinn, wéi se sinn. Eigentlech sinn ech guer net méi iwwerrascht iwwert déi Hallefwouerechten an iwwert déi Polemik, déi hei gemaach gëtt, well et ass net déi éischte Kéier an et wäert sécherlech och net déi leschte Kéier sinn.

Ech sinn och sécher, an ech mengen d'Madamm Bodry sot dat och schonn: Et ass net esou, datt Dir dat intellektuell net verstitt. Dir verstitt dat ganz gutt. Mee et ass puere schlechte Wëllen. An ech muss lech ganz éierlech soen: Bei esou engem wichtege Vott wéi dem PAG loossen ech mech net op déi dote Polemik an. An ech mengen op déi méi konstruktiv Virschléi ass de Buergermeeschter schonn agaangen. Déi aner Erklärung hunn ech ginn a Konstruktives ass ëmmer wëllkomm. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Voilà, da mengen ech wieren d'Diskussiounen hei ofgeschloss. Am Kader vun de Stellungnamen an effektiv och en Fonctioun vun der Intention de Vott, ginn ech jo dovun aus dass mer dann net brauchen e separate Vott ze huelen, mee dass mer da kënnen en Bloc ofstëmmen. Dat ass einfach elo wichteg par Rapport zu der Prozedur, well mer jo elo siwe Votte mussen och virhuelen, sou dass mer en Bloc kënnen ofstëmmen. Et ass wichteg fir eis, fir de Patrick an de Claude, well déi jo dat och musse suivéieren a festhalen, och fir eis Déliberatioun, dass dat awer och esou ass, wéi et soll sinn. Dass dat och richtig hei festgehale gëtt. Dat heescht, mir hu jo siwe Votte virzehuelen.

Dat heescht den éischten Vott, dat ass also wéi gesot, beim PAG, da sinn déi Elementer vum Avis vun der Commission d'Aménagement vum Intérieur vum 27.01.2021. **Wien ass mat där Propos vum Schäfferot averstane, fir dat an de PAG anzuschreiwen? Wien ass do dofir? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP, vun deene Gréngen, vum onofhängege Member a vun deene Lénken. Villmools Merci. Dat hutt Der esou aktéiert? Jo. Da kommen ech op den zweete Punkt: Wien ass mat der Propose averstane? D'CSV enthält sech.**

Da komme mer op den zweete Vott: D'Propose vum Schäfferot vun Elementer vum Avis vum Ëmweltministère vum 08.10.2020 um Niveau vum PAG. **Wien ass mat deenen Elementer averstanen? Dat ass och Déi Gréng, LSAP, eisen onofhängege Member an déi Lénk. Wien enthält sech? D'CSV. Merci.**

Da bleiwe mer beim PAP Quartier existant: Den Avis vun der Cellule d'Évaluation vum Ministère de l'Intérieur vum 01.02.2021.

Wien ass mat deenen Elementer, déi mer eranhuelen als Schäfferot an de PAP Quartier existant domadder averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun deene Gréngen, d'LSAP an eisen onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV an Déi Lénk.

Da komme mer op d'Reklamatioune vun de Bierger par Rapport zum PAG an zum PAP Quartier existant. Also d'Reklamatioun, dat sinn d'Reklamatioune déi mer kritt hu vun den Diddelenger Biergerinnen a Bierger. Wat mer do vu Reklamatioune zréckbehalen hunn, dat war jo 2/3. **Wien ass mat där Proposition vum Schäfferot averstanen? Déi Gréng, d'LSAP, den onofhängege Member an Déi Lénk. Wien enthält sech? D'CSV.**

Da stëmme mer of iwwert d'Partie écrite a graphique vum neie PAG. Wien ass domadder averstanen? **Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP an den onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat sinn Déi Gréng, Déi Lénk an d'CSV.** Merci.

Da maache mer de selwechten Exercice mam PAP Quartier existant, partie écrite et graphique. **Wien ass domadder averstanen? Dat ass och d'LSAP an den onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat sinn Déi Gréng, Déi Lénk an d'CSV.**

An dann de leschte Vott: Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites, also klassescht Bautereglement. **Wien ass mat deem averstanen? Dat sinn d'Stëmme och vun der LSAP, onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat sinn dann Déi Gréng, Déi Lénk a wéi gesot d'CSV.**

Dann hu mer déi siwe Votten elo hei gedictegt. Loosse mer dat dann och dem Intérieur zoukommen. Dann hätte mer elo deen heite Volet ofgeschloss.



2. APPROBATION VUN DEM BAUPROJET FIR NEI INSTALLATIONNE FIR DE SERVICE DE LA GESTION ET DU MAINTIEN DU PATRIMOINE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da musse mer nach zu engem Punkt kommen. Lo hunn ech awer meng Dokumenter verdoen. Dat ass, well ech de genaue Montant elo net méi am Kapp hunn... Mer haten d'leschte Kéier - den zweete Vott, dee mer haut musse virhuelen - d'Präsentatioun an d'Diskussion ronderëm de Bau vun den neie Regie-Betriber. Do hate mer jo gesot, mer géifen de Vott vun haut vertagen, nodeems mer hei d'Präsentatioun an d'Diskussion haten. Et muss awer formell de Vott haut hei huelen, fir dass natierlech och d'Servicer da kënnen och déi néideg Ausschreiwunge maachen an och dat a budgetiséiere fir 2022. Dofir géif ech dann hei froen: **Wien ass mat deem doten Neibau averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun deene Gréngen, der LSAP, der CSV an dem onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat sinn dann Déi Lénk.**

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Dierf ech dat an engem Saz begrënnen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Natierlech, därf een.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Et ass einfach sou, dass mir fannen, dass nach wéi vor, wéi ech d'leschte Kéier scho gesot hunn, souwuel de Budget wéi och de Zäitplang einfach net détailléiert genuch ass. Merci

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Da wäere mer zum Schluss vun dëser Gemeengerotssitzung ukomm. Ech soen dem Chantal Zeyen, dem Jean Brodeur, dem Tom Bernand, dem Cathy Mambourg an dem Eva Gottschalk Merci fir hir Präsenz haut de Mëtten an och hir Assistenz an och hir Erklärungen an och hir Präsentatioune. Et war e laangen Nomëtten. Mir hu gutt geschafft. Dofir lech all-egueren nach eng Kéier Merci a mir gesinn eis erëm de Freiden no der Allerhellegenvakanz. Do hu mer de reguläre Gemengerot. Villmools Merci an e schéine Reschtowend.



#
jourde
marché

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

